


# EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 13 / Nei Folleg / XIX. Jor / 1981

Wat dran as:

***	Gléckwënsch	
Emil Schmit:	10 Joër Actioun Lëtzebuergesch	1
J. P. Rollinger:	E Kand	9
Henri Muller:	Den Eed vum Hippokrat	10
Heng Rinnen:	En éischten Zeien	11
...tz:	Déi al Buurg	16
J. P. Rollinger:	E Liewen	16
Jhemp Biver:	Um Holzwee oder Lëtzebuergesch Gaasse-, Wee- a Stroossennimm	
	zou Bieles, Zolwer a Suessem	17
Jos Berrens:	Hierscht	24
Néckel Bach:	Elchert 1637	24
hr:	Sprooch	24
C. W.:	D'Beddelschnidder	25
René Kartheiser:	Dat neit Gebëss – D'Geessen	28
...:	Kannerspréchelcher	29
Marcel Lamy:	Concert um Plëssdarem – Wanter	30
Jean Milmeister:	D'Veianer Schlass as erëm opgebaut	31
E. S.:	De Misu	34
...:	Schlofliddchen – fir ze buschtawéieren	36
g. m.:	D'Jousefsbestiednës	37
Jean Milmeister:	Dem Karel säi Kuddelfleck	38
Chr. Clement:	Schlofliddchen – Den Dag as ënnerwee	
	Op d'Brems gedréckt	39
G. M.:	Am Summer – Wanter	39
CHAMA:	Eiwege Verdéngscht – U mäi Mann	40, 41
Guy Schrobiltgen:	Looss se schnëssen	42
robert siuda:	lwwer d'Wourécht	42
Claude Mangen:	Wanterowend – Fréier – Léift – Du	43
Franz Schwab:	Historesch Insingnen	
	vun der St.-Anna-Brudderschaaft	44
Jhemp Kirchen:	E bësse Léift	46
robert siuda:	De Renert a säi Kolleg virum Gerichtsgebai (vun den Déieren)	47
geori:	An der Salle d'attente beim Nuesendokter	47
Claudine Reichling:	Eng lëtzebuergesch Hochzäit	48
hr:	Viru ...	49
hr:	Nei Bicher	50
hr:	Notizen	51
Laure Wolter:	Theater-Saison 1980/81	53
R. Lugen:	Réitsel	56



## *Eis allerbescht Wënsch*

*den Elteren an deem klengen  
Guillaume*

*de Fiancéierten:*

*Marie-Astrid a  
Christian v. Habsburg-Lothringen  
(9.11.1981)*

*Margaretha a  
Nikolaus v. Liechtenstein  
(8.12.1981)*



# 10 Joër Actioun Lëtzebuergesch

Et gët rose wéineg Veräiner, oder Verengongen, déi, wann se 10 Joër bestin, dat net feieren.

De Comité vun der AL konnt sech awer net och nëmmen zu dem klengsten Opzock entschléissen, vläicht war dat e Feler, an d'Géigner vun eiser Actioun gesinn et un als Zeeche vu Schwaachheet.

D'AL as och net d'Wierk vun enger eenzelner Persoun, mat deër se leeft a stierft, wéi dat dësen an dee schons emol geduecht, d'AL as vun Ufank un de Produkt vun enger Equipe, an déi Equipe huet zéng Joër laang geroost a gewuddert, 't sin emol Leit ewechgefall, aner si bëikomm, an esou geet et wuel och virun.

Et soll och kee mengen, de Comité géing ëmmer nëmmen an Optimissem schwammen, oder hätt dat gemaach, neen, mir hun och schons vill batter Déceptiounne misse schlécken a kréien der bestëmmt och nach virun, mä wéi sot de Churchill am Krich: »England kann nach esou vill Schluechte verléieren, de Krich gewënnt et dach!«

Opweises hu mer och schons méi, wéi munnech Skeptiker an éiweg Pessimisten et jee fir méiglech gehalen hätten, ech kommen am Eenzelen herno dorobber zrëck. Alles soll schéin der Rei no goën, a well dacks vill Leit och schons gefrot hun, wéi am Fong d'Verengong entstan as, soll domadde fir d'éischt och ugefaange gin.

\* \* \*

1970, jo, 't as esou, du hate sech Leit getraff, op zwou verschidde Plazen, a bal zu gläicher Zäit. Kannt hu se sech zum Deel och net, a keng Säit woussst och eppes vun deër anerer. Et ware Leit, déi net méi driwwer ewech kucke konnten, datt eis Hemechtssprooch, 1941 vum Lëtzeburger Vollek op den Troun gehuewen, nees méi a méi bei der grousser, sater an zerfriddener Mass, grad ewéi och bei den Autoritéiten, vergiess an zum Stoussnéckel gouf. Vun e puer Gedichter ofgesin, war dat geschriwwent Lëtzebuergesch an alle Publikatiounen an Zeitungen nees rar gin, esou rar wéi och déi, déi revoltéiert hun, wann et hinnen emol dach ze bont as gin.

Esou en Opmuksen am Joër 1970 hat dann awer dach eng Kéier säi Gutts, wann een et esou nenne wëllt. Wat war geschitt?

Den Här Charel Malané vu Bouneweg war an engem Zeitungsartikel, wéi schons emol virdrun,

esou richtig nees eng Kéier aus der Haut gefuer, a séng Wieder waren dobäi och nach am richtigen Ablack op der richteger Plaz op e gudde Buedem gefall, an esou krut en eenzock e Brëifchen, via Zeitungsredaktioun. A wien den Här Malané kennt, dee weess, datt et dun och net méi laang konnt daueren, an datt e Rendez-vous (mam Schreier vun dësem Réckbléck) da fälleg war.

En drëtte begeeschterte Frënd vun der Sprooch war net friem, an um Belair huet den Trio Lucien Ludwig, Charel Malané an Emil Schmit sech da fond...

Wéi schons ufanks gesot, war et wuel bal zu deër selwechter Zäit, op enger anerer Plaz, dann zu engem zwete Kontakt nach komm. Och beim Här Aloyse Raths vu Bouneweg koun déi Zäit d'Dëppen un d'Iwwerlafen, a vill Méi huet et hien dun och net kascht an engem Gespréich den Här Jhemp Bertrand vu Mënsbech z'iwwerzeggen, datt et esou net méi viru goë kënn, datt eppes gemaach misst gin!

Wëllt een et elo Zoufall nennen oder wéi, mä d'Lous wollt et, datt e bëssen drop den Här Malané de Wee an den CNR bei den Här Raths getréppelt as. Ee Wuert huet dann dat anert ergin an d'Iddi vun engem Actiounscomité war dol

1971 Den 11. Januar 1971 koumen d'Häre Bertrand, Malané a Raths eng éischte Kéier zesummen. Si ware sech séier eens an ouni ze zécken as gehandelt gin. Als éischt Actioun gouf eng Lëscht opgestallt, mat alle bekannten an intresséierte Leit drop, déi direkt ze kontaktéiere wären.

Den 29. Januar 71 goug en Zirkulär och schons un déi Leit. Et géif ze wäit feieren, fir den Text dervun hei ze bréngen, mä déi Argumenter, déi do opgefouert goufen, déi gëllen och haut nach ëmmer, no méi wéi 10 Joër...

De 5. Februar 1971 war et dann esou wäit. Am Konferenzsall vum CNR, op Numero 2 an der Dicks-Strooss zu Lëtzebuerg, koumen zesummen:

Atten Alain, Bertrand Jhemp, Faber René, Paschtouer Jos Gevelinger, Kartheiser René, Ludwig Lucien, Malané Charles, Raths Aloyse, Paschtouer Arthur Reckinger (haut Dechen), Rinnen Heng, Roth Lex, Schmit Emil, Dr. Schroeder Metty, Steinberg Félix an Unden Lily.



Entschëllegt hate sech dräi Leit an nët op d'Invitatioun geäntwert hate 6 Stéck.

Den Här Raths huet de Virsätz iwwerholl an e klengen Emrëss gemaach vun all dem wat ënnerholl misst gin.

Noenaner sin dann all Kloën an Iddiën diskutéiert gin, an et waren der esou vill, datt, fir en uerdentlechen Iwwerbléck an Ufank ze kréien, eng zweet Versammlung schons 10 Deg drop huet misse gehale gin.

Fir de 15.2.71 goufen dann awer nëmme méi déi Leit geruff, déi de 5.2.71 do waren, resp. sech entschëllegt haten, derbäi nach zwee nei Intrésséiert, den Här Camille Goedert an den Här Robert Philippe.

Virdrun, den 8ten an de 9te Februar war awer schons e Gespréich um ronnen Dësch vu Radio Lëtzebuerg iwwerdroë gin, tëschent den Häre Nik Weber, Jhemp Bertrand, Charel Malané, Aloyse Raths an Heng Rinnen, iwwert déi geplangte Grënnung vun eiser Actioun.

Och déi éischt Artikelen an der Press haten d'Leit lauschtere gedon, mä alles war déi Zäit nach zimlech duercherneen an onkloer.

Uerdnung awer huet misse sin, an dofir gouf de 15.2.71 e.a. dann och schons e provisoresche Comité gewielt: Präsident: Heng Rinnen, Sekretär: Charel Malané. Als Keessiee koum den Här René Faber eréischt den 19.4.71 derzou, wéi mer Geld hu missen hun.

De Comité selwer as an dräi Aarbechtskommissionen agedeelt gin, fir méi séier all déi Problemen an Ugrëff kënnen ze huelen, déi als éischt uviséiert waren:

d'Iëtzebuergesch an der Schoul,  
d'Iëtzebuergesch an der Kiirch,  
d'Iëtzebuergesch am Dagdeeglechen.

Och den Numm vun der Verenegung as schons de 15. Februar gewielt gin:

### Actioun Lëtzebuergesch.

Mir waren domadden eppes gin, mir haten e Comité an en Numm, mir haten Aarbecht a Kéip virun äis, un déi mer mat ganz, ganz vill Begeschterung eru wollten, an déi meescht vun äis hu gemengt, de Rescht géif sech séier weisen, kéim vum selwen...

Eise provisoresche Comité war also lassgelooss a goung am grouss Gank un alles eru. Eleng am März 71 koum en dräimol am CNR zesummen.

Provisoresch Statuten hu missen ausgeschafft gin, de Financement vun den Actiounen war z'iwwerleën, laang a breet as iwwert eng Hallewull vu Virschléi diskutéiert gin, besonnesch wat fir d'éischt gemaach a wéi et ugepaakt misst gin, dat alles as ëmmer an ëmmer nees op d'Tapéit do komm.

Bis de Juni war d'Situatioun dann awer engermoosse kloer, a well, nieft der politescher a reliéiser Neutralitéit, och d'Onofhängegkeet vun allen aneren Organisatiounen betount sollt gin, waren d'äerbants d'Sëtzunge vum Comité aus dem CNR eraus an an de Café Josy Mersch op de Plësedarm verluegt gin.

Am März war och schons ofgestëmmt gin, wat fir eng Schreifweis definitiv geholl sollt gin, fir datt dee Sträit ee fir allemol aus der Welt geschafe wär. Den Entschëdd hat ergin:

Fir d'Schreifweis vu 1946 (Margue - Feltes): 1 Stëmm (Lucien Ludwig).

Fir d'Schreifweis vum Dictionär (déi spéider, den 10.10.75, no vill Klengaarbecht a Schupsen duerch d'AL, officialiséiert gouf): 8 Stëmmen (d'Joffer Lily Unden, d'Häre René Faber, Aloyse Raths, Dechen Arthur Reckinger, Heng Rinnen, Lex Roth, Emil Schmit a Félix Steinberg).

D'Häre Charel Malané a Robert Philippe hate sech nët konnen entschléissen.

Et gouf duerno awer festgehal, datt, wann den Intréssi fir eis Sprooch méi allgemeng emol wär an eng Ännerong sech nët ze uerg géif auswiirken, och emol iwwert Verbesserunge geschwat kënn gin (wéi z.B. d'Klengschreiwe vum Substantif...).

\* \* \*

Bréiwer waren an där Zäit och schons geschéckt gin a verschidde Ministären, Verwaltungen, an an de Bistum.

En Opruff an den Zeitungen hat déi éischt Membre bruecht, an d'Aussicht op eng onerwaart finanziell Stäip, op déi ech spéider zrëckkommen, hat äis vill Suerge geholl a mat erlaabt un d'Editioun vun enger propperer lëtzebuergescher Zäitschrëft ze denken.

\* \* \*

De ganze Comité war méi oder manner bal ëmmer an iwwerall um Dill, déi ufanks geschaffen Aarbechtskommissionen koumen doerduerch nët esou richteg op ege Féiss, deels awer



och well mer ëmmer hu missen a Wiirtshaiser zesumme kommen. wou e rouegen Eck bal nët ze fanne war. Am Laf vun 1973 as déi Andelung leider dann och ënnergaang, dat war schued an e ganz grouss Feler, an dat huet d'Majoritéit am Comité och eréischt 1980 esou richtig agesinn. Dat war, wéi dun op en Neis an déi Kéier awer fir zerguttst, eng staark Kommissioun (zesumme mat anere Veräiner an Organisatiounen) huet missen an d'Liewe geruff gin, fir d'Onzefriddenheet vu ville Leit am ganze Land ze zessen: d'Kommissioun »Lëtzebuergesch an der Kiirch«!

Enges Daags, a schons vläicht geschwënn, komme mer nët derlaanscht, fir och nach aner esou Kommissiounen nees ze forméieren, well déi, déi eis Saach nët wëlle verstoen, sin zéi; si sëtzen derbäi op gudden a beschte Plazen, an all Mëttele sin hinne recht fir eis Saach och nëmme lächerlech ze man, well si wëssen, d'Lächerlechkeet mécht futti!

\* \* \*

Déi éischt Hauptversammlung vun der AL war dann de 27. November 1971, am Sall vum Pôle-Nord zu Lëtzebuerg.

E Véirel vun eise 400 Membre war do, an dat nët nëmmen aus Virwëtz. En definitive Comité gouf gewielt mam Här Lex Roth als Prääsident. Den Här Ludwig huet an engem noble Geste der AL d'Fonge vun der fréierer Verenegong »Eis Sprooch« zougese, ronn 34 000 Frang, dëst awer mat der Oplo, datt d'Zäitschrëft vun der AL den Numm »Eis Sprooch\*« misst kréien. »Eis Sprooch« as dono opgeléist gin. De Programm, deen a groussen Emrëss schons an de Sëtzunge vum provisoiresche Comité opgestallt gi war, gouf ugehall.

Wat war deemols schons drop?

Eis Sprooch an der Schoul an an der Kiirch, lëtzebuergesch Stroossen- an Uertschaftsnimm, lëtzebuergesch Kännercher bei der Post, Lëtzebuergesch op eise Geldschäiner a Mënzen, Lëtzebuergesch Owenter, Stäipe fir eis Dichter, lëtzebuergesch Annoncen a Reklammen, e Lëtzebuergesch Haus, Ausstellungen, asv.

\* \* \*

## 1972-1981

Wat hu mer an dëse Joëren da geschafft, wat hu mer Opweises?

Et as nët lücht haut doëriwwer ze schreiwen. Et si jo wuel Kopie vun den Haptsaache gemaach gin, mä si sin nët op enger Plaz eleng nozekucken, well mer och haut ëmmer nach kee feste Büro hun.

Am CNR an der Dicks-Strooss waren d'Grëndung an déi éischt Aussproochen, am Café Josy Mersch, am »Pôle-Nord« a wou nach, hate mer eng gutt Zäitchen dann eis Sëtzungen, 't war e richtige »Wanderzirkus«, a jiddereen huet ëmmer »säi« Büro an der Täsche misse mat erëmschlefen.

Eng kleng Freed an Erliichterung krute mer de Februar 1973 vum Här Staatsminister Pierre Werner, an dat war d'Recht owes eis Sëtzungen an e Sall vun der »ziviler Protection« op Belair dueren halen ze gon. Dat war fir äis schons vill, och wann et nach kee Büro war, och wa mer do näischt richtig auspaken, schaffen a leie losse konnten, och wa mer nët konnte kommen a goë wéini a wéi mer wollten.

All déi Joëren duerch a bis haut, as dofir och viru gesicht a geheescht gin, beim Stat, bei der Gemeng Lëtzebuerg, vill Virschléi si gemat gin, vill Versprieche hu mer kritt, an ëmmer hu mer bal eppes gehat, a fort war et gläich drop dann nees. Och eisen ufanks 1981 esou grouss ugekënnegten »definitive« Büro op Numero 5 am Bredewee, hu mer no e puer Méint nees opgesot kritt, a mir sin de Bierg of op de Numero 21 verwise gin..., fir wéi laang? Mat wellechen Aschränkungen a Bedingungen?

Vill kleng Veräiner, an esouguer munnech ausländesch Verenegongen, hun esou Konditiounen ni kannt...

Mä losse mer op eist Wudderen zréckkommen, an op dat wat mer bis haut erreicht hun.

Dat éischt Joër hate mer et besonnesch schwéier, esouguer fir nëmmen eescht geholl ze gin. Eis Kontakten an Ufroën hun äis wuel eng Parti frëndlech Äntwerten deemols bruecht, wou mer och Sympathien ausgedréckt kritt hun, op Plaze si mer awer och einfach vergiess gin.

Gewiicht hu mer dat Joër dofir och op d'Publissitéit misse leën. E.a. gouf dann och en Zirkulär un all Deputéiert an un d'Gemengeréit am ganze Land geschéckt. Mir hu misse betounen, datt mer keng Politik géife man, datt mer keng extra

\* 1952 gegrënnt - Comité: Isi Comes, M. Hever, Ferd. Gremling, Hary Trauffer, Nic. Platschette; huet bis 1962 d'Zäitschrëft »Eis Sprooch« crausgin; gouf 1971 opgeléist.



Patriote wëllte sin, datt mer keng aner Sprooch géinge verstoussen, datt mer eis Sprooch awer nët wëllten ënnergoë loossen, datt se, eng Kéier fort, nët méi noggoss a restauréiert kënnt gin ewéi eng al Tak oder e Kolonnenuewen ...!

Dat hat gewiirkt, an aus léiwe Wieder a Sympathie sin op Plaze méi konkret Versprieche gin.

## Wat hu mer am Eenzelen erreecht?

### 1) Eis Sprooch an der Schoul:

D'Lëtzebuergesch an der Schoul loug äis vun Ufank u ganz béis um Mo, an nët nëmmen e bëssen huet sech de Comité dofir och direkt agsat, datt endlech nees e lëtzebuergesch Schoulbuch eraus kéim. Ouni Diskussioun war do eise Präsident, den Här Roth, ëmmer an iwwerall zegläch um Dill. Als Schoulmann war hien do jo och »op senger Mëscht«! Bréiwer si gaang a si kumm, vill Weën an Trape si getréppelt gin ...

1973/74 war dann endlech en éischte Punkt erreecht, an dat neit lëtzebuergesch Schoulbuch fir de Primärunterricht koom eraus, eis Sprooch war nees um Programm an hat hir Plaz op der Zensur och kritt.

An am postprimäre Schoulwiesen?

Do war eis Sprooch wuel schons zënter 1946 um Programm vun der ënneschter Klass vum Koléisch, mä, wéi gesot, si war um Programm ... an am Joër 1974, op villt Biddelen a Bieden hin, koom dann endlech och fir d'Mëttschoulen déi offiziell Recommandatioun, datt d'Lëtzebuergesch och elo do era geholl sollt gin ...

Fir vill och haut awer ëmmer nach nëmmen eng Formsach, fir vill, ... a wéi laang nach?

Averstan, mir wëssen och, d'Léierpersonal huet et meescht selwer schwéier an nët vill Anung vun der Ortografi. Mir haten dat dem zoustänneg Minister dofir 1974 schons geschriwwen, an eise Präsident hat duerno och zu Walfer am »Institut Pédagogique« d'Klensche gedréckt, mä bis ewell huet offiziell nach néierens vill géännert. An d'Studente selwer, déi 1978 am »Institut« opgemuckst haten, konnten do näischt errechen. Eréischt 1980 hun et Sympathisante vun eiser Sprooch fäerdeg bruecht, datt am »Institut« éischt Couren als Optiounsfach ze kréie waren, en décke Merci si mer denen dofir schëlleg, weini awer kommen déi obligatoresch Coure fir d'Ortografi? E Punkt, wou mer also ëmmer nach nees derhannert goë mussen ... an e

laange, ganz laange Wee läit och dann ëmmer nach virun äis, bis datt et an eise Schoule klappt, esou wéi et sollt sin!

\* \* \*

### 2) Eis Sprooch an der Kiirch

Eis Sprooch as vu jehir beim Bieden, an der Kiirch, bei alle reliéise Manifestatiounen, souzesoë bal ëmmer nach verstouss gewiescht. Dat hat blesséiert an deet och haut nach wéi, esou wéi, datt et Leit gët, déi duerfir nët méi an d'Kiirch gin.

Nach éier d'AL bestoung, hate Leit am Bistum schons reklaméiert, an och eng gutt Parti geeschtlech Häre waren nët méi averstan.

D'AL war dann och vum éischen Dag un do a vollem Asaz. Et si Bréiwer geschriwwen gin an de Bistum, un d'Synod, an eng Delegatioun goug bei den Här Bëschof. Mir hate vill Versteesdèmes fond, mä och den Här Bëschof konnt a kann näischt eleng bestëmmen. Ëmmer an ëmmer as vun äis aus d'Fro gestallt gin, a gët och nach gestallt: Firwat soll nët alles op Lëtzebuergesch iwwersat gin, wou et jo méiglech as, och an Negerdialekten z'iwwersetzen, déi manner Ausdrocksméiglechketen hu wéi mir?

Lues a lues as d'Äis dann awer gebrach. Et koom noënen eng Parti Texter eraus fir d'Bestietnes, d'Begriefnes asv., spéider och de Kanon, mä dat goug äis nët duer, a mir woussten och näischt méi z'äntweren op all déi Kloë vu glewege Lëtzeburger, zemools et och nach op Plazen e puer Geeschtlech gouf an haut ëmmer nach gët, déi **all Lëtzebuergesch** verleechenen!

1980 goug et nët méi anescht, an zesumme mat en etlech geeschtlech Härren, a gestäipt vun enger Parti vu groussen Organisatiounen, as vun der AL eng nei Kommissioun »Lëtzebuergesch an der Kiirch« an d'Liewe geruff gin. D'Präsidentschaft hat den Här Professor René Wirtz spontan iwwerholl, dee bis haut mat vill Geschéck an ouni midd ze gin, déi Laascht gedroën huet an ëmmer nach dréit.

Vill Gebieder a Masstexter si bis ewell erduerch geholl gin, zu engem gudden Deel zesumme mam Bistum, vertrat duerch den Här Generalvikar M. Schiltz.

Am Abréll 1981 hate mer d'Rousekranzgebieder nët nëmme fäerdeg, mä och ugeholl kritt, a fir s'ënner d'Leit ze bréngen, koumen se nët nëm-



men an d'Zeitungen, mä och op dausende vu Biller an d'Oktav.

Och eng Parti Masstexter stin ewell virum leschten Tëppelchen, mir drécken op en Enn zou, schued nëmmen, datt et ëmmer an ëmmer nach nees schleeft, bis datt och an der liturgescher Kommissioun den Amen nokënnt ...

Mir denken awer, datt e gudden Ofschloss nët méi all ze fären as, an da wëlle mer eng komplett Mass (mat vertounte Lidder) a Form vun engem Bichelche publizéieren.

\* \* \*

### 3) Eis Stroossen- an Uertschaftsnimm, mä awer och eis Flouernimm!

Wéivill Bréiwer an Zirkulären an dësen Uleiësse geschriwwen goufen, wéivill schons geschwat a gefrot gin as, vu 1971 bis dëst Joër, as och nët opzezielen. Am grouse Ganze kann een awer soen, datt mer op dësem Gebitt mat am meeschten Erfolleg haten.

T huet wuel bis Mëtt 1973 gedauert, bis et am Ministär vum Stroossebau un d'Bréckele koum, mä d'Joër drop war et dann definitiv: Mir kruten d'ministeriel Zouso, datt der Rei no, esou wéi nei Stroosseschëlter opgehaange géifen, d'lëtzebuergesch Uertschaftsnimm a kursiver Schrëft bei déi franséisch kéimen!

Dat as dann op enger gudder Parti Plaze bis haut och geschitt, ufanks wuel méi séier, a leschter Zäit nët méi grad esou. Mir mussen dofir bei Geleënheet nach eng Kéier do drop zrëckkommen, och wat d'Schreifweis ugeet. Verschidde Nimm sin nët grad ewéi se sollten, mä dat as nët ëmmer d'Schold vun der Verwaltung. Och eis Leit, déi gehollef hun, droën e bësse mat drun, mä wien näischt mécht, deen näischt brécht, a fir gutt a besser ze man, as och ëmmer nach Zäit. Iwrengs, an do muss mer nach derhannert goën: Vun »uewen erof« muss emol eng definitiv an offiziell Schreifweis vun eisen Uertschaftsnimm festgeluegt gin!

\* \* \*

Un all eis Gemengen am Land hate mer ufanks 1976 dann och en Zirkulär geschéckt, wéinst de **Stroossennimm**. Vill Fenzelactiounen waren awer schons virdrun, a vill kommen der nach no an huelen esou bal keen Enn. Huet een 1975 nach souzesoen iwwerall gemengt, 't wär een a franséischen Uertschaften, dann as et haut awer nët méi grad esou. An en etlech Dierfer sin esou-

guer nëmme méi lëtzebuergesch Nimm (e Bravo fir déi Gemengen), aner hun op kleng Schëltercher déi al lëtzebuergesch Nimm ënnert déi »offiziell« ghaang (och fir si e Merci), op Plazen awer koum et leider och zu bossege Mëschungen, do wou virun e lëtzebuergesch Numm »Rue« oder »Chemin« onbedéngt huet misse kommen, aplaz »Strooss«, »Gaass« oder »Wee« ...

Vill bleift do also nach fir äis ze man, ze beroden, ze hëllefen, ze verbesseren (kuckt ewou Gass, Stros, Stróss, asv. steet), an all Mëmber kënnt a sollt äis do a sénger Uertschaft stäipen.

\* \* \*

A well elo d'Stroossennimm un der Rei waren, mussen d'**Flouernimm** an engens op den Dësch. D'Flouernimm gin a leschter Zäit méi a méi jo geholl, an dat mat Recht, fir de Stroossen hir Nimm ze gin. Leider awer sin déi meescht vun eise Flouer- oder Kadasternimm viru méi wéi honnert Joër vu landfrieme Beamte verdäitscht gin. De Wee zrëck op lëtzebuergesch gouf bis haut awer nach nët fond, an esou begéine mer (nach eng Kéier »leider«), op munneche Stroosseschëlter z.B. »Im Thälchen«, oder »In der Gewinn«, oder »Kohlenberg«, asw.

Och do hu mer schons virun Zäiten ugeklappt, e.a. och am Kadaster, mir hun och Recht kritt, mä wou a wéi a wie mécht den Ufank, an de ganze Quascht mat der Aarbecht?

Mir bleiwen derhannert an ech mengen, wa mer et vläicht géifen errechen, datt an all Gemeng e puer Leit sech géingen dru gin (vun der Gemeng eventuell ugestallt), da wär d'Leisung fond an am Kadaster géif wuel och nët neen derzou gewénkt ...

\* \* \*

### 4) Eis Sprooch am Tëlfonsbuch an op eise Käppercher!

Ech wëllt et méi kuerz hei man: Vum Juni 1971 un as do gefrot a geschriwwen gin. Bréiwer, déi nët ze ziele sin, goungen an där Zäit un d'Postministere vun dräi Regirongen, un de Postdirekter, a wat as bis ewell erreecht gin?

D'lëtzebuergesch Uertschaftsnimm koume wuel vir an d'Tëlfonsbuch, ëmgekiert wéi vun äis geduecht, also virun déi franséisch, a mat enger Opfuhrderung, nëmmen déi »offiziell« (also friem) Uertschaftsnimm bei den Adressen ze huelen ...! duerzou hei elo kee Kommentär ...

Et koumen dann och e puer Käppercher op eise Wonsch hin eraus, wéi z.B. den Timber vum Méchel Rodange (»de Fuuss am Frack«), wou op Lëtzebuergesch also e puer Wuert drop koumen, mä eise ganz grouss Wonsch as äis nach bis haut nët erfëllt gin, e gouf a gët ëmmer an ëmmer nach vum Här Postdirekter verworf. Mir hate gefrot, wat vill Lëtzebuurger gäre geséichen, a wat eis Sprooch och am Ausland géif beweisen, datt ausser »Luxembourg« och »Lëtzebuerg« sollt drop kommen! Mir stéingen domat jo nët eleng op der Welt, vill asiatesch, arabesch an afrikanesch Länner hun hire Numm zweesproochg op hire Käppercher, nët ze schwätze vu »Belgique/België bei eisem Noper ... mä neen, »d'Franséisch as jo hei zu Lëtzebuerg déi offiziell administrativ Sprooch« ...! Esou heescht et, mä mir kënnen äis mat esou enger Argumentatioun awer nët averstane gin, mir gin äis dofir och nët a komme bei éischter Geleënheet nees drop zréck.

\* \* \*

### 5) Lëtzebuergesch op eise Geldschäiner a Mënzen

1939 hate mer, wann ech mech gutt erënnren, déi éischt Mënz kritt, déi ganz lëtzebuergesch war, de Frang!

Nom Krich, direkt no der Libération, an an Amerika resp. an England gedréckt, clauter Geldschäiner a Mënzen, déi deels op enger Säit, deels op béide Säiten, an eiser Sprooch waren. A komescherweis, muss ee bal soen, d'Ämerikaner woussten deemols esouguer direkt wat s'an der Hand haten: lëtzebuergesch Geld!

An dofir huet ee sech och nach ëmmer misse froën: wéi war et méiglech, datt no an no déi »Konzessioun« un eis Mammesprooch nees ofgeschaaft gin as, an datt mer ufanks vun de siwenzeger Joren nëmme méi franséisch bedréckte Geldschäiner am Grapp haten, datt och eis Mënze lues a lues hiirt lëtzebuergesch? Gesiicht verluer hun? Wou gouf et bis haut op der ganzer Welt esou eppes an engem fräie Land?

D'AL hat dann do alt och missen derhannert. Op villt Verstoë si mer am Ministär gestouss, et huet sech trotzdeem awer higezu bis 1980, bis den neien »Honnert« erauskoum. Wéinstens op enger Säit huet eis Sprooch do d'Éier erëm kritt. Am Ministär as äis awer och versprach gin, datt och op den anere Schäiner, esou wéi der no-

kommen, eis Sprooch nët méi verstouss wär. Vun neie Mënze goung bis haut nach nët Rieds, mä bei der éischter Geleënheet erënnere mer den Här Finanzminister och un déi.

\* \* \*

Bei der Interbank, déi jo als eenzeg Bank hei am Land en Emissiounsrecht huet, hate mer dann och mat Zäiten eise Wonsch ausgedréckt, e war och do op gudde Buedem gefall, hu mer emol geduecht, leider koum et dann awer um neien Honnert, dëst Joër, nëmme zu engem eesäitegen Opdrock: Honnert Frang!!!

Wéi een 't huele wëllt, op béide Plazen as alt emol en Ufank gemaach gin, a mir bei der AL, mir duerfen d'Flemm nët kréien!

\* \* \*

### 6) Lëtzebuergesch Annoncen a Reklammen

Do war jo nun awer a kengem Ministär eppes ze reklaméieren, do hu mer d'Press, a méi nach d'Buttécksleit an déi grouss Mass misse sensibiliséiert kréien.

As äis dat gegléckt?

A wat hu mer do gemaach an erreecht?

Vill Geschäftsleit hu Virschléi vun äis kritt, awer och de gudde Rot, wann s'eppes gären och nëmme ortografesch verbessert wëllten hun, äis et ze schécken, mä mat Zäiten, well et am Fong jo nëmme an eiser Fräizäit, owes, gemat ka gin.

Dat selwecht hu mer a ville Publikatiounen och alle Leit am Land geroden, nët nëmme eise Mëmbren. An en etlech Nummere vun »Eis Sprooch« hu mer Stuele vu Familienannonce bruecht, zënter 1973, an eng Onmass vun dësen Annoncen as duerno kopéiert a rekopéiert gin.

E richtegen Duerchbroch vun de klenge lëtzebuergesche Familienannonce krute mer awer eréischt 1978/79, nodeem mer eis Extraummer 3, mat enger Hällewull vu Stuele fir Annoncen, vun der Wéi bis zum Stierffall, mat Menüen a vill anerem Rondrëm eraus gin haten.

All eis Mëmbren haten déi Zäit dat Bichelche geschéckt kritt, honnerten an awer honnerte vun aner Leit hu sech et kaaft, all grouss a kleng Dréckereien am Land hun deemools cent fir näischt geschéckt kritt (och wann et do op Plazen nët erbäi gesicht gët, wann et drop ukënnt), je, mir haten äis et eppes kaschte gelooss.



Wéi gutt mer dat do ugepaakt haten, dat hu mer geschwënn och gesinn. Waren an eisen Zeitungen

1974 nëmme jhust 519 esou Annoncen ze fannen gewiescht, waren et der schons

991 am Joër 1975,

1336 am Joër 1976,

et goung op

1864 am Joër 1977,

2420 am Joër 1978,

3115 am Joër 1979,

an 3894 am Joër 1980,

an eleng an den éischten néng Méint vu 1981 sin der schons 3411 gezielt gin, verglach mat den éischten néng Méint vun 1980, ronn 30% méi! Tëschent 4 a 5000 gin et der also des Kéier, an op all Annonce as all déi Joëren iwer, nach ëmmer vun äis aus eng Gratulatiouns- oder Bäileedskaart geschéckt gin. A wann dofir do och een en extra Luef verdéngt huet, dann as dat eise Comitésmember Robert Philippe, deen Dag fir Dag d'Annonce studéiert an direkt dann och de Leit drop geschriwwen huet, all déi Joëren an och nach haut:

Eent elo dann nach, an 't muss gesot gin, nët d'Aarbecht, mä de Käschtepunkt vun de Kaarten a vun de Käppercher mécht äis et wuel d'nächst Joër onméiglech esou virun ze fueren, eis finanziell Mëttele si begrenzt, de Subsid vum Stat war bis ewell och nach ëmmer nëmme en Dréngeld, ee Joër 30000 Frang, ee Joër guer näischt, a soss esou en 20000 Frang! – Ech verzichten do op Vergläicher...

Wat d'Annoncen a Reklammen awer ugeet, kënnen mer mam Erreechte wuel zefridde sin, och wann et ortografesch nët ëmmer war wéi et hätt solle sin. Mir drécken a roden dofir virun, bis datt d'lëtzebueresch Reklam, d'lëtzebueresch Annonce, eppes ganz Normales gët, dat also wat am Ausland fir déi Leit do och ganz natierlech as!

\* \* \*

### 7) Lëtzebueresch Sproochecoure fir Auslänner

Wat d'Auslänner hei am Land ewell duerstellen, weess all Kand, an och datt mer nët laanschterneen, mä matenee musse liewen.

Déi meescht gi wuel nees heem (frot se), wann se genuch gespuert oder d'Pensioun hun, aner awer wëllen heibleiwen, an domat stellt sech d'Problem vun der Integratioun.

Am Mee 1974 hat d'AL dem Här Staatsminister dann doëriwwer och schons geschriwwen. Eis Meinung war an as, datt eent vun de wichtigsten Elementer fir d'Integratioun, d'Léiere vun eiser Sprooch wär a bleiwe muss. All Barriär verschwënnt, all Äis dat brécht, wann déi selwecht Sprooch emol geschwat gët.

Kuerz a gutt, lëtzebueresch Sproochecoure si vun der AL proposéiert gin. Am Ministär gouf déi néideg finanziell Hëllef versprach (fir Näischt as der Doud, och beim Léierpersonal), an d'AL, mä virun allem de Präsident, huet dann alles ënnerholl fir d'Kar un d'Rullen ze kréien. Wuel goufe schons zënter enger Zäit e puer kleng Coure vun Idealiste gehal, mä d'Léiermaterial an d'Léierpersonal fir am Groussen ufänken ze kënnen, dat huet alles nach eréischt misse beschaf oder gesicht gin.

Eng éischt kleng Notiz dun an den Zeitungen huet gläich schons 180 Interesséiert bruecht, an e bëssen drop waren et der 300! An déi Joëren duerno eent duerch d'anert 800 Leit, aus ronn 30 Natiounen!

Mir müssen awer och nach soën: d'AL as do elo um Enn, dat as ewell nëmme méi d'Saach vum zoustännige Ministär.

Mir kënnen awer och soen: d'AL hat missen do den Ustouss gin! Dat ka keen äis streideg man, a war dat nët richtig esou? Duerfe mer nët houfreg sin?

Méi wéi vill aner, déi haut fir d'Integratioun (a wat nach?) doerëmmer jären, brëllen, fuederen, oder och nëmme wëmeren, wat a fir wat???

A wéi recht mer haten an hun, gët ausgedréckt an der Motioun vun eiser Châmber, vum 17. Juni 1980, iwwert d'**National Identitéit**.

Wéini awer kënnt endlech do d'Gesetz mat der Proklamatioun vum Lëtzebueresch als Nationalsprooch?

Brauch de Ministär (a wien nach), fir e puer Reien Text auszeschaffen an ze schläifen, fir déi hire Wee da goën ze loosse bis se Gesetzeskraaft hun, een, zwee oder wivill Joër?

Mir waarde mat Ongedold!

\* \* \*

### 8. D'Lëtzebuerger Lidd an d'»Lëtzebuerger Owenter«

Vill schéi lëtzebueresch Liddern waren an de siwenzeger Joren nët méi »in«, géifen déi jong

Leit soën, si ware schons méi wéi hallef vergiess, wéi d'AL sech hirer dann och huet missen un- huelen. Fir d'éischt as emol gesammelt gin, alles wat gefale konnt an deels och schons a kengem Buttéck méi ze kréie war. Dat war eng onheem- lech Gedolddsaarbecht, deër sech eis Sekretärin, d'Joffer Laure Wolter, do ugeholl hat, a woufir s'en extra Luef verdéngt. Wie kennt och nët déi Auswiel vun dese Lidder, déi 1980 als Lidder- buch »Nu sangt« op de Maart koum? Eis Sekretä- rin huet awer och haut nach eng ganz schéi Reserv, vläicht kënn eng Kéier en zwete Band nach no?

Eng Parti Lidder, déi sech fir lëschtég Owenter extra gutt gepasst hun, hate mer 1978 awer schons hefte gelooss, fir matzehuelen op »Lëtze- buerger Owenter«. Esou eppes as jo nët méi kannt gin, genee ewéi d'Uuchten, an dofir hate mer d'Saach och selwer emol an d'Hand geholl.

Den 20.10.78, an der »Klensch« zu Monneresch, gouf den éischte »Lëtzebuerger Owend« op- gezun, mat Sengen, Musek, Witzer, Roden a Lëtze- buerger Kascht derbäi..., dat hat gefall, dat huet sech duerno nach dacks doërmmer am Land widderhuet, an op Plaze brauche mer emol nët méi ze hëllefen, an dat as richtig esou.

Jong Leit aus der AL hu sech et awer ugeholl fir an éischter Zäit nach mat Rot a Vermëttele bäi- zesprangen, 't géif d'Veräiner och ze deier, fir sech ëmmer alles opzëien ze loossen...

### 9) Stäipe fir eis Dichter, e »Lëtzebuerger Haus«, Ausstellungen...

dat waren ëmmer nach Wësch a Fuederunge vun der AL gewiescht, vun eiser Grënnung un, a si bleiwen et virun.

Vun Zäit zu Zäit hu mer bei den Autoritéiten och drop higewisen, mä ausser sympatheschem Zouwénken a Verträischten op spéider, war bis haut näischt dran.

Besounesch e »Lëtzebuerger Haus« huet äis vu 1971 un um Häerz geleën, an 1975 hate mer e.a. dem Minister fir kulturell Saache geschriwwen, datt mir frou a stolz wäeren, well mer hei an der Stad en Europahaus hätten, datt och hei e Centre Culturel Français bestéing, grad ewéi en däit- schen an e russesche Kulturzentrum, a wat fir nach, ob et dann awer nët och schéin an un der Zäit wär, en Ennerdaach fir kulturell lëtzebu- ersch Saachen ze kréien?

Wéi unzechuelen, war d'Saach dem Här Minister och nët onsympathesch, mä weider war nach näischt dran, déi Zäit, an haut?

D'Zäite sin ewell nach méi schlecht wéi jee, dem Papa Stat säi Beidel as eidel, a mir mussen äis all verträischten, op spéider...

\* \* \*

### 10) Wat bleift dann nach u Geleeschtes z'ernimmen?

Eis Zäitschrëft »Eis Sprooch«, déi Dir jo all kennt, wou vill Aarbecht, Geld a gudde Wëllen dra stécht, an déi nach ëmmer gefall huet, déi den H. Rinnen nach ëmmer mat gréisstem Geschéck opgebotzt, gefleegt a behitt huet ewéi säi Kand;

Eis Neijooschkaarten, déi éischt Kaarte mat lëtzebuergeschem Text, wou mer d'éischt selwer nach gezéckt hun, an 1973 emol nëmme pro- bëiert hu mat 6-700 bedréckte Wanter- a Krëschbiller;

1974 hate mer dann déi éischt ege Kaarten an hun der 1763 verkaaft! D'Leit ware begeeschtert dervun, an äis hat et kurajhéiert gemaach.

D'Zuele sin dann erop gesprongen, 't war fir dronken ze gin: op 5025, 9658, 11828, 15612, 17012 an 1980 op iwwer 21000 Stéck! Kommen- tar do iwwerflësseg, et sief, 't géing ee sech froën, fir wat kommen eis dichte Geschäftsleit nët op d'Iddi, de Lëtzebuerger lëtzebuergesch Gléck- wësch op propper Kaarten ze drécken?

\* \* \*

Eis Gléckwëschkaarte fir frou a glécklech Ereegnësser, déi wéint hire moderne Biller drop bei ville jonge Leit Uklank fond hun?

\* \* \*

Eis regelméisseg Artikelen an den Zeitungen, déi esou dacks ville Leit an och den Autoritéiten an d'Gewësse rieden...

\* \* \*

Déi vill lëtzebuergesch Geschäftsnimm, déi mer ewell op Schratt an Tratt begéinen, a wou mer dacks d'Fangere mat am Spill haten...

\* \* \*

Vläicht eis vill Kloën a Reklamatioune bei RTL...? Oder déi honnerte Radioemissiounen »Eng Minutt fir eis Sprooch« vun eise President?

\* \* \*



Brauche mer nach z'ernimmen, datt mer och dem Veräin »Arelerland a Sprooch« hëllefen, mat Material fir Lëtzebuergesch Sproochecouren zu Arel, datt mer hinnen och op anere Gebidder bäisprangen, wou mer nëmme kënnen, ouni datt mer awer, egal wéi, politesch bei hinne géinge mat dra schwätzen?

\* \* \*

Ech mengen, mam Opziele wär ech elo um Enn. Alles wat an 10 Joër geschafft gouf, konnt jo och nëmme gesträift gin, a wéi ufanks gesot, 't war nët ëmmer schéin, mä 't war nët ëmsoss. Lës Sprooch dreift nees no uewen, aschlofen duerfe mer awer nët. Mir musse viruschaffen an nët noloossen, op alle Plazen, an nët fir d'lescht och viru verlaangen, datt déi opgeléisten **Dixonärs-kommissioun**, mat alen an neie Leit, nees frësch forméiert gët, an datt déi géing suerge fir eisen Dixonär aktuell ze halen.

Jiddferree weess jo, datt nei Wieder an Ausdréck mat Zäiten och musse geschafe gin, fir datt d'Sprooch nët virun an nach méi verschampléiert gët.

\* \* \*

Eppes bleift mer um Enn dann awer nach ze man, wat ech ganz bewosst meescht ënnerlooss hun, an dat wär Merci ze son:

all denen, déi dem Comité gehollef hun, besonnesch dene Leit, déi als Mataarbechter an Dichter uechtert d'Land d'AL an eis Zäitschrëft gestäipt hun;

och allen anere Frënn, déi eis Sprooch a Bicher, op Disquen an op Kalenner geëiert hun;

all denen en décke Merci, déi äis finanziell ënnert d'Ärem gegräff hun;

e spezielle Merci awer och denen, déi mat der Editioun vun Dixonären der Sprooch immens Dëngschter geleescht hun, an et sin och déi nët ze vergiessen, déi »eisen« Auslänner d'Sproochecouren gin;

an dann en extra waarme Merci un all Dëputéiert, un all Autoritéiten, un all Ministere vun all Regirong zënter 1971, déi sech eiser Sprooch nach néierens geschummt hun, déi eis Sprooch, d'Saach vun eiser Mammesprooch, no Méiglechkeet gestäipt hun.

Mir erwaarden awer **nach** méi, nach e grësseren Asaz, iwwerall, vu jiddferengem, well 't geet jo ëm d'Sprooch an Egenaart vun eisem Land, well do as et fënnf vir zwielef ...! Emil Schmit

## E Kand

E Kand as eng Bléi  
déi nach kee Frascht gepaakt.  
E Kand as wéi Schnéi  
deen nët getrëppelt gouf.

E Kand as wéi d'Mier  
wa bloen Himmel as.  
E Kand as e Stier  
Deen s d'ëmmer kucke muss.

E Kand as eng Klack  
déi laut an déi dech rëfft.  
E Kand as e Stack  
dee kridd'leg Wuerzlen huet.

E Kand as eng Quell  
déi spruddelt ouni Rascht.  
Beim Kand gët nees hell  
wat schwaarz an däischter wor.

E Kand as eng Glous  
déi Steng un d'Schmëlze bréngt.  
E Kand as eng Rous  
déi nach am Knapp do steet.

E Kand as eng Sonn  
déi schéin an d'Häerzer wiermt  
Beim Kand fléit all Stonn  
ewéi ewechgewëscht.

E Kand as keng Wann  
déi ausgerappt ka gin.  
E Kand as keng Spann  
déi s d'einfach futti trëtts.

J. P. Rollinger

**Den zwete Lëtzebuurger Literaturkalenner** vum Robert L. Philipart as do. Kuurz Texter mat Biller vun 12 Lëtzebuergeschen Auteuren. Präis 200 Fr. Dréckerci St. Paulus, Lëtzebuerg. Postscheck 12-12. Och an de Bicherbuttécker.

# Den Eed vum Hippokrat

(iwwersat vum prof. Henri Muller)

Den dokter Apollo, den Asklepios, d'Hygeia, d'Panakcia an all aner götter a göttinnen huelen ech als zeic bei diem eleiten eed, duurch dien ech schwire fir d'versprieche den déi ech elo sall opzielen, no méngem beschte kënnen a jugement ze respektéieren: dien die mech déi konscht geléiert huet grad esou ze uechten cwéi méng elteren, em mat-ze-gi vu méngem akommes a fir en ze suerge wa séng ege méttelen em nët dur gin; mat sénge no-kommen esou ze si wéi mat méng Bridder a, wa s'et wënschen, se d'konscht elei ze léieren, fir näischt an ouni kontrakt; méng jongen an déi vu méngem léier-meeschter ze beroden, zou méng lektiounen zou-ze-loossen an en och all aner instruktioun ze gin; dat schwecht och ze ma fir d'studenten déi, dem doktesch gebrauch no, sech duurch e kontrakt an en eed gebonn hun, mee fir soss glat keen.

Ech sall méng veruerdnongen dréinen zum wuel vun de kranken an no méngem beschestem kënnen a jugement; ech sall s'eraus-halen aus allem wat schiedlech an arbiträr as.

Ech sall kengem en déidlecht méttel gin, emol nët wann ee mer eent géif fron, an esouguer nët engem sou e rot gin. Kees sall ech engem fra-mënsch en avortements-méttel gin.

Ech sall mäi liewen a méng konscht korrekt an helleg halen.

Ech sall kee mam galesteen operéieren; ech sall dat dienen iwwerloossen dienen hire métier dat as.

An all Haiser wou ech eragin, do sall ech nëm-men eragon fir de kranken ze hëllefen, woubäi ech mer sall all schiedlecht gedoës an all aphrodisch pleséieren um kërper vu fra a mann verbidden, egal ob fräi odder sklav.

Wat ech am déngscht a baussent dem Déngscht ze gesinn an ze héiere kréien, dat sall ech fir mech halen, well et keen aneren eppes ugeet.

Wann ech dien eleiten eed anhalen a kees dergéint furen, da soll et mer am liewen an am beruff gutt gon, da sall ech géiert gi bei alle mënschen bis an all zäiten eran. Am konträre fall soll mer iewel och de konträr passéieren.

Ὁρῶμαι, Ἀπόλλωνα Ἱητῆρόν καὶ Ἀσκληπιῶν καὶ Ἑγείαν καὶ Πανάκειαν καὶ θεοὺς πάντας τε καὶ πάσας ἑστορας ποιούμε-  
νος ἐπιτελῶ ποιῆσαι κατὰ δόξαν καὶ κρείσιν ἐμὴν ὄρκον  
τόνδε καὶ συγγραφὴν τήνδε ἀγίστασθαι τε τὸν διδόντα με  
τὴν τέχνην ταύτην ὅσα γενέτησιν ἑμοῖσιν καὶ βίον κοινώσα-  
σθαι καὶ χρᾶν χρῆζαντι μετέδοσιν ποιῆσθαι καὶ γένος  
τὸ ἐξ αὐτοῦ δόσσεσθαι ἴσον ἐπιμνησέειν ἔσσοσι καὶ διδά-  
ξουσιν τὴν τέχνην ταύτην, ἣν χρῆζωσι μανούμεν, ἄνευ μι-  
σοῦ καὶ συγγραφῆς, παραγγελίης τε καὶ ἀποφύσεως καὶ τῆς  
λοιπῆς ἀπέσης μαθήσεως μετέδοσιν ποιῆσθαι υἱοῖσι τε ἐ-  
μοῖσι καὶ τοῖσι τοῦ ἐμὲ διδάξαντος καὶ μαθηταῖσι συγγε-  
νηταῖσιν τε καὶ ὁρκισμένοις νόμῳ ἱερτικῷ, ἀλλ' οὐ  
ὄντι.

βιαιτήρασι τε χρῆσομαι ἐπ' ὥφελεϊ καμνόντων κατὰ δόξα-  
μιν καὶ κρείσιν ἐμὴν ἐπὶ ἡλῆστοι δὲ καὶ εἰρήειν.

οὐ δώσω οὐδ' ὁδοῦ φάρμακον οὐδ' ἐνὶ αἵματι θανάσκον οὐ-  
δὲ ὀφθαλμοῖσι συμβουλίην τοιήδεσσι ὁμοίως οὐδ' ὁδοῦ γυναικὶ  
κεσσὸν φάρμακον ὁδοῦ.

ἀγνῶς τε καὶ ὁμοῦς βιαιτήρῳ βίον ἐμὸν καὶ τέχνην ἐμὴν.  
οὐ τέμνω οὐδ' οὐδὲ μὴν λιδομένης, ἐκχωρήσω δὲ ἐργάτησιν ἀν-  
δράσιν πρὸς τῆσδε.

ἐς οἴκῳ δὲ δόξας ἂν ἔστω, ἐσελεβοῦμαι ἐπ' ὥφελεϊ  
καμνόντων ἐκτός ἐστιν πάσης ἀδικίης ἐνοουμένης καὶ φθορῆς πρὸς  
τε ἄλλῃ καὶ ἀρροδίσειαν ἔργων ἐπὶ τε γυναικείων σωμάτων  
καὶ ἀνδρείων ἐλευθέρων τε καὶ δοῦλων.

ἀ ὅ' ἂν ἐν ὁρατικῇ ἢ ἴδω ἢ ἀκούσω ἢ καὶ ἄνευ ὁρατικῆς  
κατὰ βίον ἀνθρώπων, ἐμὴν καὶ ποτε ἐκκαλεσθῆναι ἔγω, σι-  
γῆσομαι ἄρητα ἡγεθήμενος εἶναι τὰ τοιαῦτα.

ὄρκον μὲν οὖν μοι τόνδε ἐπιτελῶ ποιῶν καὶ μὴ συγ-  
χεῶντι ἐμὴ ἐπαθροῦσθαι καὶ βίον καὶ τέχνης δοξαζομένην παρὰ  
πᾶσιν ἀνθρώποις ἐς τὸν αἶον χρᾶν, παραβαίνοντι δὲ καὶ  
ἐπινοοῦντι τάναντία τούτῳ.



H. Rinnen

# En éischten Zeien

Et sin den 23. Oktober 1981 175 Joër gin, wéi de franséischen Inneminister zer Zäit vun der franséischer Revolutioun op séng Fro geäntwert krut, *wat fir eng Sprooch schwätzen se eigentlech am Département des Forêts.*

Déi Fro as hiren normale Wee gaang, iwwer de Préfet un d'Gemeng(en). Zwou Äntwerten hu mer bis haut nach, déi vun der Stad Lëtzebuerg an déi vu Béibreg (Bitburg). Fir d'Gemeng Lëtzebuerg huet de Sekretär Leistenschneider P. geäntwert. De Bréif as datéiert vum 23. Oktober 1806 an en entschëllegt sech nach doran, datt en du eréischt op de Bréif vum 7. Oktober géing äntweren, deen en eréischt de 15. kritt hätt.

No der Biographie Nationale, XVIII. Fasc., vum Jules Mersch (S. 469-473) as de Leistenschneider Pierre de 7.10.1745 zu Dillingen an der Saar gebuer an de 24.4.1837 zu Lëtzebuerg gestuerwen. No séngem Schreiwes wir en zënter 40 Joër zu Lëtzebuerg. E schreift, datt am Département am 2., 3. a 4. Arrondissement e schlecht däitsch an am 1. e verduerwent franséisch geschwat géif gin an och guer keng Grammatik fir déi Idiome géif bestoen. E stellt dann d'Konjugatioun vun de Verben »hün« (avoir) a »sin« (être) op, setzt déi däitsch, lëtzebuergesch a franséisch Termen derneft a mécht dat och mat de Beispillsätz. D'Äntwert vum Bitburger (Beberich) Dialekt hu mer och behalen, anerer si keng do.

E bedauert dann awer och, datt en nët méi an deem Fall kënnt maachen an hofft eng aner Kéier méi ze Déngschte kënnen ze sin.

An der »Notice sur le Dialecte en usage dans le quartier allemand du département des forêts« gët en emol en Iwwerbléck iwwer d'Sproochen an deem en op d'Keltescht zrëckgeet, eng Menong, déi nach haut dorëmmer ze héieren as. Ouni äis awer méi an Einzelheten ze verléieren, brénge eng Copic vum Bréif a vu séngem Rapport (mir mengen et wir derwäert) mat enger Photo vun de Lëtzeburger Sätz, Sätz déi een direkt erausfuederen, fir nozesichen, ze vergläichen, ob da wirklech esou an der Stad geschwat sollt gi sin. Vlächcht mécht ee vun eise Sproochspezialisten dat eng Kéier.

A Monsieur J. Bte Lacoste, Préfet du département des forêts, Membre de la Légion d'honneur

à Luxembourg

N° 3249 aussi à joindre le d<sup>eur</sup> G<sup>alc</sup>

Enreg. le 23 octobre 1806

**Département des Forêts**

Arrondissement

**Chef-lieu**

Mairie de **Luxembourg**

No

Objet

Statistique

Luxembourg, le 23 Octobre 1806

Le Secrétaire

La Mairie de Luxembourg

à Monsieur J. Bte Lacoste, Préfet du Département des forêts et membre de la Légion d'honneur

Monsieur le Préfet,

En me prévenant, par lettre du 7 courant, qui ne m'est parvenue que le 15, que S.E. Le Ministre de l'intérieur désireroit avoir quelques échantillons des Dialectes allemand et français qui sont usités dans le Département, vous m'inviter à vous donner ces renseignements.

J'aurai l'honneur de vous dire à cet égard, Monsieur le Préfet, qu'il n'existe aucune grammaire de ces deux idiomes, et que je n'ai rencontré (depuis quarante ans passés que je suis établi à Luxembourg) aucun livre, ni autre acte écrit en langue vulgaire du pays, dont les habitants des 2., 3. et 4ème arrondissements parlent un mauvais allemand, dérivant de la langue teutone, et ceux du 1er arrondissement parlent la langue Wallone, qui est un français corrompû et dans la quelle je ne suis pas versé.

En attendant qu'il se présente une autre occasion de vous être plus utile que dans cette occurrence, je vous prie de vouloir bien agréer les assurances du profond respect, avec lequel j'ai l'honneur d'être,

Monsieur le Préfet,

Votre très humble et très - obéissant Serviteur

Leistenschneider

Administration générale

N° 3249

division de l'intérieur

### Statistique

*Notice sur le dialecte en usage dans la partie allemande du dépt. des forêts*

Personne n'ignore, que l'allemand, ainsi que toutes les langues du Nord, est dérivé de la langue celtique. Cette mère langue paroît s'être conservée dans sa première pureté, en basse Bretagne et au pays de Galle; par tout ailleurs elle s'est corrompue ou plutôt perfectionnée. Je dis perfectionnée; car à mesure, que les peuples font des progrès dans la civilisation, ils acquièrent des idées nouvelles et sont par conséquent obligés d'imaginer des mots nouveaux, pour les exprimer. Aussi la langue des sauvages et des nations peu éclairées est elle réduite à un très petit nombre de mots; quant à leur syntaxe, elle n'est pas moins imparfaite. On peut juger avec une espèce de certitude des progrès qu'une nation a faits dans les sciences et les arts par la grosseur de son dictionnaire.

La langue allemande n'a pas toujours été aussi riche ni aussi pure, qu'elle l'est aujourd'hui dans la basse Allemagne. C'est depuis les grands hommes en tous genres, qu'elle a produits, qu'elle s'est perfectionnée au point où nous la voyons. Ce perfectionnement néanmoins ne s'est pas étendu au delà des villes; dans le plat pays on continue à y parler des dialectes ou jargons plus

ou moins rapprochés de l'ancien celtique, et qui ne s'écrivent point. Tels sont les jargons des Transilvain-Saxon, Franconien, Souabe, Alsacien, Suisse, Luxembourgeois, et une multitude d'autres qu'on confond tous sous la dénomination générale de plat allemand.

Une preuve incontestable, que la langue allemande s'est perfectionnée, en s'éloignant de la langue celtique, c'est que la plupart des monuments runiques, qui existent encore en Suède, ne peuvent s'expliquer, que par le plat allemand du pays de Luxembourg, et qu'il en est de même d'une foule de mots, qui se trouvent dans l'ancien Edda yslandois, dont l'origine celtique ne peut être contestée, puisqu'il contient l'histoire d'Odin et des autres dieux, adorés par les Celtes.

Afin de nous conformer aux intentions de S.E. le ministre de l'intérieur, nous donnerons ici la conjugaison très imparfaite des deux verbes auxiliaires **avoir** et **être**, dans le dialecte Luxembourgeois, en y joignant un petit nombre de phrases avec leur traduction en bon Allemand et en français. Nous observerons enfin, que le dialecte Luxembourgeois ne s'est jamais écrit; qu'il manque de mots pour exprimer autre chose, que les objets de première nécessité, et que lorsqu'on veut aller plus loin, il faut absolument recourir au haut Allemand; en quoi ce jargon est fort inférieur au Flamand et au Hollandais, qui sont également du plat Allemand, mais beaucoup plus perfectionné, puisque ces dialectes s'écrivent et ont des règles fixes. —

#### Allemand

##### indicatif présent

ich habe, du hast, er hat;  
wir haben, ihr habet, sie haben

##### imparfait

ich hatte, du hattest, er hatte;  
wir hatten, ihr hattet, sie hatten

##### préterit

ich habe gehabt, du hast gehabt,  
er hat gehabt; wir haben gehabt,  
ihr habet gehabt, sie haben  
gehabt

#### Conjugaison du verbe avoir

##### Dialecte Luxembourgeois

##### indicatif présent<sup>1)</sup>

ech hën, dou hëst, er hët;  
mir hën, dir hët, sie hën

##### imparfait

ech hât, dou hât, er hât;  
mir hâten, dir hâtet, sie hâten

##### préterit

ech hën gehôt, dou hëst gehôt,  
er hët gehôt; mir hën gehôt,  
dir hët gehôt, sie hën gehôt

#### François

##### indicatif présent

j'ai, tu as, il a;  
nous avons, vous avez, ils ont

##### imparfait

j'avois, tu avois, il avoit;  
nous avions, vous aviez,  
ils avoient

##### préterit

j'ai eu, tu as eu, il a eu;  
nous avons eu, vous avez eu,  
ils ont eu

<sup>1)</sup> On écrit ici le Dialecte Luxembourgeois, comme il se prononce



**plusque parfait**

ich hatte gehabt, du hattest  
gehabt, er hatte gehabt; wir  
hatten gehabt, ihr hattet gehabt,  
sie hatten gehabt

**futur**

ich werde haben, du wirst  
haben, er wird haben; wir  
werden haben, ihr werdet  
haben, sie werden haben

**infinitif présent**

haben

**préterit**

gehabt haben

**participe passé**

gehabt

**indicatif présent**

ich bin, du bist, er ist; wir sein,  
ihr seit, sie sind

**imparfait**

ich war, du warst, er war; wir  
waren, ihr waret, sie waren

**préterit**

ich bin gewesen, du bist  
gewesen, er ist gewesen; wir  
sein gewesen, ihr seit gewesen,  
sie sind gewesen

**plusque parfait**

ich war gewesen, du warst  
gewesen, er war gewesen; wir  
waren gewesen, ihr waret  
gewesen, sie waren gewesen

**futur**

ich werde sein, du wirst sein,  
er wird sein; wir werden sein,  
ihr werdet sein, sie werden sein

**infinitif présent**

sein

**préterit**

gewesen sein

**participe passé**

gewesen

**plusque parfait**

ech hat gehôt, dou hast gehôt,  
er hat gehôt; mir hâten gehôt,  
dir hâtet gehôt, sie hâten gehôt

**futur**

ech werd hôn, dou werst hôn,  
er werd hôn; mir werden hôn,  
dir werd hôn, sie werden hôn

**infinitif présent**

hôn

**préterit**

gehôt hôn

**participe passé**

gehôt

**Conjugaison du verbe être****indicatif présent**

ech sênn, dou baß, er aß;  
mir sên, dir sit, sie sên

**imparfait**

ech wôr, dou wôrst, er wôr; mir  
wôren, dir wôrct, sie wôren

**préterit**

ech sên gewest, dou baß  
gewest, er aß gewest; mir sên  
gewest, dir sit gewest, sie sên  
gewest

**plusque parfait**

ech wôr gewest, dou wôrst  
gewest, er wôr gewest; mir  
wôren gewest, dir wôrct gewest,  
sie wôren gewest

**futur**

ech werd sên, dou werst sên, er  
werd sên; mir werden sên, dir  
werd sên, sie werden sên

**infinitif présent**

sên

**préterit**

gewest sên

**participe passé**

gewest

**plusque parfait**

ï'avois eu, tu avois eu, il avoit  
eu; nous avions eu, vous aviez  
eu, ils avoient eu

**futur**

ï'aurai, tu auras, il aura; nous  
aurons, vous aurez, ils auront

**infinitif présent**

avoir

**préterit**

avoir eu

**participe passé**

eu

**indicatif présent**

je suis, tu es, il est; nous  
sommes, vous êtes, ils sont

**imparfait**

ï'étois, tu étois, il étoit; nous  
étions, vous étiez, ils étoient

**préterit**

ï'ai été, tu as été, il a été; nous  
avons été, vous avez été,  
ils ont été

**plusque parfait**

ï'avois été, tu avois été, il avoit  
été; nous avions été, vous aviez  
été, ils avoient été

**futur**

je serai, tu sera, il sera; nous  
serons, vous serez, ils seront

**infinitif présent**

être

**préterit**

avoir été

**participe passé**

été

Les genres, les articles, les prénoms, les substantifs, adjectifs, adverbes, prépositions etc. de ce jargon sont les mêmes, que dans le haut allemand, à un grand nombre d'altérations près, qui rendent souvent ces mots méconnoissables, quoiqu'en les eximant avec attention, il soit facile, dy reconnoître leur racine allemande.

## aphrases

Allemand :      Luxembourgeois      françois.

Was für ein Wetter haben wir heute?      Hatt fir weder kôn mer haüt?      Quel temps fait il aujourd'hui?

Haben sie viel Kinder?      So dar viel Kanner?      avez vous beaucoup d'enfants?

Der Krieg ist eine böse Sag; er kostet viel gëlt und blut, und führt noch den elend im Land. —      De Krieg aßeng bef bes Sag; datt Kascht viel gëlt an blout, an firt nach d'armout and Land. —      la guerre est une mauvaise chose; elle coûte beaucoup d'argent et de sang, et appauvrit le pays.

Ist ihre frau noch jung?      Aß er fra nach jung?      Votre femme est elle encore jeune? —

Haben sie viel ge-erbt von ihrem vatter?      So dar viel geerft von ihrem vader?      avez vous beaucoup hérité de votre père?

Hier bekommen dieses jahr viel wein. —      Mir, hien datt jôhr viel wein. —      Nous aurons cette année beaucoup de vin.

Man sagt, daß wir uns sehr lustig machen werden. Der Kaiser geht hier durch, und man bekommt um nichts so viel wein als man will: Es wird auch diesen abend freuden feyer. —      Man sett datt datt mir uns haüt sehr lustich machen. Da keser beaucoup paüjerd'hui. gëtt hej durch an mer Weidfelesch wein par in; on donnera fies reigst an du vin gratis tant qu'on aß freudfeyer. —      On dit, que nous nous réjouissons — L'empereur passe par ici; on donnera du vin gratuitement tant qu'il y aura un feu de joie. —

Ein armer ackersmann hat viel muhe im hinter, wanes viel schneewist. —      En armen glier hot viel muh am wänter. Han da schne groß aß. —      Un pauvre laboureur a grande peine en hiver, lors qu'il y a beaucoup de neige. —

Es ist ein großes elend, wann die armen leuten kein holtz in der Kälte haben, um sich zu wärmen. —      Das è grost elend, wan die arm leid ken holtz kôn an der Kält fier sich wärmen. —      C'est une grande misère, quand les pauvres gens n'ont point de feu en hiver pour se



## phrases

## allemand

Was vür ein Wetter haben wir heüt?

Haben sie viel Kinder?

Der Krieg ist eine böse Sag; er kostet viel geld und blut, und fuhr noch den elend im Land.

yst ihre frau noch jung?

Haben sie viel geerbt von ihrem Vatter?

Wir bekommen dieses jahr viel wein.

Man sagt, daß wir uns sehr lustig machen werden. Der Keiser geht hier durch, und man bekommt um Nichts so viel wein als man wilt: Es wird auch diesen abend freudenfeyer.

Ein armer ackersmann hat viel muhe im Winter, wan es viel Schnee ist.

Es ist ein großes Elend, wan die armen leüten kein holtz in der Kälte haben, um sich zu wärmen.

## luxembourgeois

Waht fir weder hön mer haut?

Hoder fiel Kanner?

De Krieg aß eng bes Sag; daht Kascht fiel geld an blout, an\* fert nach d'armout and Land.

aß er fra nach jung?

Ho der fiel geerft fon ehrem föder?

Mir krien daht johr hei fiel wein.

Man seht, daht mir uns haut sehr lestech machen. De Keser gët hey dourch an\* mer krit felech wein fir neischt an\* zons aß fredfeyer.

En armen plier hot fiel meh am\* Wanter wan de Schnie groß aß.

Das è grost elend, wan die arm\* leid ken holtz hön an der Kêlt fier sich zou wermen.

## français

quel tems fait il aujourd'hui?

avez vous beaucoup d'enfants?

La guerre est une mauvaise chose; elle coute beaucoup d'argent et de sang, et appauvrit le pays.

votre femme est elle encore jeune?

avez vous beaucoup hérité de votre père?

Nous aurons cette année beaucoup de vin.

On dit, que nous nous réjouissons beaucoup aujourd'hui. L'empereur passe par ici; on donnera du vin gratuitement, et il y aura un feu de joye.

Un pauvre laboureur a bien de la peine en hiver, lorsqu'il y a beaucoup de neige.

C'est une grande misère, quand les pauvres gens n'ont point de feu en hiver pour se chauffer.

## Dialecte de Biebourg

De stadt Beberich hat wiehrend dem vierigen jorhondert dreÿmohlen gebraant, d'ongleck aß verursacht wurden durich de onverzeihlich, on dannoch siehr gemen liehtsannigkät der leiet vam lan.

d'feÿer bluß matzen an de scheÿren, stellen, enner strieh-togen, beÿ kizzen vo wierk on anner btennig gezeÿ zu troen.

Jider brand hat de Stadt an eschen gelegt, de durich den ischten ogedrongen Ormsieligkät aß durich de anneren zehnmol großer wurden. de leiet hon sich one brud fond on one mettel et zu schafen.

## Traduction:

La ville de Bitbourg a été incendiée trois fois pendant le dernier siècle: ces malheurs ont été occasionnés par la légereté impardonnable, et cependant très commune aux gens de la campagne d'avoir du feu à découvert au milieu des granges, des étables, sous des toits de chaume à côté de Tas de chanvre, et d'autres matières combustibles.

Chaque incendie a réduit la Ville en cendres, la misère amenée par le premier a été decuplée par les autres: on s'est trouvé sans pain, et sans moyens de s'en procurer.

Luxembourg, Archives de l'Etat, Rég. B, Statistique, Liasse N° 7, dossier 67.

cf. Jong-Hemecht Nr. 5/6. 1939. S. 111-114. Hiert Jos: Notre dialecte il y a 100 ans.

Dr. J. L. Hoffeltz: Une enquête sur les dialectes Luxembourgeois en 1806. In: Les Cahiers de l'Académie Luxembourgeoise, I. 1939, p. 117-121.

\* »an, am, arm« kënnt een och »on, om, orm« liesen.

## Déi al Buurg

1.

Héich kuckt eng Buurg erof an d'Dall,  
Do sëtzt de Grof beim Wäin,  
An d'Ritter all am grouse Sall  
Stin do am Käerzeschäin  
E Sänger koum vu wäit gezun,  
Schléit d'Sete vun der Leier un,  
Séngt muenech Weis aus ale Bicher  
Vu Léift a Leed, vu grouse Kricher.  
Da kuckt en d'Grofenduechter laang  
Sou déif an d'An.

Déng Muecht as grouss wäit iwwert d'Land,  
Fest steet op Fiels déng Buurg.  
Déng Duechter as dat schéinste Kand  
Vu Lëtzebuerg.

2.

De Grof zitt aus, fort an de Sträit,  
Och Ritter, héich ze Päerd.  
De Wec as laang, de Wec as wäit.  
Wéi schwéier dréckt dat Schwäert.  
De Buedem drénkt um Blut sech rout,  
Vill Männer gin duer an der Doud  
Et flamen Haff an Haus am I'eier. –  
De Sänger op der Buurg spillt d'Leier,  
Kneit sech vrun d'Grofekand galant,  
A kësst him d'Hand.

An d'Leier spillt eng Weis vu Léift  
A voller Säilegkeet  
De Kniccht begrueft säin I'är bedréift  
Fir d'Liwegkeet.

3.

Verlooss kuckt d'Buurg erof an d'Dall,  
Do läit am Schräin de Grof,  
Säi Schwäert verrascht an d'Tir zerfall.  
Hie schléift dee laange Schlof.  
Déif am Verlooss de Sänger läit,  
Séngt Leier och vermuuscht zer Sait.  
Et as dervun eng Seet gesprongen,  
Wéi hien dem Grofekand gesongen.  
Vu Léift a Leed séngt haut de Wand  
Dem Grofekand.

Haut wunne frëndlech Leit am Dall,  
Schéin Haiser stin ëm d'Buurg.  
Et leeft sech friddlech iwwerall  
zu Lëtzebuerg.

(21167) ... tz

## E Liewen

Wat as da schon e Liewen!

Eng Zäit verwonnert aus der Kutsch gekuckt  
a stonnelaang um Potti rëmgehuckt.  
Duerno wéi Nopesch hire Mupp gebillt  
an deglaang hann'rem Haus am Sand gespillt.  
Vill Owenter de Sandmännche gekuckt  
an eppes spéider iww'rem Buch gebruckt.  
Vrum Spigel dann deen éischte Baart gemierkt  
a Crème op d'Pautschen am Gesicht geschmiert.  
Eng Aarbecht fond a schéi brav schaffe gaang,  
gedëlleg, meeschtens pénktlech, jorelaang.  
E Meedche gär gesinn an och bestucl –  
wat dann en etlech Kanner mat sech bruet.  
De Gaart gegruewen, all Jor openeis,  
geséit, geplantz a Gëft gluegt fir d'Mais.  
De Quartier tapéziert souvillmol,  
esou dacks Mëllech, Schmant a Brout geholl.  
Virun all Wanter Grompren ageluegt,  
all Owend zougespaart virun der Nuecht.  
All Méindesmuergen d'Auer opgezun,  
gesuergt, datt d'Vullen ëmmer Kären hun.  
Geschafft, gefléckt, geschlof a giess,  
dertëscht 'mol eng Minittche stëll gesiess.

As dat da schon d'ganzt Liewen?

As nët vläicht dët an dat der 'mol begéint  
wat nët wéi d'Millerad do dréit an téint? –  
Du stoungs um Strand a lues a lues as d'Sonn  
wéi blénkegt, feiregt Gold am Mier verschwonn. –  
Ganz héich um Bierg, tëscht Steng, am frësche

[Schnéi,

do stounge butzeg Violen an der Bléi. –  
Wéi hun dem Bouf séng Aen du geliicht  
wéi dir zesummen d'Ouschterär gesicht! –  
A wann s de an der Fotell sëtzt mam Buch,  
de Geieconcert lauschters vum Max Bruch,  
am Fréijor duerch de Park spadséire gees,  
an d'Vulle sin erëm a sangen nees. –  
A wann de Bësch a Gold gezappt do steet,  
e schwéiren Hirsch dech séier ootmen deet. –  
Wa muerges alles wäiss vum éischte Schnéi,  
wann d'Kand fir d'éischt der laacht a sénger Wéi.  
A wann den éischte Krokus bléit am Wues,  
wann s d'eppes Schéines opzeweisen hues ...  
Wat aus dem Leiertoun ervir sou stécht,  
dat as et, wat eng Symphonie draus mécht.  
Dat mécht zu enger Freed eng lëschtteg Flicht,  
dat mécht aus engem Aufsatz ee Gedicht:

*dat mécht eréischt e Liewen!*

J.P. Rollinger



Jhemp Biver

# Um Holzwee odder Lëtzebuergesch Gaasse-, Wee- a Flouernimm zou Bieles, Zolwer a Suessem

Ech hun än Artikel verbrach, deen de 14. August als »Brëif un d'Redaktioun« am Wort ze liese woar. An deem (bëssege) Brëif gong rieds vun der »Päpelswiss zou Zolwer«. Dee Brëif as méng Reaktioun op déi »Aktioun Lëtzebuergesch Stroossennimm« an der Gemeng Suessem. Méng Kritik huet eise Redakter vun »Eis Sprooch« esou gutt gefall, datt hie mech gebieden huet, him dat an en Artikel ze schreiwen, wat ech bis clo iwwert d'Stroossennimm aus eiser Gemeng wäiss. Esou as et ze verstoen, datt aus méngem Brëif un d'Redaktioun ym Wort, dat entstan as, wat Dir elo hei liese kënnt.

An eisen Zeidonge stong et mat grouse Buschtawe geschriwwen: D'Gemeng Suessem huet hire Stroosse lëtzebuergesch Nimm (erëm) gin (Wort vum 6.8.81; Républiquein Lorrain an tageblatt vum 7.8.81).

Déi »Action Lëtzebuergesch (Stroossennimm)« as (u sech) eng ganz gutt Saach. Deen, deen d'Iddi hat, huet e Luef verdéngt; och deen, deen déi lëtzebuergesch (Flouer) Nimm cr(ëm) fond huet.

Ech fann e jhust e puer Hoër an där Zopp (Ob et eng ganz Paréck gët, sollt Däer selwer erausfannen).

Zanter dem 6.8.81 froen ech mech, wéi hee sech ugeluet huet, fir op déi Päpelswiss ze topen. Wann ech richteg verstin, da wier déi Wiss zou Zolwer op dem Déifferdangerwee (elo) eng

»Papeljongs-« odder »Päipampelswiss«. Wa se zou Eechternoach léig, géng se »Millermoalerwiss« hääschen (odder och nët). Wéi léif, esou eng Wiss huet nët jidderän!

't schéngt, wéi wann deen (neie) Lëtzeburger Numm aus dem Kadaster geléint wier (cf. L.W. an t). Souwäit ech d'Kadasterkoart aus de 60er Joëre liese kann, stäat do eng Pölpeswiss ageschriwwen. Wéi déi Zolwer Leit se nennen, wäiss ech (leider nach) nët; mä ech kann op der Kadasterkoart vun 1824 liesen, datt schon deemools d'Parzellen Nr 533-536 »Pölpeswies« gehäasch (sollen) hun.

Ween hei genä liest, dee mierkt, datt ech souguer eiser éischer Kadasterkoart vun 1824 nët ganz traue! Firwat as ma séier ausgedäitscht! Si as viru méi wéi 150 Joër vun auslänneschen Ingenieure gezechent gin; déi selwecht Leit hun och eis lëtzebuergesch Kadasternimm, déi si bei de Leit gewuer goufen, dran agedroen. A wat mengt Der wuel datt e Franzous aus der »kleng Gewan« zu Suessem géng maachen? Ganz einfach, hee schreift se sou, wéi hee se mat séngem franséischen Ouer héiert: »Klinguevane« (Dat do as clo keng Fapp, dat kënnt Der noliesen an der Broschür »75 Joër Suessemer Musek«, déi dët Joër erauskomm as, an zwar op der Sait 161).





Wa mer schon an där Broschür vun der Suessemer Musek bliederen, da loosse mer mol kucke wat do iwwert d'Pölpeswies, d'Pölpesacht an »auf Pölpeswies« op de Säiten 174 an 175 stäat. Do gët gesot, datt déi éischt Form, ënner där mer si begéine kënnen, »vff fulpesacht« geschriwwen as. Nach eng Kéier anescht gesot: »vff l'ulpesacht« as de Papp vun där ganzer »Pölpes-Famill«. Ech brénge den ganze Stammboom hei nët nach eng Kéier, wee sech derfir interesséiert, kann dat an der Suessemer Muskhirer Broschür noliessen. Do gët gewisen, datt eise Flouernumm »Pölpesacht/Pölpeswies« glat a guer näischt mat engem Päipel ze din huet, mä mat dem »fulpes/vulpes«.

Dec »vulpes« as eng kuerz Form vum Numm »Willibrordus« (cf. Hemecht 1957, Heft 2 an 3, SS. 156/157, Foussnotiz 2). Déi Lëchternoacher wëssen dat (nach) besser wéi mä, hir »ruec Saint Willibrord« nenne si richteg: »Vulpert«. Dofir wier »d'Pölpeswiss« zou Echternach ni eng »Millermoalerwiss« gin!!

Ech därf déi zwee Flouernumm »Pölpeswiss« (Zolwer) an »op Pölpesuecht« (Suessem) roueg nichtence stellen (cf. Aug. Longnon: Les noms de lieux de France; Paris 1920, page 4). Ech beweisen dat och nach mat engem Zitat aus de Rechnungsbücher vun der Härerschaft Zolwer aus dem Joër 1554/55: »Die Vulpeswiese ist durch den Krieg verdorben«, hääscht et do (cf. PSH 51, Seite 170, No 334). Dee Krich vun deem hei rieds gät huet sech am Joër 1552 oafgespillt. Deemols as d'Bueg Zolwer kuerz a kleng geschloe gin.

Ech mengen, ech hätt recht wann ech soën: nët de Päipel as de Patréiner vun där Wiss zou Zolwer, mä dec groussen Hellege *Willibrord*. Ween de Päipel iewel nët wëllt fladdere loosse (well e sou schéin as), därf e (vu mäer aus) opspéngelen, a ween aus der »Pölpeswies alias Vulpeswies« eng Päipelswiss maache wëllt, dec soll wëssen, datt en an deem Fall »Vollekt-etymologic« dreift.

Ech hu mech zimlech laang mat deem Päiperlek do opgehalen, well ech een Exempel ganz genä wollt ënnersichen, fir ze weisen, wat alles hannernt engem Flouernumm stécht. Vun elo u soll et e bësse méi séier goë (wa méiglech). Bleiwe mer emol nach zou Zolwer. Do hu mer eng (offiziell) »ruec Dennebesch« (Si as op de Schëlter esou mat drai e geschriwwen). Aus hir huet eise Kach

kuerzerhand (an ouni mam Ouer ze wibbelen) än »Dannebesch« gemät. Si crënnert elo un e Bësch, deen nimools do gestan huet. Bäm aus der Famill »Krëschtboom« (dat sin déi mat de Nolen, wou mer am Krëschtmount Bullen a Litcher drunhänken) as et nët do gin. Wat fir eng Zort Bän (pardong, Bäm) do gewuess sin, as nët gesot. Sécher as, datt si veräanzelt do stongen, grad ewéi Huewer odder Zalot, déi Der dënn geséit hutt. »Dënn« as d'Wuert, vun deem den »Dannebesch«, pardong, »dënn Bësch« muss ech soen, sän Numm hirhuet. Gesider kuckt, esou kann een um Buschtaf reiden, grad wéi déi aus dem Dicks sénger Geschicht vun der »Hamebritta«.

Et gët och nawell gezielt, dee Wee (dee mer clo jhust als »dënn Bësch« kenne geléiert hun) wier nom Krich vun denen Éilerénger Leit »Kuepe Wee« genannt gin. De Metzler Keup vun Esch hat laascht de Wee e Stall, wou Schof oder Päerd drastongen. Fir muncherän as dese Wee nach haut »den alen Zolwerwee« (dat iewel nëmme wann ä vun Éileréng eropkënnt). Fir déi Zolwer Leit misst da (logescherweis) dee selwechte Wee (laascht den Zolwer Waasserbasséng) »den alen Éileréngerwee« sin.

»An den Ässen« as e Flouernumm deen u sech nawell ganz op sénger Plaz as. En huet iewel eppes u sech, dat mer nët schmaache wëllt, déi »Ässen« bleiwe mer am Haals stiechen. Ech hu, musst Der wëssen, d'Gewunnecht en äänzelne Vokal, (an deem Fall as et den Ä) dee virun zwä Konsonante stät, kuerz ze liesen. Ech mengen, dat sténg nawell esou an de Regele vun eiser Ortografi (odder soll ech mech iren?). Déi Zolwer Leit iewel, an denen hätt ee missen op d'Mondwierk kucken (de Luther wier do e bësse méi graff gewiescht), soen d'Ässen mat engem laangen ä am Unfank. Duerfir, mengen ech, misst een »d'Ässen« mat zwä Vokalen am Unfank schreiwen. Eise (gescheiten) Dixonär wäass dat nawell och (Luxemburger Wörterbuch Bd I Seite 33).

An der Press stät näischt vun der »rue de la Fontaine«. Soll si kee lëtzebuergeschen Numm verdéngt hun? 't wier schued, wa si bei der Aktion vum 5. Koarschnatz vergiess gi wier. Si huet, dat woar ganz fréi am 19. Joërhonnert, »Haupteschgässel« gehäascht. Deen Numm kënnt vum Hausnumm »an Hauptesch«. Dat Haus stong bis 1977 do, wou haut eng (super) modern Wunnkëscht am rustikale Stil stät. Et as d'Haus



Nr 7 (bal) vis-à-vis vum Buer, dee (leider) säin (originalt) Gesiicht verluer huet. De Mënschelo huet missen an deem (pseudo) rustikale Stil gebaut gin, fit datt Zolwer säi Charakter vun engem ale Bauerenduerf nët sollt verléieren (tageblatt vum 13.12.1976). Méi Äpzelhäten iwwert dat trauregt Kapitel aus der Zolwer Geschicht stin am »Lëtzebuerger Journal« vum 4. Koarschnatz 1977.

En anere Wee, deen erwisenermoosse virun nobäi 250 Joër ernimmt gët, as de »Junkerpäde«, oder och alt »St. Viktorpfad« genannt. Dese Fousswee huet vum Zolwer Schloss erof bei »d'Witteschkiirch oder St. Viktorkapell« gefouert. Iwwert des Kapell an dee Pad vum Schloss bis erof hun ech emol an der »Warte« Nr 11/1185 vum 22. März 1979 geschriwwen.

Et gët iewel nët nëmme Negatives iwwert déi Zolwer Stroossennimm ze verzielen. De »Pafewe« as e »Pafewe« bliwen. Et hätt elo och nach ee solle kommen, a ganz verschimt deen Numm, dee schon honnerte vu Joëren al as, an un deem sech nëmmscht jhee gestéiert huet, ëmdäfen! Dann hätt iewel der Däiwécker e sollen huelen!

Wéi as de »Pafewe« u säin Numm komm? Suessem huet zanter éiwegen Zäite vun der Poar Zolwer oafgchaang. Den Zolwer Paschtouer huet d'Mass zou Suessem misse liesen; hien huet dat iewel nët selwer gemät, mä engem Kaploun déi Oarbecht (an eng Däl vu séngem Akommes) iwwerlooss. Dese Kaploun huet zou Suessem selwer gewunnt (dat léisst sech aus de Suessem Kiirchebicher erausliesen). Et as jo wuel kloer, datt de Kaploun vu Suessem, deem säin direkte Määchter zou Zolwer souz, zimlech dacks tëscht denen zwou Uertschaften ënnerwee woar fir séng Instruktioun vum Zolwer Paschtouer ze kréien oder séng Bicher fir d'Kontroll virzeleën. Op dese Gäng tëscht Zolwer a Suessem huet hee (méi wéi sécher) ëmmer deesewechte Wee gemät; säi Wee huet den Numm »Pafewe« kritt (Géint 1650 as de Genitif nach gebraucht gin; an de Suessem Kiirchebicher kann ee liesen: »ein stück so stöst auff (...) desz paffen weghe«) Dat Wuert »Paf« as haut batter am Geschmaach. Dat woar iewel nët ëmmer esou. E »Paf« woar de Gääschtlechen am Duerf an an der Stad; de Konträr dervun as de Klouschtergääschtlechen.

Iwwer Zolwer wäass ech an deem Ament näischt méi ze verzielen. Ech hun, dat soll emol eng Kéier kloer an däitlech gesot gin, nët wëlles



mech matten an d'Dëschtelen ze setzen, esou eng däreg Saach hält mer ze laang no. Lit soll iewel Leit giñ, déi ganz fléck aus denen Dëschtelen, an déi se sech am blannen Äifer dragesat hun, e schéine Iolbërkranz trëtze (kënnen). Dat sin hirer Saachen, dat ka mech nëmme kal loossen.

Wat mech nawwel glat a guer nët kal léisst, as dat wat de 5. Koarschnatz 1981 un d'Licht vun der Bieleser Sonn komm as.

Biele huet jho zanterhir eng »Leweschgaass«. All déi Leit, mat denen ech bis elo iwwert déi Gaass rieds hat, et sin der en etlech, déi do op d'Welt komm sin odder scho bal e Mënscheliwee laang do wunnen, schwätzen nëmme vun enger »Groussgaass«. Eng »Leweschgaass« as hinnen onbekannt. Déi Gaass (haut as et nawel eng Strooss) huet ëmmer »Groussgaass« gehäasch, bis an deem Ament, wou den »Ortsgruppenleiter« (odder soss än aus de Reie vun dene giele Vullen aus der Okkupatiounszäit) op d'Iddi komm as, hir dem »größten Feldherr aller Zeiten« säin Numm ze gin. Sou as et komm, datt si fir e puer Joër »Adolf Hitler Straß« gehäasch huet. Nom Krich, soubal déi Giel (an och déi Brong) d'Blat definitiv gebotzt haten, huet eis gutt al »Groussgaass« den Numm »rue Grand Duchesse Charlotte« kritt (grad ewéi vill aner Stroossen an Avenuen dorëmmer am Land).

Ech mengen, ech bräicht nët laang driwwer ze philosophéieren, fir wat dee Wiessel vum Numm nom Krich vun eise Gemengepappe beschloss



gin as. 't kéint ä sech nawel haut frocn, firwat si deemools cng »rue« gin an nôt cng »Gaass« bliwwen as?

Heiando héiert än (dat as ëmmer da, wann déi al Schnoke vu fréier verzielt gin), datt déiselwecht Gaass och »Afegaass« genannt gin as. Deen Numm hun d'Leit nôt alleguer ganz gäer. Wat huet et mat dem Numm op sech? An enger Zäit, wou d'Leit nach näischt vun der Tëlevisioun an nôt vill vu Radio wousten (u Cassettespiller woar nach guer nôt ze denken), hate si no der Oarbecht nach besser Zäit ewéi haut. Si hu sech dann op d'Viischt-Dir gesat an eng Kosettche mam Noper gehal. Et huet nôt onbedéngt missen den Noper vun niewendru sin, deejeinege vun der aner Sait huet gären iwwert Strooss ewech matgemäet. Iwwert dem Schnëssen as iewel kengem eppes laascht d'Nues gaangen, vun all deem wat sech an der Gaass ofgespillt huet. Wou dann huet missen duerch d'Gaass goën, deen huet all déi Aën a séngem Réck gespurt; deen huet misse mengen, alles séiz do fir ze afen afen . . .

Firwat kritt clo déi Strooss, déi ëmmer (och nom Krich trotz dem offizielle Numm) »Groussgaass« genannt gin as, déi heemlech och alt »Afegaass« gehäisch huet, deen Numm »Ieweschgaass«? As dat vläicht geschitt, well mer zou Biele eng »Enneschtgaass« haten?

D'rue des Alliés as vun de Bielesser »Enneschtgaass« genannt gin, dat schéngt sécher. Ech hu vun engem Här, deen do gebuer as, deen haut erëm do wunnt, erfuer, datt d'rue des Alliés »d'Enneschtgaass« as. Hien huet mer verzielt, datt des Gaass méi brät woar, wéi d'Groussgaass, an duerfir och »de Bräde Wee« genannt gouf. Vun der Groussgaass sot hien an dem selwechten Otemzuch, datt sénges Wëssens no ni den Numm Ieweschgaass gebraucht gin as. »Déi Gaass gät vun der Kierch bis bei d'Barriär«, sot hien, »an dat as eng grouss Gaass«.

Den Numm »Enneschtgaass« schéngt den eelste Numm fir d'rue des Alliés ze sin. En as esouguer op enger Plakat gedréckt, déi eng Stee annonciéiert fir de 9.9.1814 um 10 Auer muerges. An den Änzelhäte stät do ze liesen: »... il sera procédé à l'adjudication Préparatoire (...) d'une maison et d'un jardin y contigu, (...) située à Belvaux, mairie de Sanem (...) rue basse (...)« Wa mer elo de Kadasterplang vun 1824 erbäihuelen, a vergläichen dee mat der Beschriewung vun der Plakat,

da musse mer soen, datt dat Haus an der rue des Alliés vun haut stät; dat as ganz sécher esou, well 1824 nach ëmmer nëmmen än Haus do ze fanen as!

Ech hun och verlauschtert, datt des Gaass géint 1910 fir d'eischt gestéckt gin as (odder huet s'e Pawee kritt?). Eng Persoun, déi mer dat verzielt huet, nennt se »den neie Wee«. Dat wëssen iewel nëmmen déi wéinegst; méi bekannt as nach, den Numm »Bréckestrooss/Brückenstraße«. Dësen Numm hat d'Enneschtgaass nawel nôt gestuel, well si ënnert der aler Eisebunnsbréck erduerch op de »Pääsch« gefouert huet. Haut as d'Strooss anescht gefouert wéi déi al Gaass geloaf as. Zanter dem Ufank vun de 60 er Joëre stät eng nei Bréck nieft där aler, d'Strooss lääft am riichte Wénkel op »de Pääsch« zou.

Ech hun ewell zwämol den Numm Pääsch gebraucht. Et géif bal Zäit, datt ech géif soen datt domatt »d'Poststrooss/rue de la Poste« gemengt as. Aus der »Enneschtgaass« eraus gät et no lénks laascht de »Pääsch« op d'Kräizung virun der Gemeng (wéi et do weidergät, gesi mer méi spët). De Pääsch huet säin Numm vum latengeschen »pascua«, dat as cng Wäd déi ronderëm zou woar. Ä genä esou hat et sech mat dem Bielesser Pääsch. D'Wiss, op déi d'Véi vum Duerf gefouert gin as, woar ronderëm mat enger Heck zou. Do loug och »de Weierchen«, deen dem Dëfferdinger Nonneklauschter gehéiert huet. Leit, déi haut an di 80 Joër hun, zielen datt Koarpen an dem Weier gezillt gi sin. Si mengen och, datt den Numm »Pääsch« vum franséischen »la pêche, pêcher« hierkéim, (wéngt dem Weier an de Fësch dran). D'rue du Stade, déi nôt wäit vum Weierchen ewech as, an déi d'Poststrooss mat der Hüttestrooss verbënnt, gët elo »am Weierchen« genannt. An deem Dräieck ronderëm d'Schoul an den Terrain vum »FC the Belval« loug de Pääsch an de Weier. Do sollt emol eng Kéier e modernen Duerfzenter entstoe mat enger Gemeng, enger Schoul an engem Sprëtzenhaus ronderëm eng Moartplaz. Aus de Pläng as näischt gin, dat äänzezt wat gebaut gin as, as d'Schoul.

Mat der »Lackeschgaass« as »d'rue Dicks-Lentz« gemengt. Dat as nach bal allgemeng bekannt. Et soll iewel drun erënnert sin, datt si och »Hengegassel« genannt gin as. Deen Numm hat si vum Hausnumm »an Hengen«. Dat Haus stong bis un d'Enn vun de 60 er Joëre gläich als éischt lénks,



wann än d'Gaass oafgät. Haut hu mer do eng (kleng) Parkplaz.

Wéini si den Numm »Kirchhofstraß« kritt hat, as nët méi ze gesin. Am Regëster vun de Gemengerotssëtzunge kann än iewel liesen, datt si den 2. Dezember 1944 den Numm »rue Dicks-Lentz« kritt huet.

Deemools huet de Gemengerot vu Suessem zou Bieles séng zwät Sëtzung nom Kirch oafgehal. Et waren derbäi d'Häre Greisch (Buergermäächter), Kohn, Schockmel, Anen, Biver, Grandgenet, Kemp, Kunnert, Proth, Verrieder vun der Miliz vu Bieles an Zolwer an e Mann vun der Polizei. Et schénge märe scho wichteg fir emol de ganzen Text vun der Deliberatioun hei erëmzegin. (Ech hu jhust eng Koppel ortografesch Feler am Text riichtgebéit)

»Nach Einsicht eines Schreibens der Union Sektion Beles »betr(effend) Umbenennung von Straßen

»In Erwägung daß es angezeigt erscheint, da wir unsere Freiheit wieder erlangt haben, verschiedene Straßen der jetzigen Zeit entsprechend umzubenennen

»Nach Anhören der Für und Wider

»Beschließt einstimmig

»Nachbezeichnete Straßen wie folgt zu benennen:

»Beles:

»Großgasse in Rue Grand Duchesse Charlotte = Großherzogin Charlottestraße

»Kirchhofstraße in rue Dicks-Lentz = Dicks-Lentzstrasse

»Brückenstraße in rue des Alliés = Alliiertenstraße

»Zolwer:

»Schulstraße in Rue Prince Jean = Prinz Johann Straße

»Beschlossen zu Beles, Datum wie oben (...)

Wat fir eng Stëmmong, wat fir e Gefill, wat fir eng Freed iwwert hir nei Fräihät déi Leit a sech haten, wéi se hire Stroossen des Nimm gin hun, kann än nëmmen tëscht den Zeile roden. Ech mengen dat woar méi wéi nëmmen Hurra-Patriotismus.

D'Groussgaass, d'Ennëschtgaass an d'Lackeschgaass kommen (op än Hoër no) op derselwechter

Plaz zesummen: bei der Kiirch. Vun do gäat nach eng Strooss fort: d'rue de Hussigny, déi mer op Lëtzebuergesch »Héisinger Wee« nennen. Si as an der Zäit iwwert de Bierg op dat franséisch Nopeschduerf Héising/Hussigny gaang. E Bielesser, deen an deem Wee op d'Welt komm as a bal e ganz Joërhonnert laang do gelieft huet, huet mer verzielt, datt dee selwechte Wee séngerzäit »Lonkerwee« genannt gin as. Hie konnt sech erënneren, datt séng Leit iwwert de Bierg op Lonkech op de Moart gaange sin. Do hu si Produkter aus hirem Bauerebetrieb verkaaft. Mat deem wat si geleist hun, hu si akaaft, wat än esou an engem Hausstot brauch. Wéi dee Wee vu Bieles op Lonkech odder Héising gaangen as, kann än haut nët méi gesin, well de ganze Bierg zanterhir duerch den Héichuewe gaang as.

Déi Leit, d'Mineure mengen ech, déi zanter méi ewéi honnert Joër fir de Räichtom vun eisem Land geschafft hun (den 31. Dezember vun dem Joër gët jo déi lëscht Grouf, den Tillebiereg zou Déifferdang zougemat) déi Dag fir Dag e Stéck vum Bieleserbierg erausgebrach an op de Buggi gelueden hun, déi Mineuren hun zanter dem leschte Joër a Bieles eng Plaz, déi un si erënneren: »Place des Mineurs/Biergaarbechterplaz« an der »Ennëschtgaass«. Do hu si och hirer Schutzpatréinesch, der Helleger Bäärbel, eng Kapell gebaut, bal jhust op déi Plaz, wou ongeféier 1969/70 d'Willibrorduskapell oafgerappt gin as.

D'Willibrorduskapell stong do op der Plaz zanter 1889. De Michel Lorang vu Bieles a séng Fra Margaretha Kauffmann vu Schengen haten se gebaut. Sou stät et an de Kiirchebicher geschriwwen.

Am »Quartier de l'Eglise« striewen déi véier Stroossen, vun denen ech elo jhust geschwat hun, zesummen. Dee Kartchen as, wann ech esou soen däerf, den Zenter vum Duerf. Hei fanne mer d'Kiirch, d'Paschtoueschhaus (dat séngerzäit »an Zären« gehäsch huet), an e Monument op där Plaz, wou déi al Schoul stong. D'Haardenshaus stät nach, och wann et am Fong total ëmgebaut gin as (Nr 19). Dee Kartchen häscht elo op Lëtzebuergesch »op den Rousen« (mat engem n virum R stät et um Schélt). Dat as en ale Flouernumm, deen ewell laang vergiess war. En as iewel 1975 op der Kadasterkaart vun 1824 erëmfond gin an och an der Broschür »Bieles, séng Leit, séng Poar, séng Kiirch« ze fannen.



Méng Ditt (datt modernt Vollek seet duerfir »Grand-mère«), déi nach virun 1900 »op de Rousen« an d'Schoul gaang as, huet mer mol verzielt, datt si hirerzäit och »um Schoulklapp« gesot huet fir dee selwechte Kartchen. Dëslescht hat ech mat enger Damm, déi am Haardenhaus wunnt, iwwert eis Stroossennimm rieds. Si ka sech erënneren, datt virum Krich »Kirchstraß« op de Schëlter stong. Gesiderkuckt, sou ännere mat den Zäiten och de Stroossen hir Nimm.

Bieles huet nieft dene véier méi grouse Stroossen zwou kleng Gaassen, déi quääsch duerch d'Duerf gin. Déi eng hat ni en offiziellen Numm, well keen dra wunnt; 't as iewel nach ëmmer »Thillsgässel« derfir gesot gin. Deen Numm stät dann elo och op hirem lëtzebuergesche Schëlt. Ir se den Numm »Thillsgässel« kritt huet, huet se »Scholtesgässel« gehääsch. D'Scholteshaus stong bis un d'Enn vum leschte Joerhonnert als éischt Haus riets (um Eck mat der Groussgaass), wann der »Thillsgässel« oafgitt. Op der selwechter Plaz huet den Ed. Thill viru méi ewéi 80 Joer säi Betrib opgebaut (haut stät nach jhust d'Geschäftshaus dervun). Gi mer d'Thillsgässel oaf, da komme mer an der Enneschtgaass, bei »Gässelches« eraus. Dat as dee Bauerenhaff, dee riets um Enn vun der »Thillsgässel« läit. Säin Numm kënnt vu »Gässel«; dat as d'Kuerzform vum Stroossennumm »Thillsgässel«.

Bal riichtiwwer komme mer an d'rue des Jardins, eng ganz kleng Gaass, déi bis (ongeféier) viru sechs Joer nach d'Enneschtgaass mat dem Réiden(g)erwee verbonnen huet. Dat drëtt Haus lénks, et as eng kleng Doléincrhäip aus dem 19. Joerhonnert, huet der Gaass hire lëtzebuergeschen Numm gin: »Greischegässel«. Haut verlääft »d'Greischegässel« sech an engem klengen Park, der Place Pierre Greisch. Dat war den ale Buergermäschter, dee mer an där memorabler Sëtzong vun eise Gemengerot vum 2.12.1944 begéint hun. Op der »Place Pierre Greisch« stong viru bal 10 Joer nach eng kleng al Wiirtschaft. Si woar de Rescht vun engem décke Betrib, dee vum Brausch J.P., genannt, de »Klu« hei op d'Bä gesat gi woar. D'Haus huet d'éischt »a Fellesch« gehääsch, a wéi de Brausch abestued gin as, huet et säin Numm kritt: »a Kluts«. D'Gässel déi dohigefouert huet, huet dann och »Klutsgegässel« gehääsch. Den Numm »Greischegässel« as iewel ouni Zweifel méi al.

Elo kenne mer d'Duerf selwer mat sänge véier groussen an zwou méi klengen Stroossen. Déi grouss Weë sin an engems och d'Ausfallstroosse vum Duerf, si verbanne Bicles mat den Nopeschdierfer Uewerkuer, Zolwer, Lileréng, Esch Réiden an Héiséng. Gi mer se der Rei no alle véier aus dem Duerf eraus. Eisen Ausgangspunkt as allemol »op de Rousen« de Quartier de l'Eglise odder soss e markante Punkt.

D'Groussgaass as sengerzäit – dat woar ir d'Eisenbunnslinn Esch-Péiteng, déi den 1.8.1873 offiziell a Fonktioun gaangen as, gebaut woar – riichtaus op d'Kräizong virum Stadhaus gaang. Anescht gesot: d'rue du Coin beim Park riichtiwwer vun der Post woar e Stéck vun der Groussgaass. Iwrengs, dësen Lick as bei der Aktioun »lëtzebuergesch Stroossennimm« vergiess gin! D'Kräizong virum Stadhaus läit haut nach bal op der selwechter Plaz wéi 1824. No lénks de Bierg op gät et op Uewerkuer (-Uewerkuererwee-). De Bierg nennt sech »de Feisbierg«, offiziell iewel as et d'rue de la Gare, fir dann hannert der Kopp an der Kéier den Numm ze wiesselen; hei gët se »d'route d'Obercorn«.

Zréck op d'Kräizong virum Stadhaus. Riichtaus komme mer iwwert den »Zolwerwee«, rue de Soleuvre op Zolwer. Nobäi 300 Meter hannert der Kräizong stin am Hank vum »Paquetbierg« e puer Haiser, hir franséisch Adress as »rue Bel'Air«. Vun derselwechter Kräizong virum Stadhaus aus gät et no riets de Bierg oaf op Esch. Mer hun hei eng schéi brät Strooss ënnert de Schongsuelen: d'Route d'Esch. Beim Elektrogeschäft (op Nr 99) gät lénks d'rue Henri Tudor eran. Si kënnt 100 Meter weider bei der Shell-Bensinsstatioun erëm eraus. Well si an d'Grousswiss« dragebaut as, huet si och dee Fluernumme elo als lëtzebuergeschen Numm.

Gi mer den Escherwee weider, bis mer bei déi blo-wäiss Pompele vun der Aral-Statioun kommen. Hei as e Punkt, dee mer eis mierke mussen. Riichtaus gät et op Esch, no lénks gafelt de Wee oaf op Lileréng, e stät als »chemin rural (de Belvaux) à Ehlerange« am Kadasterplang vun 1824. Haut soe mer »Roude Wee« derfir, op franséisch »Chemin Rouge«. Dëse Wee huet säin Numm kritt, wéi e fir d'éischt gestéckt gin as. Deemoos as e roude Minettstä gebraucht gi fir en ze stécken.



Gi mer de »Roude Wee« a Richtong Éileréng (sou wéi et an der Zäit de Brauch woar). Grad ier mer op säin héichste Punkt kommen, gät et no léns an d'Cité »Grand-Duc Jean«. Gebaut a geplangt vun der SNHBM (dat as d'bëlleg Wunnéng), as si ugefaange gin, wéi eise Grand Duc vun haut nach e Pränz woar, duerfir woar hiren éischten Numm och »Cité Prince Jean«. Dëse Kartchen, en as nach nët emol 20 Joër al, bestät aus véier Stroossen, déi alleguer »beim Sporebam« situéiert sin. Eng Strooss vun dene véier, d'rue Nic. Biever« (e fréieren Oarbechtsminister) kritt elo dëse Flouernumm. Dat fannen ech u sech gutt, mengen iewel de ganze Kartchen hätt deen Numm verdingt. Wat mech nach stéiert, as datt den Numm »beim Sporebam« Déi al Bicleser soen derfir »beim Spuereboam«, domat menge si (dat schéngt mer ganz sécher ze sin) e »Speierling«, lat.: *Sorbus domestica* (L. Wb. Bd. IV, Seite 246). An de »Luxemburger Pflanzennamen« vum Henri Klees lissen ech datt en och nach Spi(e)rebam, Sperebam a Sperelter genannt gët (Seite 98, Nr 947). Beim Batty Weber (»Über sich selbst«, Ed. Kutter, 1977, Seite 49) gin ech gewuer, datt e Spi(e)rebam wëll dobaussen an der Natur ze fannen as an, datt séng Fruucht enger Miniaturbir gläicht a ganz gutt schmaacht.

No deem Tour duerch »d'Cité« (Grand-Duc Jean) komme mer erëm op dem »Roude Wee«, dem alen Éileréngerwee eraus. Eis nächst Statioun as »op der Metzherhéicht« vis-à-vis vun der Schoul »Roude Wee«. Op dëser Plaz huet den Éileréngerwee de »Metzerwee« gekräizt. Dee Wee gët scho 1745 am Geriichtsbuch vun der Grondhärerschaft Bicles genannt. En huet also glat a guer näischt mat enger »Metzerschmelz« ze din déi do gestane soll hun, wou haut nach d'ARBED tèscht Esch a Bicles dämpf, stëbst a ramouert. Wann än dat vun deër »Metzerschmelz« esou liest, da fällt engem den éischten Ament guer niët op, datt d'Bridder Metz wuel Grouwen zou Bicles um Bierg haten (dohir de Flouernumm »Metzerbierg« zou Bicles), mä ni eng Schmelz. Déi éischt Schmelz déi tèscht Bicles an Esch gebaut gin as, as déi sougenannt »Adolf-Emil-Hütte«, opgeriicht an eiem Joërhonnert vun der »Gelsenkirchener Bergwerksaktiengesellschaft«. S'as fäerdegi jhust virum éischte Weltkrich, also géint 1912/13.

Minett as zou Bicles exploitéiert gin zanter (mindestens) 1860 an iwwert d'Stroossen (ech sollt méi richtig soen: iwwert de Landwee) op Eech transportéiert gin. 't verstät sech vum selwen, datt deen Transport do zimlech komplizéiert a mat vill Schwiregkäte verbonne woar. . .

Elo hun ech gesot wat de »Metzerwee« nët as, mä domat wësse mer nach nët wou säin Numm hirkënnt. Fir mech woar en eng Verbindong vun Zolwer op Metz. Ganz einfach, onkomplizéiert. Dat wëllt guer nët soën, datt de »Metzerwee« e groussen Handelswee soll gewiescht sin, dat hääscht och nët, datt déi Zolwer odder déi Bicleser Leit solle regelméisseg op Metz gefuer sin, mä dat wëllt soën, datt dee Wee den Zolwer Leit d'Poart opgemaät huet, fir eraus op Metz, eng Verbindong geschaf huet mat méi engem groussen Landwee op Metz. Niewebai kann ech beleën, datt Metz nët aus der Welt loug. Am Bicleser Poararchiv läit e Bréif un d'Bëschtom vu Lëtzebuerg, wou ech crausliese kann, datt fir d'Bicleser Kiirmes (erloabt mer den Ausdrock, en as graff, mä en nennt d'Kand mam Numm) déi Metzger Houeren zou Bicles fir den Amusement gesuergt hun. Wéngt dene Gelegenhäitsdammen do sin uerg Kläppereien zou Bicles entstan. Dat woar nët d'lescht Joër, mä 1884!

Deen Numm »Metzerweg« as op der Kadasterkoart vun 1824 festgehal. Et as dec Wee, dee vun der Schoul »Roude Wee« riichtoaf op d'Schmelz weist. An eiem Joërhonnert as en de »Feldwee« genannt gin, ee gudden Dag as e geandelt gin an huet den Numm »rue des Champs« kritt. Haut iwwersetze mer dat erëm op Lëtzebuergesch mat »Feldstrooss« (...) (ech maache kee Kommentär).

No ongeféier 300 Meter féiert eng Strooss no léns an »d'Rämerwiss«. Duerfir huet si elo d'Eier op Lëtzebuergesch »an der Rämerwiss« ze hääschen, offiziell bleift si d'rue Albert Einstein.

De Rescht kënnt an No 14

## Hierscht

### Eng Fro:

Den Hierscht dreift ëm mech  
Vum Reen zerfatzt,  
Ech ruffen an de Wand –  
Zeréck kënnst näischt.  
Oder dach?  
Den Zweiwel.

### D'Vulleschäich:

Kä Mënsch as hei  
Si hu mech vergiess  
Dee wéischte Niwel frësst méng schaufel  
[Lompen]

An der Fären hault en Hond  
Méng Stëmm as zou  
Geschwë fällt d'Nuecht crof  
Ech fäerten, si hu mech vergiess.

### En ale Kënschtler:

Wéi laang muss ech nach heinidde bleiwen?  
Bis dee leschte Kritiker mech opgehaang?  
Bis ech vergiess si wéi e wielegt Kraut?  
Da wëll ech léiwer gläich vergon.

Jos Berrens

## Sprooch

Ech verstin d'sprooch nët  
vun de kritiker  
de rezensenten  
.....

ech verstin nëmmen  
dat do bannen  
dat do baussen  
dat vu baussen  
dat vu bannen  
dat verbannen  
datt verbannen

(21181) hr

## Elchert 1637

Am kale Wal ka kee mech halen.  
Ech gung zlescht zréck op Späichersbill\*:  
D'Duerf as nach do mee vun den alen  
Haipen an Haiser bleift nit vill.

De Kiirchtur steet trei ze waarden  
Iwwer d'Getraisch, Äschen a Gräsch.  
"I' as alles gring an Apelsgaarden\*  
An 't wüsst rëm Gras an eisem Päsch.

Krepciéiert Véi läit bei den Trächer,  
De gaunze Koun\* as ofgebraunt,  
Gesate Piff mourzt an de Lächer  
Mee durich d'Gaass zitt Fréijorswaund.

De Luutschenhaff\* as e Koup Leën,  
De viischen Daach läit op dem Schwell,  
D'Diren an d'Raute leien an de Wëen  
Mee 't schéisst rëm Waasser raus der Quell.

O Hemechtschaus hannert dem Hiwwel  
Ënnert der Lann héich op der Kwäart\*  
Versprät, verhonst as eise Miwwel.  
Ënnert dem Giewel läit den Häerd.

Mäi léiwe Papp, du wouls dech stäipen.  
An der Mëscht koll lous du sou laang  
Bis datt de Russ mat wëllen Näipen  
Dech un eis Launter huet erhaang...

'T huet vill gereent de leschte Waunter...  
Den Dreck an d'Blutt sin afgewäsch.  
'T häängt lo keng Läch méi un der Launter...  
Kommt! Gitt mat heem!  
Dréckt d'Fauscht an d'Täsch!

N. Bach

\* Feld- an Hausniem vun Elchert  
1637 Pescht, 30järeg Krich



*Et war nët ëmmer wéi haut!*

## D'Beddelschnidder

Wir eis »God« nët esou eng gespréicheg gewiescht, da wéisst ech iwwer d'Beddelschnidder<sup>1)</sup> sou vill wéi soss een iwwer de Käser vu China. Zweemol wou mäi Papp sénger eenzeger Sëschter an deer Saach ni widdersprach huet, zécken ech och nët fir dat vun de Beddelschnidder weiderzegin, sou wéi ech et héieren hun.

Well si béid wossten dat vun hirem Papp an dee scho vu séngem. Ma dee wosst et wuel am allerbeschten, well et him selwer passéiert war! Aus deer Ursach och as dat fir mech op d'manst esou wouer, wéi dat wat gëschet an der Zeitung stung.

Wien nët all Zäit huet a prësséiert as, deen as op di einfach Manéier wéi lo éinescht, mat e puer kuerze Spréng, scho bal an der éischter Heischent vum viregte Jorhonnert, wou am Éislek nach kee Mënsch un eng Lësebunn geduecht huet. Do begéint een nach di lescht Beddelschnidder.

Fir iever den Thema definitiv opzegräifen, kënn een nët derlaanscht fir och e Wuert iwwer di grouss Jormaert vu fréier ze soen. Well Beddelschnidder a Jormaert passen, wéi Hand an Händsch, beieneen.

Deer Mäert gouf et am alen Éislek en etlech Landbekannt an deemno beléift war den Heischter Maart. Vlächst hat och derzou bäigedro, datt hien esou giedlech am Jor gefal as, jhust tëschent Heemount a Karschnatz, deen déi Zäit eng gutt Deel méi spéit war. Jiddereen, deen deemools scho säin eegne Räsbéngel hat, wosst wéini »Heischterdag«<sup>2)</sup> wär: Den éischte Méindeg August, oder »Karschnatz«, wéi et ni anescht gesot gouf.

Duerfir war et och féng héich gegräff, wann ee behaapt huet, hie wir bestëmmt schon honnert Mol um Heischter Maart gewiescht! Sou war et engem Man ergang, deen an enger Gesellschaft sech dees bereimt hat. Wéi en duerop gefrot gouf, wéi al hien da wär, huet alles haart gelaacht, well e war eléischt gutt an di achzeg. Sou genä hun d'Leit dat deemools geholl!

Haut, an der haselecher Zäit an deer mir liewen, fällt et scho schwéier es nëmmen en engécher-moosst Bild ze maache vun engen grousser Maart. Et ging iever hei ze wäit féieren, fir dat méi nä wëllen ze beschreiwen.

Zu Heischent as de Maartdag op Kiirmes-méindeg gefal, mä de ganzen Opzock huet séng gutt aacht Deg gedauert. Et war virun allem e

bedäitende Schoofsmaart. Mä och Geessen a Geessbéck waren déck vertruuden, well de »Bock vun Heischent« trëtt nët vun ongeféier am »Renert« (IV/28) op. Bei de grousser Béische gouf et vill Fock mat Gespannuessen. A méi wi een, gouf alt gesot, deen op de Maart komm war, fir eng Koppel Uessen ze kafen, kounn no e puer Deg, ouni Uessen an ouni Suën, rëm heem, well en dat cent an dat anert op der Klebunn ver-spillt hat.

Fir eng kleng Iddi ze gi vun deem Mënschen-oplaf um Heischter Maart, géif ech gären en alen Akt zitieren aus mëngem Hemechtshaus. Laut deem Schrëftstéck, dat nach aus der Zäit vu virun der franséischer Revolutioun datéiert, huet e Bäcker vun Arel Jor fir Jor e klengt Stéck Land gelount »um auf Heiderscheidter marck seine gezelten aufzuschlagen«. Dec Këpp Land luech laascht de Kiemeler<sup>3)</sup> Wee, wuel direkt um Duerf, mä iever schon derbaust an e gutt Stéck vun der Maartplaz<sup>4)</sup>. Deemno wosst de Bäcker, och nach um baussegsten Enn vum Duerf, séng Mëtschen a Kichelcher un de Mann ze bréngen!

Mir sën hautgesdaags sou huerteg bei Hand fir d'Nues ze réngelen iwwer Zoustänn a Mëssstänn vu fréier! Wou et scho bal akzeptéiert misst sën, datt all Kulturgesellschaft déi Kriminalitéit opzewiesen huet, déi am beschten zou hir passt, — da mécht eis modern Gesellschaft bei sou engem Verglach nët eeschlech Figur! Duerfir hätte mer bal besser Liesmass ze din, wann doriwwer Rieds geet.

D'Beddelschnidder waren e gesellschaftlecht Iwwel, eng Maffia scho fir déi Zäit. Keng Justiz a kee konnt eppes géint si ausriichten. Si waren, wéi d'Leit gesot hun, »dem Gesetz ze staark«!

D'Bauren hate vu jechier, wann et ëm kriminell Saache gung, nët vill Fiduz an di éffentlech Justiz. Vu Polizei a Jhandaarmen hu si nët vill méi gehal, wéi vun de Beddelschnidder. Well et ware jo och deer, déi »nët gär geschafft hun«. Déi Zorte waren dem Bauer ëmmer verdächtig.

Fir mat de Beddelschnidder auszekommen, hu si sech dann och léiwer mat hinne selwer ran-jhéiert, an d'Polizei aus dem Spill gelooss. Déi hätt och d'Saach nët besser, mä vill schlimmer gemät. Well war et engem Bauer mol virkomm e Beddelschnidder unzezeigen, dann hat dee Betreffenden, wann nët dat selwecht Jor, mä da sécher dat anert, de »rouden Hunn« um Mäach. Well déi meescht Scheieren a vill Haiser waren



nach mat Stréi gedeckt. Dat huet de Summer gebrannt wéi Fett, dat wossten d'Bauren. – D'Justiz hat dann hiirt gemät, an e Beddelschnidder souz am Back. Mä de Schued hat de Bauer, well et déi Zäit nach keng Feierversécherung gouf.

An deer niddelträchteger Situatioun fir d'Bauren hun d'Beddelschnidder iewer eppes wéi Handwerksstier gewisen! Virum Maartdag hu se sech bei der Ducrfautoritéit ugemellt, an déi huet e Mann mat der Schell duerch d'Duerf geschéckt, an ausruffe gelooss sou an souvill Beddelschnidder kéimen op de Maart. Domat war si da gedeckt, an d'Leit sollten sech duerno riichten. Mä am Fong waren déi grad esou gescheit wéi hautgesdaags den Automobilist virum Warnscheld »Chutes de pierres«!

Wéi et schingt, haten di Responsabel schon ëmmer gudder Geschéck fir sech aus enger kriddeleger Saach op eng luussig Manéier erauszéien. Mä hei mat de Beddelschnidder war dat iewer nët grad esou! – Mat »hirem« Maart haten d'Duerfleit keng Grimmel Notzen, ma nëmme Schererei. Do war zemol dee Va-et-vient vun den Zockerkréimer, Klunscheleit, Konschtmécher an allméiglech Wandjhangen nach, zu denen d'Beddelschnidder och gezielt hun. Am ganze war et en hondfriemd Vollek mat deem déi Usiesseg nët dat manst ze din haten. Si hu sech an hirem eegnen Duerf bal nët méi doheem gespiirt. Well et war gudden als Gebrauch fir all dene Maartleit en Ennerdaach ze gin, souwäit et néideg a méiglech war. Am Noutfall war Scheieren an zouë Schäpp nach gutt genuch fir deer Saach gerecht ze gin.

Den Urgrousspapp, dee Buergermeeschter war, as doran och mam gudder Beispill virgaang an huet e ganze Beddelschnidderstot, mat Fra a Kann, opgehall. Et war wuel wéint deem klenger Kand, datt se Zougank an d'Haus kruten. Se goufen nët um Späicher – wat wuel de Feler war, – ma ennenan an der »henneschter Kummer« lojhéiert. Do haten s'et liicht hanner der Kummerdir ze lauschteren. Sou goufen se dann och gewuer, datt den Haushär wëlles hat um Maart eng Koppel Uessen ze kafen!


D'Bauren hun déi Zäit hiirt Geld ënnert hirem weide Kiddel an engem Girel gedro. Dat war e staarken, dueble Liederrimm, deen se sech ëm d'Taille geblockt hun. An de Splack vun dem Guert hu se hir grouss Sëlwerdaleren cragestëp-



pelt. – War de Maart dann a vollem Gank, an d'Gedrücks un allen Linne scho schlëmm, dann hun d'Beddelschnidder deer Saach nach nogehollef. Dës Säit huet ee gedréckt, an di aner – ratsch mam Messer – war engem Bauer de Girel erof, an een drëtte schon dermat hopp a fort!

Gouf, bei Zeien zou, e Beddelschnidder erwëscht, da krut en op der Dot de »kuurze Prozess« gemät. Wat dann ze geschéien hätt, dat wosst um Heischter Maart schon all klengt Kand! – D'Mënschewull huet sech gedeelt an zu béid Säite Spaléier gemät. Op déi Fassong as e laange schmuele Couloir entstan, duerch deen de Beddelschnidder huet misse lafen. Da konnt jiddere mat allem wat e jhust am Grapp hat, ob Reesbengel or Prabli, op de Beddelschnidder fachen, sou dack an esou fest wéi e konnt. Datt deen aarmen Däiwel bei deer Kur de Kapp nët nëmme tëscht d'Schëlleren, mä och tëscht d'Gräpp geholl huet, kann een sech gutt virstellen! – De Beddelschnidder war duerch den »Heischter Wald« gedriwwen gin. Dat war séng Strof, an d'Leit haten hire Spaass derbäi.





Wéi et du Kiirmesmëindeg gouf, war den Urgrousspapp an och säi »Lokatär«, de Beddelschnidder, um Maart, – jidderee fir säi Geschäft! Doheem an der Stuff stong d'Urgrousspapp mat hirem klenge Kand um Arem (e Puppelchen, sou wéi der Beddelschnidderfra hiren och). Well et esou schéint Wieder war, hat si d'Stuffefënster grouss opgemät a si stong do eraus an den Haff ze kucken. – Wie kënnt dun do an engem Galopp d'Duerfgaass crof an den Haff eragerannt bis virun d'Stuffefënster, – de Beddelschnidder mat engem Girel am Grapp! »Hei, fänk op!« rífft en, »ech muss erëm hannescht, d'Saach as am Schnatz«, an, ouni weider ze kucken, werft en hir d'offe Fënster de Girel an d'Hänn. Si kuckt en a gesäit direkt, datt et de Girel vun hirem Mann as! – An der Hooss hat de Beddelschnidder sech versin. Hien hat d'Hausmeeschtesch, mat deem klenge Kand um Arem, fir séng eege Fra gcholl!

Op déi Manéier koum den Urgrousspapp erëm zu séngem Geld, an d'Léier war hien emol keng déier gin. Ob dem Buergermeeschter säi Beddel-

schnidder och d'uerch den »Heischter Wald« geschéckt gouf, ech gläwe kaum! Well d'Blamaasch fir vu »séngem« Beddelschnidder bei d'Lisett gelooss ze gin, war fir hie scho grouss genuch.

Mam Opkomme vun der Eisebunn gungen d'Jormäert ëmmer méi zrëck. D'Leit konnten sech vill méi stéier déplacéieren, an domat hat den ambulanten Handel vill u Bedeitung verluer. D'Zäiten hate geännert; d'Jormäert sin der Rei no verschwonn, an domat war och de Beddelschnidder all Soumecht<sup>5)</sup> entzun.

C. W.

1) Am gréissten Deel vun eisem Land gët fir »Schneider« »Schnedder« or »Schnegder« gesot; am zesummegeesatene Wuurt iewer »Schnidder«, wéi Dillschnidder, Fierkelschnidder a vläicht anerer nach.

2) Vun engem, deem nët déck op Propretéit gehal huert, gouf gesot: »E sténkt wéi de Bock ëm Heischterdag!«

3) Fir d'Uertschaft »Kehmen« gouf an der Ëmgegëgend ëmmer »Kiemel« gesot (vu Kiem = Réimerwee). An dene villfache Flouernimm »um Kiemel« blouf dat Wuurt nach richtig erhal.

4) Vun der Maartplaz aus huert de Joseph Kutter ee vu séng schéinsten Tabloë gemoolt: Op lugüber groum Fong den Heischter Kiirchtuor, freeschlech héich a mat feierroude Schallächer, deem di puer Haiser virdrun dominéiert a se bal ermëlzt.

Op deem Tablo jhuert nët méi ze gesinn, stoeet rietserhand dat Haus »a Frantze« genannt, d'Geburtsstaus vum Dr. Michel Welter, spéidere Minister (1916-1917) a Begrënner vum Lëtzeburger Sozialismus (21.3.1859 – † 22.4.1924, Mondorf).

A schwéier Zäit, am éischte Weltkrich, koum hien un d'Staatsrudder. An der Stad, mä besonnesch am Minett, hun d'ei kleng Leit geschwaarzen Honger gelidden a wosste munnechmol de Gëps vum Miel am Brout nët méi z'ënnerscheden. Eist klengt neutralt Land war vun de Preise besat, an domat hat d'Regierung Hänn a Féiss gebonn. Hir verzweiwelt Beméiungen (déi alt bis a Rumänie gongen) fir aus aneren neutrale Länner Liewesmittler erbaizeschafe, waren all ëmsoss. Du hat de Welter d'Iddi fir aus der Schwäiz eng verbessert Rass vu Geessen z'importéieren, fir datt d'Aarbechterkanner och nach eng Schlupp Mëllech kritis. Duerochen gouf him vun der Opposition den Numm »Geessmëchel« ugehaang!

Et gët an der parlamentarescher Geschicht vun eisem Land keen zweet Beispill méi, wou e prominente Lénkspolitiker an e grondéierleche Mann, vun der Opposition op esou eng graff a wéischt Manéier attackéiert gouf, wéi de Michel Welter. Eng Serie vu Spottkaarten, déi deemols als illustriert Postkaarten ënner d'Leit bruecht goufen, liwwert d'uerfir nach haut de Bewäis (2 Biller).

Datt bis haut, sou laang no séngem Doud, u séngem Geburtsstaus nach keng Gedenkplack hânt, as richteraus gesot, e Stomp, an nët nëmme fir dem »Frantze Mische« séng Parreil!

5) »Soumecht« soen d'Baure fir di warem Buedemfliechtegkeet, di néideg as fir de gudden Wuesstem vun de Planzen.

6) Beddel-, Beidelschnidder, -schnedder: 1) deem Béischte kastréiert; 2) Täschendéif; Schwindler (bes. op Joërmäert fréier); 4) Capsella bursa pastoris (L.W.B 5b).

## Dat neit Gebëss

De Miersche Jhämp stung am Buedzëmmer; en huet wootlecht Waasser iwwert säi Gebëss lafe gelooss. Vun Zäit zu Zäit huet en an de Spigel gekuckt an dann huet en de Kapp gerëselt.

Dat wat e gesin huet, huet en nët extra begeeschtert. »Zanter siechzeg Jor kucken ech elo schon an de Spigel«, duecht en, »an nach ni war ech esou richtig mat ménger Fisemin zefridden; mä a leschter Zäit fannen ech, datt ech ëmmer maner deem Borscht gläichen, deem ech a jonke Jorc gär gewiescht wir; nujee, et as der Welt Laf a kee kann eppes drun änneren; an am Fong as et mir och cendun; jidderce muss esou zrass gin wéi en as; ma cent muss ech soen, ech hätt nët gemengt, datt en neit Gebëss ee géif op esou Gedanke bréngen.«

De Jhämp huet eng Grimass geschnidden.

Iwwerdeems en aus dem Buedzëmmer gaang as, sot en zu sech selwer: »Jhämp, du bas gutt ewéi s de bas, an deem s de nët gefälls, dee muss et stoe loossen.«

Zefridden huet en e klengt Lidd genurelt. Säin neit Gebëss huet en dobäi nët déi Boun gestéiert.

René Kartheiser

## D'Geessen

Op séng al Deg hat de Schrippen Heng, de Schmadd vun Huelmes, ugefaang Geessen ze zillen. Domat war ee vu sénge gréissten Dräm an Erfëllung gaang.

Wann e bei sénge Béischten an der Perch stung konnt d'Welt him gestuel gin, a wann en eemol mat engem Mënsch iwwert séng Geesse geschwat huet, hätt ee kënne mengen e Papp géif vu sénge Kanner poteren. Den Heng huet fir séng Béischte gesuergt, datt et eng gelleg Freed war an d'Geesse waren esou un e gewinnt, datt si ausser Rand a Band gerode sin, wa se nëmmen e Wutz vun him erbléckst hun.

Wéi den Heng ufanks dëses Joër schwéier krank gouf, huet e sech méi Kappzerbrieches fir d'Geesse gemaach wéi fir séng Gesondheet.

Éier en an d'Spidol gung huet e mat dem Schotts Frinn afgemaach, datt dee géif no de Geesse kucken. Dat huet de Frinn och gemaach, mä den Heng huet der Saach nëmmen hallef getraut. Wann e sech virgestallt huet, wat sénge Béischte kënnt geschéien, wann en eemol nët méi wir, huet et e bal nët méi am Spidol gehal. Fir der Saach en Enn ze maachen huet en den Notär komme gelooss an deem d'Uerder gin e Mënsch ze sichen, deem amstand a bereet wir séng Geesse mat allem Drëm an Drun z'iwwerhuelen. De Schmadd war esouguer bereet nach e schéint Stéck Geld drop ze leën, wann en nëmmen d'Garantie hätt, datt séng Béischten a gutt Hänne kéimen.

De Mann mat der Séissel war méi séier ewéi hien. Séng Ierwen hun dem Metzler d'Geesse fir en Apel an e Stéck Brout iwwerlooss.

René Kartheiser



# Kannerspréchelcher

## Mir spillen a sangen

I.

Do sëtzt eng Laus,  
Déi baut en Haus,  
Do sëtzt eng Méck,  
Déi baut eng Bréck,  
Do sëtzt eng Flou,  
Déi mécht esoul

II.

Den Daimerkel as an de Pätz gefall,  
De Féngerlek huet en erausgezun,  
De Laange Baart huet en ofgedréchent,  
De Grohänschen huet en an d'Bett geluegt,  
An de Stuppschwämmchen huet der Mamm et  
[gesot,  
Dunn huet en eng Botterschmier kritt.

III.

Do hucs d'en Daler,  
Da gees d'op de Maart  
A keefs eng Kou  
An e Källefchen derzou  
Mat engem geldene Schwänzen  
Direlidirelidänzchen!

IV.

Hopp, hopp, Päerdchen,  
Zou der roudere Millchen,  
D'Päerdchen huet e Fillchen,  
D'Fillchen huet e wäisse Fleck,  
Wërft dat Kännchen an den Dreck.  
Do läit et!

V.

Hopp, Marjännchen, hopp, Marjännchen,  
Looss déng Pëppercher danzen;  
'T as eng Fra an de Pätz gefall,  
Mer hun se héire plompen;  
Wann ech et net gehéiert hätt,  
Da wir déi Fra erdrunken.

VI.

### *Schloßliddchen*

Bim bam bim bam biren,  
d'Klacke lauden zu Schieren.  
Wien as gestuerwen?  
De Péiter vun de Lueden.  
Wéini gët e begruewen?  
Zans ëm den Owend,  
Wann déi Hénger schlofe gin,  
Wann déi Hunnen opstin,  
Wann déi Villercher päifen,  
Wann déi Kännercher kräischen.

## Vun den Déieren

I.

### *D'Flëntermaus*

Flëntermaus,  
Wou kënns de raus?  
Aus méngem Haus.  
Wat hues de giess?  
Eng sauer Brach!  
A wat dann nach?  
Eng Botterschmier:  
Déi hun ech gier!

II.

### *D'Himmelsdéierchen*

Himmelsdéierchen,  
Fléi an den Himmel,  
Déng Dëppercher kachen,  
Déng Kännercher kräischen,  
Déng Schewercher gin op de Somen.

III.

### *De Schleeke*

Miniminimo,  
Gas gas gol  
Streck déng siwen Hierner raus.  
Eraus, eraus  
Aus déngem Haus!

Marcel Lamy

## Concert um Plëssdarem

E Summerowend – zimlech warem;  
En Orchester vu Paräis  
Gët e Concert um Plëssdarem,  
Bréngt Kultur bei äis.

't si meeschtendeels Touristen hei,  
All Dëscher si besat.  
Och Lëtzebuerger sin derbei;  
't gët ganz vill geschwat.

E puer kleng Kanner gi sech drun,  
't leeft cent dem anere no.  
An d'Musek? 't huet een näischt dervun,  
Si spillt pianissimo.

Et gët geklappt, 't geet weider nees;  
Den Dirigent as frou:  
Hie krut e Bucki, hatt eng Bees,  
Mä d'Leit, déi hu keng Rou.

Et héiert cen eng Klarinett  
An och emol eng Gei.  
D'Nopesch ging scho gar an d'Bett.  
't as nët an der Reil

Och en Hippi brauch d'Kultur:  
Hie läit matzen op der Plaz.  
D'Musek spillt a Moll an Dur,  
Ma si spillt fir d'Kaz.

E Garçon klaakt säi ganzt Geschir  
Flang op e blechen Dësch!  
Et richt no lessen; 't kënnt mer vir  
Wéi no gebake Fësch.

Jiddferee mécht wat e wëllt  
An der »Stater Stuff«;  
Wéi de Vollert, deen do brëllt:  
»Bréngt mer nach ee Buff«.

E Motorrad gët ugekéiert,  
Presto a fortissimo.  
't as dat cenzegt, wat een héiert,  
D'Musek kënnt nët no.

Zwee Honn, déi sech nët gutt verquëssen,  
Rappen un der Gidd,  
D'Meeschtre sichen si ze zëssen,  
Um Enn gin si es midd.

En Taxichauffeur näipt am Won.  
Beim Kiosk, do schlaaft eng Kaz.  
Jong Leit, déi hun sech vill ze son  
An trëpple rondrëm d'Plaz.

## Wanter

'T as kal dobaussen, de Wand deen hault ëm d'Haus  
d'Wollécken um Himmel gesi wéi däischter Bierger  
vill Schnéi a kale Reen bréngen se mat an d'Land  
an d'Sonn verstoppt sech wéi e verstoussent Kand. [aus,

Am Duerf as et stëll, jhust d'Kanner hun hire Spaass  
a sause mam Schlitt vun der Kopp bis rof an d'Gaass,  
d'Gewan läit brooch, d'Natur schléift an déiwer Rou  
an de Wanter deckt alles mat sénger Decken zou.

Et as Advent, eng Zäit vu Fridden a Freed  
a geschwënn an all Stuff e Krëschtbeemsche steet,  
virdrun huet de Kleeschen, heemlech an der Nuecht  
dee brave Kanner nach schéi Spillsaache bruecht.

Därbants geet och dat aalt Jor op en Enn  
Neijooschdag wënsche mir da Gléck, drécken eis  
[d'Hänn,  
d'Kanner awer freen sech scho fir lichten ze goen  
a wäerten och ceh no Speck an Ierbësse froen.

Wann d'Faaschtenzäit d'Gecken zur Rou nees bréngt  
huet och de Wanter sou gutt wéi ausgedéngt,  
d'Deg gi scho méi laang, an 't as daitlech ze gesin  
datt d'Fréijor nët wäit ka sin.

Et kritt een heiansdo en Toun  
Vum Orchester mat.  
D'Vollek lauschtert nët déi Boun,  
Well et sëtzt beim Patt.

Weder Poliss nach Jhandarem  
Stéieren dee Genoss.  
Gitt dach och 'mol op d'Plëssdarem,  
't as guer nët ëmsoss!



Jean Milmeister

## D'Veianer Schloss as erëm opgebaut

Wann ech mech nët ieren, da gouf deen éischte WC hei am Land, dee mat Waasser gespult gin as, am Veianer Schloss gebaut an et si schon iwer 35 Joër hir. An enger Rechnung am Schlossarchiv aus dem Joër 1622 liese mer, dass deemools de Schräiner Méchel an de Leëndecker Franz dräi an en halwe Gulde kritt hun, fir eng hëlze Leitung, déi se vum Daach vun der »Neier Buerg« bis an eng »heemlech Kimmerche« geluegt hun, »fir de Geroch duerch d'Reewaasser ze déiden«, dat mat dëser Leitung dohi geleet gouf.


Déi »Nei Buerg« war den »Naussauer Bau«, deen de Philipp-Wëllem vun Nassau 1616 fir 3078 Gulde baue gelooss huet, well e bei engem Besuch op dem Veianer Schloss gesin hat, dass de »Julier Bau« drop an dru war, an e Koup ze falen. De Philipp-Wëllem as 1618 gestuerwen ier deen ncic Bau fäerdeg war an säi Brudder Moritz huet en op en Linn gefouert. Wéi du endlech déi »Nei Buerg« 1621 fäerdeg war, huet de Moritz zwee Steng mat séngem Wappen an dem Wappe vu séngem Brudder Philipp-Wëllem abauue gelooss.

Mir wëssen haut nach zimlech gutt wéi d'Veianer Schloss deemools ausgesin huet, well mer nach en exakte Kofferstéch vun dem Merian aus dem Joër 1643 hun.

D'Veianer Schloss war 1417 un d'Nassauer gefall, well d'Veianer Grofe kéng Ierwen haten a well den Engelbert vun Nassau d'Enkelkand vun dem Adelheid vu Veiane war, dat mat dem Otto II. vun Nassau bestued war.

No dem Wiener Kongress vun 1815 as de Wëllem I. vun Nassau Kinnek vun Holland a Groussherzog vu Lëtzebuerg gin an en huet d'Veianer Schloss als Staatsdomaine kritt. Well jorelaang näischt méi um Schloss geschafft gi war, waren déi 1800 m<sup>2</sup> grouss Diech vum Schloss schlecht ënnerhalen an et hätt 400 Gulde kascht, fir se erëm ze flécken. Du huet de Kinnek-Groussherzog kuerzerhand den 9. Mä 1819 d'Schloss engem Syndikat iwwergin, dat et den 28. August 1820 fir 3.200 Gulden (oder 6.772 Fr., 40) dem Veianer Schäfte Wenceslas Coster verkaaft huet. Deen huet direkt d'Leë vum Daach, d'Gespär, d'Fënstren, d'Diren, d'Lisen an d'Hastäng verkaaft.

A kuerzer Zäit war dat stolzt Schloss, op deem d'Margrit vu Courtenay, d'Duechter vum Keser vu Constantinopel, gelieft huet, vu wou d'séileg Yolanda vu Veianen an d'Klouschter am Märendall gezun as a vu wou aus de Wëllem I. vun Oranien, deen ni de Mond opkrut, an Holland



De Merian hat Veiane mat Doosbuerg (Dagsburg) bei Veiane verwiesselt.




gereest as, fir den Opstand vun den Niederlanden ze féiren, eng aarmséileg Ruin gin.

Wéi du d'Veianer an d'Lëtzebuerger sech doriwer opgereegt hun, huet de Kinnek Wëllem I. vun Holland d'Ruine fir 1.100 Gulden erëmkaaft.

Et si gläich Plangen ausgeschafft gin, fir d'Schlass erëm opzebauen, dräimol war de Wëllem do, d'Schlass erëm opzerichten, ma zweemol kouw eppes dertëschent.

Déi éischt Plange fir d'Buerg erëm opzebauen, sin an d'Waasser gefall wéi 1830 déi belsch Revolution ausgebrach as.

Wéi 1841 de Kinnek-Groussherzog Wëllem II. vun Holland d'Veianer Schlass mat dem Pränz Alexander besicht huet, war en sou begeeschtert, dass en direkt dem Generalleutnant Ernst van Koenig vun der präisescher Festungsbesatzung den Opdrag gin huet, Plangen auszuschaffen, fir d'Schlass erëm opzebauen. Wéi de Wëllem II. 1849 gestuerwen as, gouf de Pränz Alexander als Wëllem III. Kinnek an de Pränz Hary kouw als Statthalter op Lëtzebuerg. Heen huet den Opbau vun der Schlasskapell aus sénger Täsch



D'Ruin vum Veianer Schlass no engem Kofferstéch vum Martinus Kuytenbrouwer.



Sou huet d'Waffenhall ausgesin wéi de mëttelste Giewel ëmgetrollt war.



Dammen aus der »Belle Époque«

bezuel, ma de Victor Hugo, deen 1862 fir d'éischt op Veiane kouw, war net mat dem Ernst van Koenig sénger Aarbecht zefridden.

No laange Streidereien huet 1864 deen aus Veiane gebürtige Staatsarchitekt Karl Arendt den Opdrag kritt, d'Schlasskapell weider opzebauen. Antëschent war de 27 m héijen Nordgiewel ëmgefall an hat e Stéck vum groussen Palas ëmgerappt an 1890 as de mëttelste Giewel, deen och 27 m héich war, ëmgefall an huet d'Verwëllef vun der Waffenhall duerchbrach.

Ier de Karl Arendt 1897 séng Pensioun geholl huet, war den Adolph vun Nassau 1890 duerch de Famijeverdrag vun den Nassauer Groussherzog vu Lëtzebuerg gin an domat Eigentümer vum Veianer Schlass. Wéi de Wëllem 1905 Groussherzog gouf, huet en den däitsche Spezialist Bodo Ebhardt ugestallt, sech ëm den Opbau vum Veianer Schlass ze këmmern.

De Bodo Ebhardt huet den Opbau vum Schlass ënnersicht, wou d'Dammen aus der »Belle Époque« fir de Photograph poséiert hun, an 1907 en éischte Bericht virgeluegt.

Wéi d'Groussherzogin Marie-Adelheid 1912 op den Troun kouw, huet se de Bodo Ebhardt ugestallt, den Opbau vum ganze Schlass ze studéieren. Déi Plange waren 1914 fäerdeg, ma den zweeten Ulaß, fir d'Veianer Schlass erëm opzebauen, as



am August 1914 ënnerngaangen, wéi d'preisesch Arméien e militäreschen Ausfluch no Lëtzebuerg gemat hun.

Zwëschen denen zwee Weltkriecher as nët vill geschitt ausser der Feier vun der Gebuert vum Pränz Jean, wéi di »Veiner« en Nèssert um Schloss geplanzt hu. Wéi den Nèssert déi éischt Nèss gedroën huet, gouf de Pränz Jean mat de Pränzessinnen aglueden, fir um Schloss d'Nèss ze »schidden«. De Pränz Jean as uewen um Schloss vun de Schoulkanner ëmfaange gin, e krut eng Bounestaang mat enger rout-wäissbloer Flätsch an de Grapp gedréckt fir d'Nèss ze schidden, ma e wousst nët wat e sollt dermat ufänken.

Du huet de »Maxen Norbert« d'Staang geholl an d'Nèss »geschutt«. De Pränz Jean huet se opgeraakt an dem Norbert e Grapp voll gerecht. Ma deen huet ofgewénkt: »Hal se rouig fir dech, mir hoon der mi doheem wiss douk«


An der Ardennen-Offensiv huet d'Veianer Schloss schwéier gelidden, ma wéi den Abense Vic am Februar 1945 mam Aloyse Schiltz an de Bridder Carlo a Felix Meyer an enger amerikanescher Jeep bis op d'Fuhrener Knupp duerchkoumen, hun se gesin, dass d'Schloss nach ëmmer do stung, ma dass zu Veianen vill Haiser an e Koup lougen. Den Abense Vic huet dem deemolege Buergermeeschter Edouard Wolff Bescheid gesot an deen huet direkt der Regéirong en Tëlëgramm geschéckt:

»A Vianden tout va bien, ville en ruines, les Ruines sont sauves.«

No dem Krich hu fir d'éischt déi zerstéiert Stied an Dierfer missen opgebaut gin, ier een un den Opbau vum Veianer Schloss denke konnt. Et huet bis 1966 gedauert, ier déi Häre Jemmy Koltz, J. Wegener an A. Steinmetzer de Minister Pierre Grégoire 1966 iwerzege konnten, deen drëtten Ulaf fir den Opbau vum Veianer Schloss ze huelen. Ma et gouf nach ëmmer Schwierigkeiten, well d'Schloss dem Groussherzog gchéiert huet. Eréischt nodeem de Stat d'Schloss kaaft hat an »d'Veiner Schloosfrënn« d'Verwaltung iwerholl haten, gouf 1979 mat dem Opbau ugefaangen.

No enee gouwen de groussen an de klenge Palas, d'Kapell an d'Kiche mat engem neien Daach iwwerdeckt an d'Verwëllef vun dem Rittersall erëm opgebaut. De Groussherzog Jean huet

Liechen aus sänge Bëscher gestéift, fir de Plafong vum byzantinesche Sall erëm hirzestellen. De Staatsminister Pierre Werner as bei engem Besuch d'Stee ausgeklommen, fir sech d'Aarbechten unzekucken an ze gesin, wat mat sänge Suë geschéich. Ma wéi en zum Abense Vic, deen elo no 36 Joër Buergermeeschtereier zerécktrëtt, sot: »So Vic gees De dann nët mat kucken?« sot deen: »O neen, Här Staatsminister, et gët zwar e poor Lëtzebuergger Ministeren, ma et gët awer nëmmen ee Veiner Buergermeeschter, ech bleiwe léiwer mat zwéi Léiss um Bucdern!«



De Pränz Jean »schitt« mat de Prinzessinnen d'Nèss um Veianer Schloss.



Am Summer 1981 waren de groussen an de klenge Palas erëm opgebaut an den Daach iwwer d'Kapell gouf nei gemat.



## De Misu

D'Muem Schnab war eng prächtig Kaz. An der Stad wi um Land hun d'Leit se bewonnert.

Och dëst Joër war se zweemol mat hirer Här-schaft no Habscht a Vokanz, an all Kéier hat d'Schnab grad da jong Missercher kritt.

An der Ouschtervokanz goufen et dräi jong Kätzerchen, an de Meeschter vum Haus zu Habscht huet fond, si hätte schons zwou grouss Kazen. Wi dun och déi aus der Stad geméngt hun, si hätte genuch mam Schnab a mam Jausi, huet de Meeschter Grang di kleng mat Zäit ëm den Eck bruecht.

Am August war de Schnab crém zu Habscht, well séng Leit an deer Géigend ausspawollten. Wéi den Dag komm as, wou crém Misserche am Schnab gekrabbelt hun fir erauszekommen, huet de Schnab wäit op an den Hiwwelen eng eidel Karnéngerches Heip fond, déi gutt vun der Mueressonn gehëtzt war. En huet diirt Gras an Dauweplaumen eragedron an an dat Ascht séng Misserche geluegt. Dës Kéier hat e virgebaut an der siwen op eng Kéier op d'Welt gesat. Do missten der dach – trotz Hierscht a Wanter – c puer all Keelt a Kränken iwwerstoen.

Huet sech emol eng Karnéngche virum Bau gweisen, da war se drun. Well de Schnab hat schaarf Krallen an een ueregt Gebëss. Soss huet e sénge Kanner Villercher a Mais gefaang, a si si vun all dem frësche Flesch gutt eropgewuess. Mä den Oktober huet gläich vill Reen bruecht. Deglaang huet et gereent a gewannt. D'Waasser as duurch d'Beem an d'Bréime gedrong a schliisslech och duurch de Buedem, bis an d'Hiel, wou de Schnab mat sénge siwe Misserche souz. Si sin em naass a kal gin an hu geziddert an d'Hoër géint Bierg gesat. Esou wire se alle siwe verlur. Esou konnt dat nit weidergoen. An deer Nout huet d'Muem Schnab sech dann entschloss, erëm zrëck mat de Misserchen ze goen, beim Nickela Grang säin Haus.

Ma, dat war éischter geduecht wi geméet. Se eng no deer aner droën? Si ware schons schwéier, an dat hätt dee leschten ze laang gedauert. Se all matenaner aus dem Ascht erauslackelen an och de Bierg an? Si hun nit gefollegt, well 't war hinnen ze ellen dobaussen.

An der Oregong huet de Schnab eng schéin erwëscht an a sénger Maul zwanzeg Meter wäit gedron, an du séier nach eng, an déi zwou – 't war muerges fréi an nach näischt ënnerwee –

huet en dun de Wee dorawer gelackelt a geleet. En as och gutt beim Haus ukomm an huet déi zwou hanner d'Maucr an ënner den Neelches-stack, wou et nach dréche war, verstoppt. An erëm de Bierg op, fir di nächst Koppel erf-zebriegen. 'T as erëm grad esou gaang.

Ma, ënnerdeems war d'Madamm Grang op de Been. Si hat di zwou Misserche ruffen héieren, huet se och geschwë fond a war verwonnert, datt se schons esou grouss wiren. »A wou waart dir?« huet se gesot. »Wou kommt dir nëmme hier?« An du huet d'Madame Grang gaangs hiren Nickela geruff. »O Mamm!« huet dic gesot. »Wat solle mer elo maën?« »Ma, Nickela«, sot d'Madamm Grang, »si sin ze schéin, du kanns se elo nit méi verschafen. De Schnab wärd se heemlech gehat hun, well s de hir d'Ouschteren di éischt vum Joër ewechgeschaf has.«

D'Härschaft Grang hun dun di zwou mat an d'Bakes geholl an hun op de Schnab gewaart, well di Kleng hu fäerteg geruff. Gläich drop koum de Schnab och de Bierg cran, ma nit eleng: en hat erëm zwou schéi geblummelt Misserche bei sech. D'Madamm Grang huet d'Hänn um Kapp zesumme geschlon an di zwou an d'Bakes bei di aner gesat. De Concert as ëmmer méi staark gin. »Merau, au, au«, huet d'Muem Schwab gemeet. Dat wollt soen: »Gëf mer séiss Mëllech an ee Gréif, datt ech mech stierke kann, well ech hun nach vill Aarbicht.« De Schnab huet mat dene Klengen d'Mëllech renglech gelect an duerno war en erëm verschwonn, wi wann de Buedem e verschléckt hätt.

Eng véirel Stonn drop war en erëm do mat enger Koppel Kanner. A fort war en erëm, well 't huet présséiert. »O Mammeli«, sot d'Madamm Grang. »Wat sollen eis Kanner aus der Stad soen? Wat solle mer nëmme maën?« Du kuem schons d'Mumm Schnab mat enger siwenter Missi an der Maul de Bierg cran. Dat war déi allerschéinst. Déi hat och d'Muem Schnab am léifsten, an duer-für war se sécher, datt och d'Grangs déi nit géifen ewechwerfen.

Esou war et och. D'Grangs hate sech vun hirem éischte Schreck erkritt. »O, Nickela«, sot d'Madamm Grang. »'T as iever ze vill schéin, wat dien ale Schnab do gelescht huet. Mä kën-nen denen Déierchen näischt undin, dees mer hätte mat eise Kanner geschwat. Elo téléfonéieren ech direkt eisem Sophie an d'Stad, si sollen hir Zuucht siche kommen. Dann hun se hire Be-



schlag. Vlächte hu si Frënn, déi grad esou eng Koppel Kätzercher sichen. Wuel, de Wanter as virun der Dir, an dann as ee mat Hierschkaze geplot.»

Am Nomëtteg sin d'Sophie a säi Mann och komm a si konnte sech nit genuch verwonneren iwwer hire Schnab, dien se elo schons méi wi sechs Woche fir verluer gehal haten. Si hun de ganze Kaméidi agepaakt a sin zréck an d'Stad gefuer. Mee, clo hate si op eemol ning Kazen: de schwaaerz Kueder, de Jausi, an de Schnab mat siwe Stéck. An dat an der Stad, wou och hiirt Haus nit ganz eleng loug.

Wat war ze maën? 'T war schons kal, an d'Kätzercher haten all vun der Nätzt gelidden. D'Madamm Arnold huet de Schnab mat hire siwe Stéck an den Heizongskeller gesat, fir datt se emol gutt duurchwieremt sollte gin. Zwou vun dene siwe Kätzercher hu sech och no an no erholl, di fënnef aner sin un Duurchfall agaang. Di schéinst vun denen zwou, eng brong wolleg Missi, hu se Misu genannt, well 't war eng richtig Kätzi. Si huet de Wanter gepackt, dank der Heizong am waarme Keller. D'Madamm huet hër och ëmmer extra Pudder an d'Mëllech gedo, géint den Duurchfall. A gutt Fleischi huet se och gär gefriess.

Der Misu hire Komerod huet d'Madamm Arnold géint d'Frëjjoër hirer Frëndin, der Madamm Ruppert, geschenkt, déi frou war, esou eng Gesellschaft ëm sech ze hun.

D'Misu as eng dichtege, laanghäreg Kaz gin. A wëll se de ganze Wanter am Keller an du meeschtens am Haus war, blouf si ëmmer e bessen emfëndlech a ganz haislech. Si hat d'Gewunnecht, sech nëmmen am Haus oder am Gaart opzehalen, obschons datt se an der Wëldnëss gebuer gi war. Si huet d'Mais gefaang, wann déi ze frech gi sin, och emol e Spatz, dien ër ze nokomm as. Ma ni as de Misu wäit an d'Feld eragaang an nach vill manner op d'Strooss. Sécher war dat eng gutt Naup. Eng Naup, déi Gold wäert war, esou laang wéi de Misu sech dodru gehal huet.

Wi de Misu zwee Joër al war, du huet se eng Kéier op Päischtméinde muerent een haarde Kreesch gedon. A wi d'Madamm Arnold an der Misu hire Kiirfche gekuckt huet, war de Misu nit méi eleng; si hat eng kleng Missi kritt. Déi as ganz séier gewuess a war no engem Joër en

decke, fette Kueder. D'Lisa Arnold, ee Meedche vun zwielef Joër, huet dee groe Wollzert, Pittu genannt.

D'Lisa hat de Pittu gär, ganz gär, an dien huet dat natiirlech gespuurt. Ëmmer, wann d'Lisa aus der Schoul komm as, souz de Pittu op der Gaardemauer ze waarden. Well dann huet d'Lisa hien op d'Schëller gehoff, an dann hu se matenaner Kaffi a Mëllech gedronk, an duerno sin di schéinste Stonne vum Dag komm. Well duerno as de Pittu mat dem Lisa an deem säi Stodéierzëmmer gaang, huet sech duer op een extra Tapis geluegt a gewaart, bis d'Lisa ausstodéiert hat. Dann hu se alt emol allebéid an der Kichen der Madamm Arnold gehollef. Déi huet éischer gemengt, si géife si hënneren. An dach as emol fir allebéid eppes Klenges ewechgefall.

Wann d'Lisa an der Schoul war, dann huet de Pittu meeschtens an der Stuff an enger Fautell geschlof. Dat war weider nit geféierlech, well d'Madamm Arnold huer derfir gesuergt, datt hir Kaze keng Fléi haten. Ganz selen as de Pittu bis an de Gaart oder bis an d'Wiss getrëppelt, fir no enger Maischen ze kucken. Dat Lauerer huet him nit vill gesot. Séng Mamm, d'Misu, huet him alt emol eng Maische geschenkt, wann se der ze vill hat. Dat as dem Pittu vëlleg duergaang, well Honger huet hie kee braucht ze leiden. Duerfir hun d'Sophie an d'Lisa gesuergt.

Déi schéin Idyll vun denen zwou Kazen an der Famill Arnold as esou viru gaang. An duerzou huet de Jausi och nach säin Deel bäigedron, well hie konnt Männerche sëtzen an schréi de Giewel op op d'Terrass lafe wéi ee Kaweechelchen.

Ma, wéi dat esou geet, enges Daags huet de Misu sech a séng Naup vergiess. An 't war emol nit ganz séng Schold. 'T gong géint den Owend. D'Madamm Arnold huet hire Kazen, jidder enger ee gutt Stéck Long gin, wat se ëmmer esou gär haten. Well nun de Misu sech vum décke Pittu a vun der Muem Schnab ëmsat gefillt huet, as se duurch ee Lach am Drot, dat extra fir d'Kazen do war, baussent de Gaart op e Stéck Wiss gelaf, fir do roueg ze friessen. Do koum op emol vun der aner Sait e Bauer mat séngem Trakteur op di selwecht Plaz zou. Déi Maschin huet gespécktakelt a gebrommt, a well et Nuecht gin as, huet de Bauer grad d'Pharen ugedréint. Duurch all dat as d'Misu dunn esou erféiert, datt se e puer Sätz zur Sait vun der Strooss gemeet

huet. Ma, vun do sin och drop an derwidder Autoë laanscht gaang, mat de Luuchten un. Du as de Misu verwallt gin. E wosst nit méi richtig wat maën. Du wollt se, fir denen zwou Geforen z'entgoën, einfach iwwer d'Strooss setzen, fir do Rou ze fannen. Ma, an deem Moment gouf se vun engem Auto geblennt an erfaasst. Dat hënescht Rad vum Auto as der Misu iwwer d'Broscht gaang. Si as nach erëm opgesprong, den Hiwwel aus, huet d'Lach am Drot fond an hir Meeschtesch opgesicht. Well d'Misu huet gemengt, déi kënn nach hëllefen.

D'Misu huet sech an den Hall bei den Tëlefo geluegt an aremséileg gejomert. Blutt a Schaum sin hir aus der Maul erausgedrëp. D'Madamm Arnold huet hire Misu an d'frësch Loft gedro, fir datt se sollt besser Otem kréien. Ma, 't huet alles näischt gedingt. De Misu war bannena verwonnt, an eng hallef Stonn drop – éi de Vitrinär do war, hat de Misu ausgelieft. Nëmmen eng Kéier am Liewe war se verblennt a verwallt op d'Strooss gelaf. An dat hat hir d'Liewe kascht.

Wann d'Lisa an d'Madamm Arnold och nach een Troust un hiren aner Kazen haten, dann hu se dach nach Deglaang hirem haisleche Misu nogetrauert. Heemlech huet d'Lisa alt emol eng Blumm op déi Plaz am Gaart geworf, wou d'Misu begruewe war.

E. S.

## Schlofliddchen

Et wor emol eng Kätzchen  
an hiren Numm wor Mätzchen  
déi gong all Dag op d'Juegd.  
Dat gouf de Grof gewuer,  
e schéckt säi Jeër duer,  
mat enger Flënt voll Schrout  
an dee schéisst d'Kätzchen dout.

## fir ze buschtawéieren oder opzezielen:

A, B, C(éi),  
d'Kaz huet de Fouss wéi,  
se ka jo nët drop trieden,  
se geet an d'Kirech bieten,  
de Kueder leeft ër no  
a bäisst s' an d'hënescht Klo;  
se geet heem,  
trëtt op e Steen  
a brécht Hals a Been.

E schéint, glécklecht, friddlecht,

Neit Joër

wënscht Iech alleguer, Mëmbren a Frënn

d'Actioun Lëtzebuergesch



# D'Jousefsbestiednes

Et as schons laang hier, well et wor an der sougenannter gudder aler Zäit, wou d'Leit nach nët esou opgeklärt an och nach vill méi fromm woren wéi hautjesdaags – haut wier esou eppes nët méi dran – mä et as eng richtig Geschicht an si as och méi oder weiniger gence csou passéiert, wéi ech se elo verzielen.

An engem Dierfchen, éirens téscht dem Guttland an dem Éislek, sollten zwéi jonker Leit, loosse mer se op gutt lëtzebuergesch Pir a Käty nennen, matenee bestued gin. De Pir wor e gudde Handwierker, deër roueger Jongen een, déi ouni vill Gedäisch et am Liewen zou eppes bréngen. D'Käty wor méi e wiift, eent vun denen déi mengen, si hätten d'Box un an déi se och séier unhätten, wann een nët oppasse géif. Je, et huet bei de Pir gepasst wéi den Deckel op d'Déppen, mä et hat am Pir séngen Aen nëmme ee kleng Feler: e wor him e bësselchen ze vill fromm. Am Brautexamen wouss hatt bal esou vill ewéi den Här Paschtouer. Et hat jiddefalls esou den Uschäin. Déi Zäit as et jo och an der Schoul mam ABC och gläich mam Katchësem ugaangen.

Déi zwéi goufen dann och matenaner bestued an et gouf, sou wéi et fréier op den Dierfer de Gebrauch wor, och eng schéin a lëschtég Houchzäit gefeiert.

De Pir hat och e Monni, de Monnonk Jos, deen e puer Haiser méi wäit ewech vun de jonke Leit gewunnt huet, an deem as et opgefoll, datt e puer Deg no der Houchzäit de jonge Bräitjemann nët grad esou e frou Gesiicht gemat huet, wéi dat jo ower hatt misse sin an datt et nach all Dag méi laang gin as. No enger Woch duecht do de Monnonk Jos: »Halt, do klappt eppes nët. Deër Saach do muss ech op de Fong goen, éier et ze spéit as.« – A wéi et Feierowend gin as an d'Nuetsklack gelaut hat, as hien de Pir siche gaangen an huet e mat bei sech heemgeholl. Hien huet e mat an déi allerbeschte Stuff geholl an du souzen si do ganz eleng fir sech. De Monnonk Jos huet jidderengem vun sénger beschter, selwer gebrannter Schléiwendrépp erausgeschott, huet gemelleg séng Äerdepäif gestoppt, se mat engem schwedesche Fixspoun ugefaang (dat wore ganzeg laang Spéin; fir se unzefänken as et duergaangen, wann een se laanscht Schongsuel oder d'Box geriwwen huet an se hun onheemlech gestonk) a genësseg dru gepafft. Si hun iwver dët an iwver dat geschwat, a wéi se dun zwou oder dräi Dréppercher erof haten, sot de Monnonk Jos: »Sou, an elo fängs de mol un ze beichten! Wat geet nët

mat dir a mam Käty? Well datt do eppes nët riicht leeft, dat gesäit jo e Blannen. Eraus mat der Faarf! Et wier jo glaacht, wann zwéi sou léif, gesond a verstänneg jonk Leit nët mateneen eens géifen.« – An du koum et eraus. »Oh, Monnonk Jos, d'Käty as jo esou e léift Meedchen, mä ech dierf et nët upaken, dat heescht, nët iwverall, Dir verstitt jo. Hatt seet, mir missten e "Jousefsbestiednes" féieren, esou wéi den hellege Jousef an d'Muttergottes. Sou e Bestiednes wir dach vill méi eppes Schéines a Wonnerbarcs wéi all dat anert. De Jousef hatt séng Fra jo och nët ugepaakt an si hätten nawell dee kleng Jesus kritt.« – »Jo«, huet de Monnonk Jos geschmunzt, »do gesäis de. Wann hatt och gutt am Katchësem Bescheed weess, da weess et ower manner aus der Bibel. Well de Jousef hat jo den hellege Geesch, deen him gehollf huet, an dee wor och nach deen éischten op der Plaz.«

Si hun nach eng gutt Zäitchen iwver dës Saach matenee gesproocht, a wéi de Pir duerno op heem geschréckt as, du wor en zwar nët »erfëllt vum Hellege Geesch«, mä vun e sëllege Geeschtercher aus der Fläsch, mat gudde Rotschléi, mat feste Virsätz, an e wouss wat en ze maachen hatt.

Den Dag drop konnt een de Pir nees bei der Aarbecht héiere päifen. A wéi no néng Méint an eppes den éischte Béifche gedeefst an de Monnonk Jos Pätter gouf, dun huet deen dem Pir en A zougedréckt an allebéid hun zefridde geschmunzt.

D'Käty ower huet ni méi eppes vun engem Jousefsbestiednes gesot. Dat anert riichtewech schéngt him dach ganz bestëmmt nët iwver gefall ze hun, well hatt an de Pir kruten nach eng Rëtsch Kanner, eng ganz Häerd voll wéi een deemools gesot huet a wéi et och bal an all Haus de Fall wor, deemools, an der gudder aler Zeit. Well haut wir jo esou eppes nët méi méiglech, g. m.

*Delcourt, Colette: De kleng Mulli. Kannerggeschichten ëm e klengen Hond. Ill. Florence Thilgen. D'Fréijor kéim dat 2. Bulli-Buch. Dat hei kascht 495 Frang.*

I.S.P. - B.P. 1908 Lëtzebuerg



# Dem Karel säi Kuddelfleck

Wéi de Karel opgestanen as, sot séng Fra: »Carlo, weess du wat fir een Dag haut as?« De Karel huet sech séier beduecht, well e wouss, dass séng Fra rose gouf, wann en hiren Namensdag, Geburtsdag odder den Houchzäitsdag vergiess huet – den Houchzäitsdag, ja, dat war et! »Gewëss, Marichen«, sot en, »haut as dach eisen Houchzäitsdag!«

D'Marichen huet em eng Bees gin a sot: »Haut si mer zéng Joër bestued. Wat soll ech der haut de Mëtteg Guddes kachen? Gedu, du keefs mer jo eng Spullmaschinn fir eisen zéngten Hochzäitsdag! Wat häss de gär fir de Mëtteg?« De Karel huet sech nët laang beduecht a sot: »Ma kach mer Kuddelfleck, wéi méng Mamm es ëmmer gekacht huet. Am Ufank, wéi mer bestued waren, hues de mer es alt hei ans dō gemaach, ma elo krut ech ewell laang kee méi.«

»Ma sécher, Carlo, ech kachen dir Kuddelfleck, wann s de deen esou gär hues«, huet d'Mariche gepëspert, »gedu, an du denks jo och u méng Spullmaschinn!« – »Jo, jo«, huet de Karel gegrommelt, »e Samschdeg gi mer schons no enger Spullmaschin kucken!«

Wéi en op de Bureau gaangen as, huet e gepaff: »So ein Tag, so wunderschön wie heute...«, en huet sech de »Répu« bei engem Kiosk kaaft a fënnef op aacht souz e schon um Bureau d'Neigketen ze liesen. Wéi en d'ganz Zeitung gelies hat, huet en op d'Auer gekuckt: réischt halwer néng! Nach véier Stonne bis zum Kuddelfleck!

De Karel gët sech dru wéi rose mat Schaffen, well wann ee schafft geet Zäit nach am séiersten erëm. En huet an engem Siess véier Bréiwe geschriwwen. Sou, lo wäerd et bal halwer elef sin. Maja! wéi en op d'Auer gekuckt huet, war et jhust e Véirel op néng. De Karel huet eng Zigarett geraacht an en as op d'Toilette gaangen. Halwer zéng. En huet gesongen: »Donnerknippchen, ech kommen elo grad vun enger prachtvoller Friess...« De Karel setzt sech erëm hannert d'Schreifmaschin an hummert véier aner Bréif. De Koup vun der Korrespondenz, déi zanter Méint um Schreifdësch loug, as geschmolt wéi e Schneimännchen an der Sonn. De Karel huet sech de Schweess vun der Stir ofgebotzt. Uff! Lo war et awer halwer elef. De Karel as sech d'Lëtzebuerger Zeitung siche gaangen an huet dora gebliedert. Deerbans as et elef Auer gin.

De Karel huet gesongen: »... ech hu gehikt, ech hu gebafft, ech hu gefrupst mat Genoss« an en

huet de Courrier nogekuckt. E Véirel op elef. Geschwënn as et esou wäit. De Karel fänkt sech eng Zigarett un. »Doheem wäerd de Kuddelfleck elo scho brutzelen!« duecht en an e nurelt: »Maja, 't gouf Baurenträipen, 't gouf Liewerkniddelen, Kuddelfleck an och Gehäcks, duerno fir de Mo ze stäipen, 't gouf Fierkelsgelli, Huesenziwwi 't gouf ze Frecks...« E wëscht sech de Mond of a kukt erëm op d'Auer. Fënnef bis halwer zwielef. E geet op d'Toilette an hält am Gank eng kleng Kosettche mam Jos. Deerbans war et zwanzeg bis zwielef gin. De Karel späert säi Schaf zou a mécht sech alt sou lues op den Heemwee.

»Duerno gouwen et Gaardbounen, Judd, Quetschentaart, gekachte Kéis a Bouneschlupp...«, huet een en d'Trap of sangen héiren.

Doheem stiirmt de Karel punkt Mëtteg zu Dir cran. »Hei sin ech Marichen«, rífft en duerch den Hausgank, »da looss de Kuddelfleck kommen, ech hu mech de ganze Muergen drop gefreet!«

»Carlo, mäi Stupp«, sot d'Marichen, »komm setz dech an dréck mol e klengen Apéritif! Ech muss der eng erzielen! Hei, wéi ech de Muerge bei de Metzler gaang si, do haten déi jo nët en neit Meedchen. D'Madamm Beaujean an d'Madamm Brisbois waren och schon am Buttéck an du hun ech héiren, dass dat neit Meedchen nëmme franséisch geschwat huet. Et huet d'Madamm Beaujean gefrot: Que désirez-vous Madame? Si sot: Donnez-moi une demi-livre de quenelles de foie de veau! an du krut se Liewerkniddelen. D'Madamm Brisbois sot: Je voudrais une demi-livre de cochon de lait en gelée! an du krut si Fierkelsgelli. Gedu Carlo, mäi Stupp, ech wouss awer nët wéi Kuddelfleck géif op franséisch heeschen, a well d'Madamm Brisbois nach am Buttéck war an d'Madamm Dupont grad zur Dir era kouw, wollt ech mech nët blaméiren a weisen, ech kënnt kee franséisch. – Du hun ech alt zwee cordon bleu kaaft. Gedu Carlo, de cordon bleu schmaacht der grad esou gutt wéi de Kuddelfleck!«

Jean Milmeister



## Schlofliddchen

D'Nuchtklack pénkt, mäi Scheefchen,  
Eis Schmunche spénnt e Schleefchen,  
Eis Dickelcher sin all am Juck,  
Déng Schippelcher, den Iunn an d'Kluck;  
D'Nuetsklack pénkt, mäi Scheefchen.

Schlauf eran, méng Maischen!  
De Pitschu tompst am Haischen;  
Am Gronn gripst nach e scheien Hues  
E Maufel Kléi, e Bauchvoll Wues;  
Schlauf eran, méng Maischen!

Dreem nu schéin, méng Pëppchen,  
Vum Kënnchen an der Krëppchen!  
Den Himmel fänkt schon d'Stären un,  
De Mound geet brav séng gëlle Bunn.  
Dreem nu schéin, méng Pëppchen!

## Den Dag as ënnerwee

Dobausse schuddert sech e Bam,  
Eng Märel fréikelt un der Stëmm,  
Ech iddererzen un engem Dram,  
Den Dag as ënnerwee.

Hie stréilt a sträift ëm d'Venus,  
Déi léift hiirt gëlde Kleed  
A kësst all Stär vum Himmel,  
Datt d'Nucht vun Näid vergeet.  
Den Dag as ënnerwee.

## Am Summer

D'Leit soen: »Haut as et sou schmeierl« –  
Keng Léftche bléist iwwert d'Gewan,  
d'Loft glënnert wéi iwwert dem Feier  
an 't fäert ee vill Gesten ze man.

D'Seechomëssen nueren déi rennen  
a schlefen a schaffen sech dout.  
Am Rampli vill Patschblumme brennen  
a liichten sou houfreg rout.

D'Sonn blëtz wuel nach schaarf tëscht  
[de Blieder,  
ma de Schiet as scho villeg méi gro.  
»Ech menge mir kréien e Wiederl« –  
Dann as muer den Himmel nees blo.

G. M.

## Op d'Brems gedréckt

Mir ware wäit, wäit fortgeflun,  
Mir zwec no »Kanneria«.  
De Moudestand stoung stolz um Strand,  
Do dran d'Chica Maria.  
D'Sonn hat äis d'Schierbel schnell verbrannt,  
Mir hu gelaacht, Maria;  
Nom Spaass huet d'Mamm mech treisch  
[vernannt:

Mäi léiwen alen Ia!

Mir hun durch d'Wull dacks d'Schneis geschlon  
Fir dech, mäi léift Maria;  
Du has dem Papp et ugedon,  
Deem léiwen alen Ia.  
Du waars Magnéit, kanarescht Kand,  
E Stuel, en Dram, Maria!  
Der Mamm hir Angscht hat mech verkannt,  
Dec léiwen alen Ia.

Ech wollt eemol e gäile Bléck  
Der Schéinheet gireg schenken;  
Mäin Häerz huet gaangs op d'Brems gedréckt:  
– Du wäerds nët d'Leit hei kränken! –  
Eng ganz reng Feil gouf dir déng Tail,  
Du waars bildschéin, Maria!  
D'Mamm krut e Gruz a scheier Feil,  
Méng Schimt sot mir: Du Ia!

Chr. Clement

## Wanter

Sou wäit ee kuckt: gro, schwaarz a wäiss.  
An alles, Bësch, Wiss, Gaart a Feld  
schléift ënnert Schnéi an Äis.

Den Himmel huet e Mantel un  
aus groem Duch a groer Watt  
mat groem Gar duerchzun.

Schwaarz strecken d'Bäm hir Äerm an d'Luucht,  
schwaarz as de Weier, schwaarz as d'Baach  
a schwaarz as d'Kuebenzuucht.

Wäiss läit de Schnéi. E Plaumbett.  
Well ënnen drënner, waarm verpaakt,  
mécht d'Fréijor sech scho prett.

G. M.

Dépressiounen – (ëm Liewen ofgekuckt)

# Éiwege Verdéncht

(aus dem Liewen ofgeschriwwen)

Ech si  
guer näischt méi  
notz

Deen ee seet Dépressiounen  
en aanre schwätzt vum Alzheimer  
en nächste fënt e Lach am Kapp  
déif am Gehir  
wéi et och as  
ech si gebascht  
well ech  
fir näischt méi  
notz  
dacks wollt ech fort vun dëser Welt  
an d'Éiwegkeet  
well ech  
fir näischt méi  
notz  
jhust nach fir d'Doktren déi verdénge

Ech wollt nees stierwen  
och am Waasser  
krut ech nët  
gehollef  
en Efalt hat et  
gutt gemengt  
huet mech  
eraus gezun  
duerch hie sin ech  
nees an d'Klinick  
geliwwert gin  
et wor nobäi  
si hu mech leider nees  
erëm geholl  
an d'Doktren hun erëm verdénge

Ech wollt nees stierwen  
Hongerstreik  
dat wor méng nei Method  
lues iewer sécher  
sou hun ech gemengt  
géif ech mech endlech aus där Häll hei  
schläichen

Wéi mat der Maschtgäns  
hun d'Barbare  
mam Titel Dokter  
mir e laangen  
ellne Rouer  
déif an den Hals  
gestach  
a mir du géint mäi Wëll  
wéi bei der Maschtgäns d'Friess erageschutt  
wéi d'Barbaren  
soss

an och nach hautjesdaags  
bei der Maschtgäns  
duerch e Rouer  
d'Friess géint hire Wëll  
crapressen  
an d'Doktren hun erëm verdénge

Ech wollt nees stierwen  
déif an den Aarm  
d'elektresch Messer sech cragefriess  
wéi all dat Blut du kouv geschoss  
hun ech geduecht  
merci Härgott, et huet geklappt  
ma d'Blut huet opgehal mat Lafen  
ech schneiden nach  
eng Kéier no  
ganz déif  
't huet alles näischt gedénge  
an d'Auer  
an der Kichen  
un der Mauer  
huet weider d'Stonn gewis  
d'Minuten an d'Sekonnen  
méng Hand houvout dout erof  
a si bleift dout  
mäin Aarm as steif  
an ech muss weider  
végétéieren  
weider leiden  
mat enger krëppelecher Moul  
mat engem Lach am Kapp  
hannen am Kapp  
déif am Gehir  
ma d'Haaptsaach schéint ze sin  
eis Doktren hun erëm verdénge

Wéi dacks wollt ech nees stierwen  
honnerte Pëllen hun ech  
dofir schon erof gewiergt  
't huet alles näischt gedénge  
ma eppes Schreckleches  
krut ech lo domat bewis  
datt nimools, nimools ech ka stierwen  
datt éiweg, éiweg ech muss liewen  
a wann ech puche mech vun enger Bréck  
sief et déi Al,  
déi Nei, déi Rout  
an de gebrachne Schanke léich am Koup  
mäin onzerstéiert Hierz  
säi Schlag kritt ni en Enn  
mäin aarmt Gehir  
wat éiweg, éiweg denke muss  
ëmmer an éiweg  
éiweg an ëmmer  
do gët verdénge, verdénge, verdénge





# U mäi Mann

Ech sätzen hei  
 ech trëppeln hei  
 ech iessen hei  
 ech schlofen hei  
 ech liewen hei  
 am Héichhaus  
 et as kee Liewen

Ech kann näischt man  
 wéi denken hei  
 zu Ettelbréck  
 dorunner denken  
 nëmmen denken  
 driwwer tiirmen  
 nëmmen tiirmen  
 Kapp zerbruechen  
 well ech näischt méi  
 schaffe kann

Ni méi schaffen  
 ni méi freën  
 ëmmer hei  
 zu Ettelbréck  
 sätzen an tiirmen  
 trëppeln an tiirmen  
 icssen an tiirmen

Wann ech hei uewen hannert Schiren  
 déi Masse Leit gesinn déi all hei wieren  
 géint sou e Liewe fir kënnen ze stierwen  
 da fron ech iech dat hei, dir Leit:  
 dir Dammen an dir Hären déi d'Gesetzer man  
 woufir hut dir et ofgesinn op d'Kanner  
 déi ëmbruecht dierfe gin am Schouss vu jonke Fra'n  
 obschon si si gesond, nach nët gebuer  
 éischter un äis wir 't wa mer  
 eist Liewen dach verluer  
 mer gin et zou sou laang mer  
 hei weider végétéieren  
 as un äis méi verdéngt

Léif Dokterinnen, Dokteren,  
 dir wësst dat Mëttel  
 wat eis all erléise kënnt  
 paakt keng Hand un, dat wir eng Sënd  
 mä gitt äis dach dee gudde Rot  
 wann Dir och nët vill kritt fir sou eng Dot  
 nët vill u Mënz, mä grouss wir de Verdéngscht  
 groussen, éiwege Verdéngscht

schlofen an tiirmen  
 well ech näischt méi  
 woufir ech näischt méi  
 wouduerch ech näischt méi  
 schaffe kann.

Du mäi Mann  
 ganz eleng  
 kanns mer  
 solls mer  
 muss mer  
 hëllef en  
 du bas den eenzeg  
 Auswee

Féier mech  
 déif an de Bësch  
 hëllef mer  
 maach fir mech  
 eng groussg Kaul  
 en déiwegt Lach  
 hannen am Bësch  
 an deck mech zou  
 mat Steng a Sand  
 a Bësch a Buedem  
 ganz déif  
 du eleng  
 kanns hëllef en  
 ganz ënnen  
 déif am Buedem  
 an der Kaul  
 well ech schlofen  
 éiweg schlofen  
 du eleng  
 ganz eleng  
 kanns hëllef en  
 vergiessen  
 méng Kanner  
 vergiessen dech  
 vergiessen alles  
 ëmmer  
 éiweg  
 schlofen  
 vergiessen  
 am Bësch  
 am Lach  
 am Buedem  
 vergiessen  
 datt ech näischt méi  
 wouduerch ech näischt méi  
 woufir ech näischt méi  
 schaffe kann.

CHAMA

CHAMA

## Looss se schnëssen

d'lichteren op  
hei komme se  
d'spezialiste  
vun der maul  
d'krëppebësser  
d'leitbschësser  
d'mallendréier  
kuxemol  
laange kënn  
déckeg léps  
verompelt stir  
esseg schnëss  
moosseg kuck  
wi piffmueden  
geseiste

knaddereg  
knoscheleg  
knoutereg  
ni zefridden  
mat ze man  
stéits iwwer alles  
d'maul rëselen  
beknaschten  
zerrappen  
zerknätschen  
hei oplauschteren  
do austroteren  
alles kregéilen  
se kënnte  
mat engem pangkuch  
kommezéieren

Maach eppes neies  
bréng ännerong  
schäff wirkungskraaft  
dann erwächen  
d'stëppeler  
mat krotsen  
zéien d'gesellen zesucmen  
dréi dech nit ëm  
kerdjëft

kuck hei  
kuck duer  
mueres fréi  
schon um dill  
bestänneg  
gäipe  
laure  
luussen  
zerbäissen

## Iwwer d'Wourécht

D'Wourécht soen as ganz gutt,  
mä si mécht och vill béist Blutt,  
't ka keen Däiwel se verdroen  
an och keen dat agestoen.

Stëppel nët am Näid a Gascht,  
soss stéchs d'an en Harespelsnascht  
a gläf ës, 't kënnt der, nët gelunn,  
e Schwarem Gëft entgéint geflunn.

D'Haresp'le fléien op all Knascht  
an op all Koup gi si picknicken,  
de Stachel gët geschlaft am Knascht,  
da gi se hannerléschteg picken.

Genä dër Drecksmeck hir Moral  
huet déi Zort Leit, déi ëmmer litt,  
an iwwer d'Wourécht katzt se Gal,  
da, wa se se zerwéiert kritt.

siuda robert

beschäissen  
zerräissen  
buere  
picke  
pécken  
sou si se  
wi fetteg  
blénkeg  
gréngzeg  
gëfteg  
mëschtmécken  
.....  
um  
kouflapp

bleif do ewech  
hal dech dovun  
maach der den damp  
nit warem  
looss se schnëssen  
gëf näischt drop  
fouss  
bei d'këscht  
fäerde

guy schrobiltgen



Cl. Mangel

## Wanterowend

'T as Owend an de Gaassen,  
keng Séil as wäit a breet,  
an d'Haiser schlofe roueg  
am wäisse Wanterkleed.

Verloosse steet en ale Bam  
an enger Wiss ze raschten,  
en hofft, dass muer erëm d'Sonn géng schéngen,  
säi leschte Wonsch, et géif nët deier kaschten.

Sou as och d'Mënscheliwen,  
keen Dank fir all déng Méi.  
Eleng, verlooss an alen Deg,  
dat deet em d'Häerz dir wéi.

## Fréier

Ech sëtze bei Hierschtwieder,  
op enger Bänk beim Bësch.  
Ech denken do un d'Fréijoër  
wou ech nach jonk a frësch.

Ech denken un déi Joëren,  
zeréck un d'Kannerzäit,  
zeréck un all méng Spiichten.  
O jo, si sin sou wäit.

O wär et nach wéi deemools,  
ech wosst vu kengem Leed,  
ech war nach frou, zefridden  
a méngem Onscholdskleed.

Déi Joëre si vergaangen.  
't huet een nët vill dervu behalen,  
wéi eng Erënnerung,  
déi lues fängt un z'erkalen.

## Léift

D'Léift as ewéi e Wonner  
se as iwwerall ze fannen  
mécht glécklech Jonk an Al  
wiermt de Kierper vu bannen.

D'Léift as ewéi eist Liewen  
se bréngt eis Schmierz an Tréin  
an as een nach esou räich  
fir Gold a Geld as keng ze kréin.

A wien nach nimools war verléift  
deen as dann ze bedauern  
dat schéinst am Liewen huet e verpasst  
hien huet en Häerz ewéi doudeg Maueren.

## Du

Wa méng Aen dech blouss erblécken  
schléit mäin Häerz ganz héi  
an ech sin ewéi geschloen  
ounst dass du wëlls, dees du mir wéi.

Déng Aen, déng Hoër  
däi waarme Mond  
dech ze beschreiwen  
hun ech kee Wuert nach fond.

Ech denken ëmmer un dech  
mee fir méng Léift dir ze gestoen  
an dir ze soen: »ech hun dech gär« –  
ech wäerd et nimools woen.

# Historesch Insigne vun der St.-Anna-Schneiderbrudderschaaft

É Méindeg, den 19. Oktober 1981 huet d'St.-Anna-Brudderschaaft ënnert der Mathëllef vum Staatsmusée hir Insignen am Foyer vun der Handwierksskammer ausgestellt. Fir mëttes ëm 3 Auer huet de Comité nieft hire Memberechen och de Verband vun de Schneidermeeschter an de »Syndicat de la Couture« zu enger Tagung age-lueden. Als Éiregaascht wor den Här Bëschof, Dr. Jean Hengen do, deen sech ganz erfreet iwwer déi Initiative gewisen huet.

De Sekretär-Caissier, Franz-Schwab vun der Brudderschaaft St.-Anna huet en ausféierleche Bericht iwwer d'Geschicht vun den 13 Innungen oder Brudderschaaften aus dem Herzogtum Lëtzebuerg gin. (Déi Geschicht as nozelieschen an der Revue »Eis Sprooch« Nr. 8, 1977 op de Säite 16-21.)

Haaptsaach vun dëser Versammlung wor déi joërhonnertal Insigne vun der Schneiderbrudderschaaft de Leit, mee awer och de Schneider an Néideschen aus dem ganze Land virzestellen. T'as fir d'éischt, datt sou Saachen an der Éffentlechkeet gewise gin.



Noweisbar as d'St.-Anna-Brudderschaaft 1258 gegrënnt gin an huet gedauert bis den 30. 7. 1795, wéi duerch en Dekret vun der franséischer Revolutioun all Innungen opgehuewe si gin. 1839 hun d'Brudderschaaften sech erëm nei forméiert, an 1864 sin duurch Breve vum Pöpst Pius IX. an der Kierch »Unserer Lieben Frauen, Trösterin der Betrübten« an der Stad Lëtzebuerg erëm 13 Brudderschaafte kanonesch opgeriicht gin.

Am Besëtz vun der Brudderschaaft St.-Anna sin nach haut déi hei wäertvoll Saachen:

En Amtssigel mat der Joreszuel 1719;

En Amts- oder Brudderschaftsbecher (Bild) mat engem Deckel mat der Statuett vun der hl. Anna aus der Mëtt vum 17. Jhrt. De Becher as aus Messéng, schéin dekoréiert a versëlwert. Nom J.P. Koltz as d'Dekoratioun vun der Ornamentik vun der Kathedral vu Lëtzebuerg béaflosst gin, d'Meeschterzeechen, N H sin am Kellech agedroen. (Wie wor de Goldschmadd N H?) Am Kellech läit en handgeschriwwenen Ziedel vum Paschtouer aus der Kathedral, Friedrich Lech (28. 11. 1883 - 1. 10. 1913), datt de Kellech Eigentum vun der St.-Anna-Brudderschaaft as.

D'Amtszechen oder d'Brudderschaftsschëld as an der zweeter Halschend vum 18. Jhrt. gemaacht gin.

E Borduch, dat vun allen 13 Innunge gebraucht as gin, as 1834 ugeschaaft gin an huet laut de Rechnungen 144 Fr. kascht. Et as dekoréiert mat dem Bild vun der hl. Anna mat hirem Kand Maria an dréit d'Joreszuel 1821.

Am Joër 1836 as e klengen Altar, 1,45 m héich, vun engem onbekannte Meeschter aus Eise gemaacht gin. Nach haut gët dësen Altar bei der Patronaatsmëss am Kouer vun der Kathedral mat enger Statu vun der hl. Anna opgestallt.

Zwou Mësskapellen (Zebrant, Diakon, Subdiakon a Kouermantel) wäiss a schwaarz gehéieren och der Brudderschaaft a gi mat dem klengen Altar an der Kathedral versuergt.

Niewent all dëse schéine Saache woren och nach e Statutteregëster an e Protokollbuch aus dem Joër 1919 ausgestellt. Déi méi al Veräinsregëstere leien an de Staatsarchiven.

Dës Insigne si fréier versuergt gi vun de Schneidermeeschter: Emile Sinner, Lëtz-Gare; Michel Weber, Lëtz-Gare a Franz Schwab, Lëtz-



Stad. Vrun e puer Joër sin se an de Staatsmusée  
komm mat engem schréfflechen Akt, datt déi  
Saachen Egentum vun der St.-Anna-Brudder-  
schafft bleiwen.

De Musée huet wëlles an denen nächste Joëren  
eng Ausstellung iwwert all 13 Brudderschaften

an hire Raim opzeiichten an dem Publikum zou-  
gänglich ze maachen.

Am Joër 1956 huet e Schneider e Gedicht op d'hl.  
Anna gemaacht. Et gouf op d'Invitation fir  
d'Patronaatsfest vum 30. Juli 1956 gedréckt.

Franz Schwab

Fr. Schwab *O hëlleg Anna* (vum de Schneideren) J.P. Schmit.

*Andante.*

1. *f* O hëlleg Anna! Laang viru ville Johren Hün d'Schneider dech er-  
2. " " Hün hies du ons ver-loopen, Wor d'Zeit och nach bot  
3. " " Er. bied fir ons beim Herrigott, Sing frod an al-ler

1. wüelt, als hort géint all Ge-fahren Hün s'ömm'r op dech ge-  
2. werg, Bei komms et net zou-loopen datt, En ömkeam vu  
3. Nout, An datt mir frei him bleiwen Am Lie-we wéi am

1. züelt! A während all der Zei-ten Hies du ons Frei ge-hal, A  
2. Lieng. Haut wölle mir er-nei-ren Den Ed mat aller Kraft: Hies  
3. Dout, Laang viru vil-le Joh-ren Hün d'Schneider dech, er wüelt, als  
3. *piu ritenuto f*

1. *bass* ~~un~~ un onse Sei-ten Am glek an On-glek gaang. } 6  
2. wölle ömmer bleiwen Dir frei bis an onst Graaf. } "  
3. Hort géint all Ge-fahren Hün s'ömm'r op dech ge-züelt. } "

*Allegro.* Als Kirchenlied komponiert.

1-3. hëlleg An-na!

PROF. DR. J.-P. SCHMIT  
18. AV. GUILLAUME  
LUXEMBOURG (G.D.)

# E bësse Léift

## 1. Voll Hoffnong

Mat Dir ze ston am Weessestéck  
an enger Summernuecht;  
mat Dir ze schlou eng éiweg Bréck,  
méi schéi gouf näischt erduecht.

Du bas voll Hoffen, Du dréis Fruucht,  
neit Liewe gloust am Bléck.  
Vu banne kënnt déi friddlech Luucht,  
an och äist ganzt grousst Gléck.

## 2. Du weess

Mäin hierzegt Kand,  
ech hun Dech gier,  
reech mir Déng Hand  
– du weess wuerfir!

Gëf mir däi Mond,  
– du weess wuerfir,  
ech gi gesond,  
ech kësse gier!

Waart nët ze laang,  
ech hätt dech gier  
mäin Herz as baang,  
– du weess wuerfir

## 3. E klenge Refrain

Sief mol léif mat mir,  
sou, wéi ech mat dir  
Kuck mech déif an d'An,  
du gesäis dech dran.  
Huel mech an däin Aarm,  
hal mech fest a waarm.  
Da géi nët méi fort vu mir,  
well ech si jo frou mat dir.

## 4. De Wäin an d'Léift

De Muselwäin krut vun der Sonn  
als Temperament séng Glous.  
An hues du hie knaps an dem Monn,  
blénks du scho wéi eng Rous.  
Mee da mäi Frënd, mierk dir et gutt,  
wa Bacchus mécht dech waarm,  
kritt d'Venus Loscht, da wallt hiirt Blutt,  
si kuschet sech an däin Aarm.

### Refrain:

d'Léift an de Wäin,  
déi musse mir genéissen,  
well mateneen  
si d'Liewen äis verséissen.

't as batter, wann e Jong voll Schei,  
séng Léift nët agesteet.  
Ee Pättche Wäin, kritt dat an d'Rei  
verdreift all Suerg a Leed.  
De Muselwäi mécht lass séng Zong,  
leet Feier a säi Bléck  
hie riet séng Léift sech vun der Long  
a séngt vu lauter Gléck

### Refrain:

d'Léift an de Wäin .....

Gitt mat der Léift ëm, wéi mam Wäin,  
ganz zäertlech a mat Rou:  
da laacht iech ëmmer Sonneschäin,  
an d'Gléck dat wénkt iech zou.  
Huel dack eng Schlupp, dach ni zevill,  
a kuckt iech déif an d'An,  
da bleift dir jonk a flott um Dill:  
De Wäi kann alles man!

### Refrain:

d'Léift an de Wäin .....

Jhemp Kirchen

**De Fridchen an de Bestgen oder Max a Moritz op Lëtzebuergesch vum N. Bach – W. Busch.** Déi al bekannt Spichte gouwe vum Néckel Bach an eis Gewunnichten a Gebräicher fräi ëmgusat. D'Virwuert as vum Georges Calteux. – Bestellung bei der St. Paulus-Dréckerei Lëtzebuerg. – Och an de Bicherbuttécker.



Eng Persiflage. Wa se Glach hätt mat Zoustänn anzwuersch dorëmmer, da wir et puren Zoufall.

## De Renert a säi Kolleeg virum Geriichtsgebai (vun den Déieren)

*de Renert:*

Wien huet Respekt vrun där Justiz,  
déi nëmme jhust déi Kleng aspäert  
an aus deem Grond de Vollekswitz  
gemoolt an och geschriwwe fäert?

*säi Kolleeg:*

Wat muss een dacks am Liewe schlécken,  
da wann d'Gesetzer Décker decken,  
a wéi se ëmgi mat den Décken,  
dat deet ee baschten, deet ee vrecken.

*de Renert:*

Wie wot d'Justitia unzekloen,  
hiirt falscht Gerechtegkeetsgefill,  
hir zwou verschidde Woen?

*säi Kolleeg:*

Fro dach den Eilespill,  
de Volleksaffekot,  
fro deen ëm Rot.

*de Renert:*

Ech weess, dee bléist dene Gesellen  
d'Menong a mécht de Spott  
mat e méi wi s'et wëllen ...  
kee Riichter as fir deen e Gott!

*säi Kolleeg:*

Du Léiweger, mengs de dann,  
't ging ee vun denen Alen  
an dem Gebai dobannen  
sech dofir halen?  
't sin Déieren dach wéi mir.

*de Renert:*

Ma mengs de dann, 't héil ee sech nach dofir?

siuda robert

## An der Salle d'attente beim Nuesendokter

Si sëtzen aartlech ronderëm

A kucken sou verwonnert dran.

'T as maischestëll, et héiert ee keng Stëmm

Bis dass 'rëm d'Assistentin kënnt eran.

»Wann ech gelift« – Den nächsten as um 'Tur.

Sou wéi e geet en aanren hält séng Plaz.

E Bouf mat engem Jeërhutt, mode du jour

Werft sech op d'Illustriert mat engem Saz.

Wat gët dorënner nur gebliedert

Gewullt, getässelt a gezun.

En Här am Hallefschlof erféiert

Dach fänkt en nees ze tompen un ...

E ronkt, séng Nues läit op der Hand ...

Eng I lëtz, et bléist e Wüstewand!

E Patient verdreift sech d'Zäit gewëss

A knabbert mat Genoss séng Afennëss.

Eng Frächen hekelt, zéit d'Nues erop

Si huet am lénke Lach e Stopp.

Zwou Damme babble mateneen ...

D'Gesichter glousen wéi eng Schmelz

»Wéi onsen Dokter gët et nëmmen een,  
Mä maach, dass du d'Gedold behäls.«

Vum Waarde sin se dach bal all erduerch.

Wéi dacks gouf d'Auer schon cropgezun.

Nujee, et schweesst een sech derduerch

Aha, lo kommen ech och mol drun!

Geori

Denkt drun w.e.g. d'**Cotisation** (200 Frang) **fir 1982** as fälleg.  
Vergiesst et nët an iwwerweist se nach haut op ee vun de  
Konte vun der Actioun Lëtzebuergesch. Merci!

# Eng lëtzebuergesch Hochzäit

D'Siss gët bestued  
der Däiwe! as lass  
Lo as et scho véier  
um fënnef as d'Mass  
Hei kënnt d'Tata Kätt  
d'Zong kritt hiirt Recht  
Dem Siss gët et gläich  
vun Oprengung schlecht  
Wou bleift de Pitt  
hatt trëtt nicwënt d'Fënster  
hie muss wäit fucen  
hie kënnt vu Jonglënster  
Do as e Kaméidi  
era kënnt de Pitt.  
»Oh Häerzi, ech duecht schon  
et wär eng geschitt.«  
De Pappi sicht nach  
nom Kollisknapp  
an d'Boma déi rëselt fir  
sech alt de Kapp  
O wat fir en Zodi  
as dat mat dem Freier  
et as dach ëmmer déi selwecht Leier  
Wéi ech vru vill Joër  
bestued hu mäin Nick  
du hat hien nach nët  
den heitegen Tick  
De Stot as eng Fal  
seet de Bop mat Genoss  
an iers d'et begräifs  
wor alles ëmsoss  
Well sees du mol jo  
dann as et geschitt  
Da bas d'an der Fal  
da kriss de déng Britt  
Jee Nick hal dach op  
e souer ze räissen  
well looss mer eis nët den Dag  
mat Dommheet verschäissen  
De Pitt gët dem Siss  
e Bucki mat Rousen  
Dernieft nach e Kuss  
Wéi d'Baken him glousen!  
O Jhang, ech duecht schon  
ech hätt dech verlueren  
Du muss nach op d'Gare  
de Jhemp siche fueren  
Eng hallef Stonn drop  
du sin se rëm zrëck  
An och Kusin Mary

dat groussaartegt Stéck  
»Hei Siss as mäi Cadeau,  
fir iech zwee eng Rees  
well 't soll jo kee soen  
ech wär nët bei Keess«  
O mei, klot eist Siss  
't verseet him bal d'Stëmm  
Ech sin sou nervös  
ech fale gläich ëm  
Nujee, seet de Papp  
behal roueg Blutt  
well an enger Stonn  
dann as alles scho gutt  
Lo lauden schon d'Klacken  
nu stellt iech an d'Rei  
a laacht oder lächelt  
weist nëmme keng Schei  
Sou gin se zesummen  
op d'Kiirchenhaus lass  
Da sin se um fënnef  
zur Zäit an der Mass

Claudine Reichling

---

## Litteratur-Concours 1981

E Präis kruten  
am **Lëtzebuergesch**:

Annick Breitfeld  
Nico Helminger  
Norbert Hengesch

am **Däitschen**:

Georges Hausemer  
Nico Helminger  
Guy Rewenig

am **Franséischen**:

Léon Braconnier  
Lambert Schlechter  
Viviane Thill



# Viru...

10 Jor as den Hary Trauffler gestuerwen. E wor de 17. November 1890 zu Bongerëf gebuer an as de 15. 12. 1971 gestuerwen. En huet vill fir d'Lëtzebuergesch gewuddert, Theaterstécker, apaart fir Kanner geschriwwen, wor bei der Hemechtsprooch virum Krich derbäi, du an »Eis Sprooch«, 1952 wéi déi gegrënnt gouf, an der sproochwëssenschaftlecher Sektoun, Korrespondent vun dem Dictionnaire, Lokalhistoriker an nët fir d'lescht e gudde Schoulmeeschter zu Mamer an der Oberprimärschoul.

15 Jor as de J.P. Braun vun eis gaang. E wor och Schoulmeeschter, huet eng Zäit eng Zäitschrëft de »Lëtzi« erausgin, Theaterstécker geschriwwen, e.a. Weiraach, religiéis Gedichter. 2. Oplo 1960.

20 Jor as de Siggy, de Lucien Koenig, \*10. 8. 1888, begruewe gin. Et misst dach bal nët sin, fir ze soen, wien hie wor a wat e fir d'Lëtzebuergesch gemaacht huet. En Nationalist, e Feierkapp, e chauvinistesche Lëtzeburger? Alles an och nët. Jiddefalls huet e sécher vill fir d'Lëtzebuergesch geleescht. En huet 1910/11 d'Nationalunioun, d'Akademie vu Lëtzebuerg, en Nationalinstitut gegrënnt – Gedichter, Epos, Theaterstécker, Roman (Ketten), eng Geschicht iwwer d'Lëtzeburger Grammatik a Schreifweis geschriwwen, zwou Broschüren »An der Wierkstat vun de Lëtzeburger Dichter« erausgin, ... a wie kennt d'Lidd »Lëtzebuerg de Lëtzeburger« nët (Musek J.P. Beicht).

20 Jor as de Nic. Pletschette zu Betebuerg begruewe gin (31. 9. 1961). En äerdege Mënsch a Schoulmeeschter, dee ganz ersierklech vill iwreg hat fir d'Lëtzebuergesch an och geschriwwen huet. Séng »Fremde Klänge«, séng »Biller aus der Lëtzeburger Sprooch«, séng Sammlong vu Spréchwierder, séng Schnoken, séng Erzëlong »De Schousterpittchen«, den Duerfschouster, dem N. Thill sai »Singendes Volk« erausbruecht huet, sin Zeie vu séngem ville Schaffen. Da wor e Mëmbler virum Krich vun der Hemechtssprooch, och Grënner vun »Eis Sprooch« 1952, Matarbechter vum Lëtzeburger Dictionnaire, ounst déi vill Artikelen, déi en an den »Uucht«, an aner Kalenneren an Zäitschrëfte geschriwwen huet. Den Nic. Pletschette, den Hary Trauffler, de Ferd. Gremling, de Franz Binsfeld, den Isi Comes, dat wore mam Leo Senninger a wéi se nach geheescht hun, déi Leit, déi ëmmer fir d'Lëtzebuergesch do woren, ouni Gedäisch,

ouni vill Ophiewes vun hirer Aarbecht ze maachen.

25 Jor as de Franz Binsfeld gestuerwen (\*5. 8. 1956 †5. 8. 1956). Hien huet fir d'éischt däitsch geschriwwen, du lëtzebuergesch, Theaterstécker, Gedichter, Balladen; apaart gutt sin d'Saache fir Kanner him geroden, heescht et vun him.

30 Jor as den Nic. Welter (\*2. 1. 1871 †13. 7. 1951) gestuerwen. Vun him brauch ee wuel nët méi vill ze soen, et misst jidderee wësse wat a wien hie wor. Mä loosse mer dach ernimmen, datt hien et wor, deen dat éischt Buch fir d'Schoule fir Lëtzebuergesch (Das Luxemburgische und sein Schrifttum) ze léiere geschriwwen huet, ëmmer op en Neis verbessert, a bis 1947 erauskomm as, eng Schreifweis mam Engelmann festgeluegt huet, déi bis 1975 gegollen huet, de »Renert« mam C.M. Spoo ënner d'Leit bréngt, »Dichtung in Luxemburg« verfaasst, nieft héidäitschen Theaterstécker, Bicher ... an aner. Ewell am éischte Weltkrich huet en an der »Süddeutschen Zeitung« sech fir d'Egenaart fir d'Land a Leit Lëtzebuerg agesat an 1927 as en an der »Deutschen Rundschau« fir dat selwecht agetratt a Versteedesdernes dofir gefrot.

35 Jor, den 13. 1. 1946 as de Mathias Ruden, 71 Jor al, gestuerwen. Vun him sin: d'Traen um Kandaf; Eng Uucht an der aler Zäit.

50 Jor as de Moler Nico Klopp gestuerwen (\*18. 9. 1894).

80 Jor huet äis den Andréi Duchscher (\*1840) verlooss, viru 75 Jor as sai Stéck d'Villa Fina fir d'éischt gespillt gin.

125 Jor gouf de Karl Mersch gebuer (\*6.6.1856 – † 9.12.1884), deen d'Zäitschrëft »Luxemburger Land« gegrënnt an 1884 d'Lëtzeburger Kannerreimer erausgin huet.

150 Jor, den 20. 7. 1831, as zu Esch-Sauer de Felix Krein op d'Welt komm, deen de Komponist an Dichter vum »Ierzmann« as (†22. 9. 1888 zu Esch-Uelzecht).

175 Jor, »En éischten Zeien«, »wat schwätzen se zu Lëtzebuerg?« – kuckt Säit 10



## Nei Bicher

**Weekräizer aus éiser Géigend, 1981.** 102 Saiten. Frausgi vu LSAP, Centre scolaire, Dreiborn. Oplag 700 Stéck. 420 Frang.

Sou heescht déi 14. Publikatioun vun de Publications Mosellanes de Wormeldange, wou eng ganz Parti Leit mat dru geschafft hun, et sief mat engem Wuert, et sief mat litterareschen Artikelen.

Zënter bal honnert Jor gët geschriwwen a geschwat a gefrot fir d'Opstellung vun de Weekräizer aus dem ganze Land ze maachen. Ouni laang nozesichen, as bekannt, datt d'Regirung 1896 eng Opstellung duerch d'Bauverwaltung gefrot hat, dun crëm ëm 1933/34 a virun e Jor er zéng och nees. Leider sin d'Opstellungen aus dem Enn vum 19. Jorhonnert nët méi ze fannen bis op e puer Gemengen ewéi Eechternach c.a. Aus de Gemengeregëschtere vun den drësseger Jore kann ee gewuer gin, wou der stin (stongen). Do muss een awer bemierken, datt déi »schéinst« dacks nëmme gemellt si gin, déi en historeschen oder architekturesche Wäert haten. Ze dacks sin déi kleng einfach Kräizer nët genannt gin, déi aus Lee (Schiefer) eréischt am 19. Jorhonnert opgeriicht gouwen.

Bis elo hu mer en Inventar fir d'Kantone Réimech a Gréiwemaacher vu Schmit a Siebenaler, aner Kantone felen nach ganz. Wuel sin der a verschidden Duerfgeschichten (Monographie) an de lëschte Jore materageholl gin, an dat as nëmme ze luewen, mä ganz Géigenden sin nët opgestallt, an et sollen der am halleffäerdege Manuskript nach do sin.

Dofir as et duebel schéin a gutt, datt déi 14. Broschür vu Wuermer äis d'Kräizer a Wuert a Bild virstellt aus de Poren: Éinen, Flussweiler, Gouschténgen, Meechtem, Nidderdonwen a Wuermeldéng.

Et sin der genee 50, wa richteg gezielt gouf, déi vum 17. Jorhonnert bis an d'20. reechen an all op *Lëtzebuergesch* beschriwwen sin, mat Fotoen derbäi. Et wir vläicht hei e bëssche wäit gaang, fir déi verschidde Formen, déi eenzel Symboler, mat de Schréften duerzeleën. Et bedauert een, datt d'Material nët jüst ëmmer ugin as, wann een och duurch d'Foto gesi kann wat et ka sin, och esou as et mat de Moossen (Héicht, Déift, Breet), déi felen, wéi et gewéinlech (international) gemaacht gët. Nun, dat as am Fong nët esou ganz wichtig, wat zielt as datt d'Kräizer notéiert si gin, mat allem wat drun hänkt an erzielt gouf a

gët. Rieds as vun denen, déi verschwonne sin, wou dacks nëmme Stécker blouwen, a vermierkt as, wien se gehaën huet, wou dat nach gewuer ze gi wor. Et steet jo ganz selen op de Kräizer selwer.

Wat nun an aner vun dene puer Publikatiounen iwwer Weekräizer nët steet, dat as hei beienee geraaft gin: Weekräizer, a wat dermat zesummenhänkt an der Litteratur.

Et duerf een nun de Noruff vum René Muller a Wormer Sprooch vun »Iisem iischte Präsident, dem Här Emil Zenner« nët iwwersin, grad ewéi een nët laanscht d'*Passioun op Lëtzebuergesch* ka goen, déi vum Paschtouer vu Gaasperech Camille Minette geschriwwen, vum Norbert Hoffmann muskalesch bearbecht an am Radio op Karfreideg vum Gaasperecher Kiirchegesank 1980 uropgeféiert gouf.

Et as e léift Bichelchen, gutt gemaacht, gutt opgesat, an all dene vill, déi dru geschafft hun, apaart a virop dem René Muller an de Photographen (R. Mesenburg, René Muller, Norbert Weins), as een oprichtege Merci schëlleg. Et géif e wënschen, datt aner Géigenden dat no géife maachen. hr

**Laure Wolter: Kleng Wouréchten.** Egverlag, 69, Barriär-Strooss, Lëtzebuerg-Märel. Nët paginéiert. 85 Frang.

Kleng Wouréchten heescht dat neit Bichelchen, dat d'Joffer L. Wolter nees zesummegeeraaft an an enger propperer, léiwer Opmaachung erausgin huet. Et si Spréchwierder, Riedensarten, jee kleng Wouréchten, déi si aus dem Lëtzebuurger Dictionnaire, aus de Wierker vum Jos. Hetting an Nic. Warker erausgeholl huet. D'Bichelchen, dat een an d'Täsch stieche kann, as no Gruppen agedeelt, fir jiddereen eppes. 'T geet u mat »Kessen a Léift«, da kënnt »Frëndschaft«, »Fra a Mann, Éi (Ehe), Geld, Spaass a Philosophie«. E léift Bichelchen, fir ze schmunzelen, fir nozedenken, fir eng fräi Minutt dran ze bliederen. hr

Aus der Broschür vun der **Mäerterter Musek**, 75 Jor, soll den Artikel: »Causerie iwwer d'Schlass vu Mäerterter« vum Fr. Mathieu extra ernimmt gin. En as nët nëmme op Lëtzebuergesch, a richteg, geschriwwen, mä e bréngt äis esou vill Neies an Interessantes iwwer d'Schlass, séng Leit an d'Geschicht, datt een eleng duerwéint sech déi Broschür uschafe sollt, natirlech, wann een Intressen un der Lokalgeschicht huet. hr



# Notizen

**Lëtzebuurger Coure** sin dëst Joër an der Zeitung op däitsch, franséisch an englesch ugekënnegt gi fir:

*Lëtzebuerg-Stad* – Al Europaschoul – umelle vum 12.10 – 9.11.

*Esch-Uelzecht* – Lycée technique, Victor-Hugo-Plaz – umelle vum 19.10 – 16.11.

*Biissen an Ëmgegeng* – Jos Huet, Tël. 85253 – umelle bis 16.11.

*Bridel a Koplescht* – Mme Linster-Siemes, Tël. 338657 – umelle bis 16.11.

*Kontern an Ëmgegeng* – Gemeng – umelle bis 16.11.

*Dikrech an Ëmgegeng* – Tunn Gonner a Georges Thill, Tël. 83749, 83668 – umelle bis 16.11.

*Didleng* – Gemeng, Büro Raym. Schroeder – umelle bis 16.11.

*Jonglënster an Ëmgegeng* – Denis Dimmer, Tël. 78472 – umelle bis 16.11.

*Mamer* – Gemeng, Tël. 310031-1 – umelle bis 16.11.

*Munnerëf* – Nic. Schroeder, Tël. 68508 – umelle bis 16.11.

*Schëtter* – Norbert Krier, Tël. 35628 – umelle bis 16.11.

*Walfer* – Gemeng, Tël. 330144 – umelle bis 16.11.

*Wolz* – Lycée, Tël. 95447 – umelle bis 16.11.

De Patronage huet de Ministère vun de Schoulen. – Virdu wor awer ewell e Communiqué vum deem selwechte Ministère komm, datt Coure mat der Actioun Lëtzebuergesch géife gehale gin an d'Leit sollten sech un den Här Lex Roth, 14, Dunant-Strooss, Esch, adresséieren.

\* \* \*

d'**Suessemer** Gemeng huet de 5. August 1981 hire Stroossen alleguer e Lëtzebuurger Numm gin. 'T wor eng kleng léif Feier gin, et krut een en Ziedel an d'Hand mat de franséischen an de Lëtzebuurger Stroossennimm. E schéine Geste, fir dat esou ze maachen. D'AL wor do duerch d'Häre Siuda a Rinnen vertrauden, de Präsident Lex Roth konnt de leschten Ament nët kommen. – Et kann elo wuel kee méi soen, e géif sech do an denen 3 Dierfer veriren, well wann een deen een Numm vun der Strooss nët weess, da sécher deen aneren. Et sin esou häerzhäfteg Lëtzebuurger Nimm derbei, wéi zu Suessem: Wandmillenuecht, Kazericht, Loër, Lammel; zu Bieles: Rëtschgrëndchen, Lackschgaass, Huuscht, Rämerwiss, Geessewee; zu Zolwer: Béiner, Schappe-Botter, Bëmmerchen, Soud, Gielem, Kléckleschiërg – Loosse mer awer och soen, datt an der Gemeng Munzen dat ewell virun en

etlech Jore gemaach gouf; och soss erwzousch gesäit ee Lëtzebuurger Nimm ënner denen »offizielles« franséischen.

\* \* \*

En **zweite Film op Lëtzebuergesch** »800 Joër Buerg Klierf« as den 29. 10. 1981 am neien Theater zu Lëtzebuerg fir d'éischt gewise gin. De Sall wor bis op déi allerlescht Plaz besat. Den Ierfgroussherzog Henri mam Staats- a Kulturminister P. Werner, dem Attaché Lex Roth a vill aner Perséinlechketen haten sech eng Eier draus gemaacht fir bei der Uropféierung do ze sin. De Redakter Remy Franck, vum 'Télécran, huet a senger Ried dem Produzent Erny Koener merci gesot fir deen Idealismus, deen en hat fir dee Film dréien ze loossen. Den Erny Koener gong a senger Usprooch op d'Entstoen an, huet lénks a riets merci gesot an e Filmfong virgeschloen. – De Film erzielt d'Geschicht vum Klierwer Schloss, mat Dokumenter an a Spillzenen. D'Buch gouf vum Prof. Jos. Maertz geschriwwen, den Henri Hanlet huet d'Dréibuch gemaacht an de Kemmer Jhemp a Guy Schons wore fir d'Musek do, de Jean-Claude Loutsch huet sech ëm d'Wope gekëmmert, den Alain Atten wor fir d'Geschicht responsabel, de Guy Lentz an de Lucien Wagner woren d'Expäre fir d'militäresch Operatiounen. De Fernand Fox wor den Herold an de Lex Roth huet den Erzieher gemaacht, Regisseur a Filmman war de Marc Thoma. – No der Première gët de Film, deen 1½ Stonn dauert, ueter d'Land gewisen. Soe mer awer nach, datt et derwäert as de Film kucken ze goen (nom Lux. Wort vum 31. 10. 1981).

\* \* \*

**Eis Sprooch, Kulturelement, gësch an haut**, dat wor den Thema iwuer deen de Lex Roth an der ALUC am Juni geschwat huet. Hale mer ee Saz fest: 1948 hätt ee missen ee fir allemol festleën, datt d'Lëtzebuergesch d'Sprooch vun de Lëtzebuurger wir (Lux. Wort 26. 6. 1981).

\* \* \*

De 6. Okt. 1981 gouf zu Schëffleng eng Plack als Udenken un de Paschtouer an ee vun eise gudden Dichter, de Joss **Keup**, un d'Haus gehaang, wou e vun 1908 bis 1917 bei senger Eltere gelieft huet. – D'Buurgermeeschtesch vu Schëffleng, d'Joffer Astrid Lulling, huet denen alleguer merci gesot, déi gehollef hun déi Feier op d'Been ze bréngen: de Staats- a Kulturminister Pierre



Werner, de Minister Jhang Spautz, de fréiere Kulturminister Madeleine Frieden, de Paschtouer Charel Stoos, d'Schäffe Willy Geib a Charel Waringo, d'Konselljeën Mme S. Baum an Edm. Devaquet, d'Kulturkommissioun, de Jim Weydert, Präsident vum Interesseveräin, d'Mme Marthe Prim-Welter, dem fréiere Schoulmeeschter Welter vum Joss Keup séng Duechter a säi Brudder Aristide Keup, deen zu Metz wunnt a Brudder as. – De Patronage hat de Ministère fir Kulturell Saachen, d'Sektioun Konscht a Litteratur vum Institut (vertrueden duurch d'Joffer Prof. Rosemarie Kieffer an Henri Blaise), den Nationale Kulturrot (Präsident Gaston Gengler) iwwerholl. – De Prof. Fernand Hoffmann hat sech entschëllege gelooss. – Den Attaché vum Kulturministère Lex Roth huet vum an iwwer de Joss Keup gezielt an de Claude Waringo en etlech Gedichter vum J. Keup opgesot. De Kulturminister Pierre Werner stellt de Mënsch a Resistenzler J. Keup an d'Liicht, dee Mann, deen sech nimools virdrécke konnt. – D'Plack gouf vum Jhang Hansen entworfen, op deer steet:

*Erënnerong un de Lëtzebuurger Dichter Jos Keup (21. 3. 1891 – 5. 4. 1981), deen séng Bouwejoren a séng Studentenzäit an deem Haus bei zu Schëffleng verbruecht huet (1908-1917) (nom Lux. Wort vum 8. 10. 1981).*

An der Nummer 12 vum »Eis Sprooch« hate mer vum Fern. Hoffmann en Noruff fir de verstuerwene Joss Keup bruecht.

\* \* \*

Zu Tréier huet de Pierre Grégoire, Éirechamberpräsident, an der katoulescher Akademie, déi e Konferenzzzyklus iwwer d'Nopeschland Lëtzebuerg mécht, e Referat gehale mam Titel: Wer sind wir Luxemburger? (Lux. Wort 31. 10. 1981.)

\* \* \*

F. Marcel Reuland-Owend wor op de 25. Joresdag, wéi de M. Reuland gestuerwen as, den 21. Oktober 1981, vum Déifferdanger Volleksbildungsveräin organiséiert gin. De Prof. Fern. Hoffmann huet iwwer d'Liewen an d'Wierk vum M. Reuland geschwat an de Prof. Eug. Heinen eng Rei Gedichter virgedroen. – An der Lëtzebuurger Tëlevisioun hat de Pitte Puth och un de M. Reuland erënnert an an engem Gespréich mat sänge Schwëstere de Mënsch an d'Wierk op-liewe gelooss. Wir et dann nët schéin, wa fir de

M. Reuland dat selwecht geschéich wéi fir de Joss Keup? (Red.)

\* \* \*

**Aus dem Gemengerot vum der Stad Lëtzebuerg:** (Sëtzong vum 6. Juli 1981, No 9 / 1981)

Här Nicklaus (CSV): ... D'Léiere vum der Lëtzebuurger Sprooch. D'Léiere vum der Lëtzebuurger Sprooch as virgeschriwwen. Gët dat iwwerhaupt gemaacht, wa jo, wéi? Huet d'Schoulpersonal fir d'Léieren an deem Fach Virschreften, un déi se sech hale kann? ... D'Auslännerkanner: A gewësser Hisiicht kann een d'Kanner vum den Immigranten och als Handikapéiert gesinn, jiddefalls wat d'sproochlech Entwécklung ugeet ...

Här Goebbels (LSAP): Auslännerkanner: D'Zuel vum den auslännesche Kanner as deemoesse grouss gin, datt mer mussen ëmdenken, souwuel am Interesse vum eise Kanner wéi vum denen auslänneschen. Et gët einfach zevill vum engem Kand verlaangt, wann et aus dem südlänneschen, romanesche Raum kënnt, wann et an eise Schoule Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, an dernieft wouméiglech nach mat sénger Mammesprooch, konfrontéiert gët. ... Mir sollten no der Realitéit kucken an nieft eiser traditioneller Schoul eng franséischsproocheg Sektioun opbauen, an deer däitsch vum der 4. oder 5. Klass als Friemsprooch derbei kéim. Déi franséischsproocheg Sektioun kënnt duurch de ganzen Unterréchtssystem goen. Ech weess, datt a mëngem Virschlag d'Gefor vum enger Segregatioun draläit, awer mat dem System vun haut as kengem gedéngt, weder den auslänneschen nach de lëtzebuergesche Kanner.

Här Frieden (CSV): ... An der Spillschoul hu mer 86 Klassen. An 52 si méi wéi d'Halschend Auslännerkanner. Vu 1430 Kanner an der Spillschoul sin 852 Auslänner, also 60%. Sou gesäit eis Primärschoul méi spéit aus. ....

---

An der Châmber as de 25. September 1981  
e Gesetzprojet iwwer de Régime vum de  
Sproochen hei am Land abruecht gin.

---

De Verkaf vum Buch »Mei Lidd« vum Jhang Thill huet eng Nettozomm vum 20 000 Franc abruecht, déi op de Kont vum Foyer Ste Elisabeth vu Réimech iwwerwise gouf. – Mir soen op dësem Wee der Joffer Georgette Thill merci, déi eis de Stock vum dene Bicher geschenkt hat.



# Theater-Saison 1980/81

## Aarsduerf / Ueschdref:

– D'Faaschtentzait

## Bäerdref:

– Der Däiweil beim Päerdsmetzler v. Josy Christen  
– Rumpelstilzchen v. Norbert Weber  
– Den Här Professor as prësséiert v. Siggy (Lucien Koenig)

## Baritréng:

– De Maulkuerr v. Josy Christen

## Bauschelt:

– Eng Sëffecht op der Musel v. Norbert Weber

## Bech-Klengmaacher:

– Der Däiweil beim Päerdsmetzler v. Josy Christen

## Befort:

– De Lige-Pol v. R. Clees

## Béiwen-Afert:

– Gewulls an de Kornischongen v. Josy Christen

## Bëschrud:

– D'Famill Balthasar

## Betebuerg:

– Mir kréien och en Auto v. E. Bernard  
– D'Famill Balthasar  
– En hätt gär séng Rou v. René Weimerskirch

## Bieles:

– D'Verleënheetskand v. Henri Regenwetter  
– De Verstärker v. Henri Regenwetter

## Biekeresch:

– D'Spill vun der Bidden v. Marcel Reuland  
– Gutt Nopere v. Marcel Reuland  
– De Scholdschäin v. Dicks  
– Esou kennt een op den Hond v. Josy Christen

## Biissen:

– Den Tyrann v. E. Bernard

## Boxer:

– Der Däiweil beim Päerdsmetzler v. Josy Christen

## Branebuerg:

– De Bopi gët verkaaft v. Henri Regenwetter  
– All Jar emol

## Brädeler:

– D'Senorita Rosita v. R. Clees

## Buerglënster:

– Neen déi Schnëss

## Bus:

– Den Emil a séng Detektiven  
– Och emol Barong v. J.B. Eydt

## Buurschent:

– Kolter-Molter v. Edm. Jos. Klein  
– D'Faaschtentzait

## Deifferdang:

– De Schraufstack v. Josy Christen  
– De Professor Kinkerlitzchen v. Josy Christen

## Diddeléng:

– Maach mer näischt vir v. Emil Boeres  
– Neen déi Schnëss

## Dienjen:

– Wann déi al Scheiere brennen v. Isid. Comes

## Dikrech:

– Op der Däiwelsbuerg v. Josy Christen  
– De Scholdschäin v. Dicks  
– D'Mumm Séis v. Dicks

## Fitter/Schraasseg:

– De Rettungsschwëmmer  
– D'Faaschtentzait

## Ell:

– De Lige-Pol v. Rob. Clees  
– D'Meedche vu Gëtzen v. Max Goergen

## Elwen:

– De Schraufstack v. Josy Christen

## Esch/Sauer:

– De Biddi vum Rommelshaff  
– E Papp vu Knappech v. Josy Christen

## Esch/Uelzecht:

– Den Ubu gët Kinnek v. Roger Manderscheid  
– De Lige-Pol v. Rob. Clees  
– Eng Sëffecht op der Musel v. Norbert Weber  
– De Spuermännchen an den Däiwelchen v. Josy Christen  
– De Spuermännchen an den Zauberer  
– Visionen oder d'Zukunft fänkt haut un

## Ettelbréck:

– De bloen Hary v. Emil Boeres  
– 3x1 = 0 v. Emil Boeres  
– 10.000 \$ v. Michel Grand'homme  
– D'Geschicht vun der Mumm Séis  
– Et wor emol e Kanonier

## Felen:

– Den Tyrann v. E. Bernard

## Fëlschdref:

– 't gët méi Ketten ewéi Honn

## Fëschbech/Miersch:

– D'Spill vun der Bidden v. Marcel Reuland  
– De russesche Grof

## Gaasperech:

– De sauren Apel v. René Weimerskirch  
– Den Emil a séng Detektiven  
– Eng kuriéis Wett v. Monni vum Bierg

## Garnech:

– Mer kréien eng Dëschwo v. E. Bernard  
– Der Däiweil beim Päerdsmetzler v. Josy Christen

## Gildref:

– Finner d'Rieder kommen

## Gouschténg:

– 1. Opféierung De Remembrement v. Jhemp Rollinger

## Groussbus:

– Cassis v. Jhemp Schuster  
– D'Faaschtentzait

## Habscht:

– Entgleist v. René Weimerskirch  
– D'Verleënheetskand v. Henri Regenwetter

## Heischent:

– Bärbel's Gréitche v. P. Gérard  
– E gudden Dokter v. J.-F. Hermes  
– De bloen Hary v. Emil Boeres

## Hengesch:

– De Rossbayard v. J.P. Hoffmann  
– Pöltches Famill v. Tit Schroeder

## Hépperdang:

– De bloen Hary v. Emil Boeres

## Hesper:

– De Champion v. R. Clees

*Hoën-Klengbetten:*

- Mach mer näischt vir v. Emil Boeres

*Holz:*

- E Geescht an der Mielkëscht
- De Knéckjhang v. Siggy (Lucien Koenig)

*Houfelt:*

- De Bon-Vivant

*Hueschteri:*

- Der Däiwel beim Päerdsmetzler v. Josy Christen
- De Maulkuerf v. Josy Christen

*Huldang:*

- Eng lëschtteg Himmelfart

*Iechternach:*

- Urlaub vum Péitrus v. R. Clees

*Ierpeldéng/Ettelbréck:*

- D'Faaschtenzäit

*Ischpelt:*

- Urlaub vum Péitrus v. R. Clees
- Gewulls an de Kornichongen v. Josy Christen
- De Biddi vum Rommelshaff v. Josy Christen

*Jonglënster:*

- Maach mer näischt vir v. Emil Boeres

*Käerch:*

- De Maulkuerf v. Josy Christen

*Käl:*

- D'Joffer Marie-Madeleine v. J. Imdahl

*Kanech:*

- Hci sid Der richteg
- Den dueble Maurice
- Eng penibel Affär v. R. Clees

*Kautebaach:*

- D'Verleënheetskand v. Henri Regenwetter

*Konsdrëf:*

- De Schouster-Hary op der Himmelsleder v. E. Devaquet

*Konstëm:*

- Déi drei krank Hinnercher

*Konter:*

- Entgleist v. René Weimerskirch

*Krëschtnech:*

- De Schëllegen v. René Weimerskirch

*Lelleg:*

- Eng lëschtteg Himmelfart

*Lennéng:*

- E Gespenst am Bësch nom 'Text v. M. J. Chaussy

*Lëtzebuerg:*

- Max a Moritz
- De Spuermännchen an den Däiwelchen v. Josy Christen
- Hexejuegd + Jhust 15 v. Josy Braun
- Cassis v. Jhemp Schuster
- Den Ubu gët Kinnek v. René Manderscheid
- Dat as keng Affär v. Bëschzeck-Ensemble
- De Vic dec kënnt haut nët v. René Nilles
- Faulen Zauben v. René Nilles
- Eidel Zëmmer v. René Nilles
- Op der Däiwelsbuerg v. Josy Christen
- Hopp Marjänn (Musical) v. Pol Pütz, Musek: P. Nimax

*Maarnech:*

- Déi nei Räich v. R. Clees

*Mäertert:*

- E schlechte Verhalt v. P. Gérard

*Mäerzeg:*

- Op der Juegd v. Dicks
- En Teschtement v. B. Weber

*Manternach:*

- Keen Auskommen mam Akommes v. Edm. Devaquet

*Märel:*

- Zwou Annoncen v. Will Flener
- Eng Bouteil Quetschebranntwäin v. Ad. Amberg
- 5 Frënn spillen Detektiv v. A. Ambry

*Mëchela:*

- D'Féckmilchen v. Paul Felten

*Menster:*

- Requiem fir e Lompkekreimer v. Josy Braun
- De Professor Kinkerlitzchen v. Josy Christen

*Miedernach:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. E. Devaquet

*Miersch:*

- De Bummesse Johnny v. Josy Christen
- Maach mer näischt vir v. Emil Boeres

*Monneresch:*

- Eng Stëffecht op der Musel v. Norbert Weber

*Mutfert:*

- De Këppchesbaacher Mates v. Josy Christen

*Näorden:*

- De Koséng aus Amerika v. Metty Dahm,
- Musek: Pol Albrecht
- Entgleist v. René Weimerskirch

*Nidderfelen:*

- D'Faaschtenzäit
- Der Däiwel beim Päerdsmetzler v. Josy Christen

*Nidderkuer:*

- De Schraufstäck v. Josy Christen
- De Bummesse Johnny v. Josy Christen

*Noumeren:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. E. Devaquet

*Ospenn:*

- D'Faaschtenzäit

*Pafendall:*

- Eng Stëffecht op der Musel v. Norbert Weber

*Pëténg:*

- De bloen Hary v. Emil Boeres
- De Schraufstäck v. Josy Christen

*Pëtten/Miersch:*

- Vill Zodi ëm d'Leift v. Ch. Bierger

*Proz:*

- De Bonvivant v. Rob. Clees

*Rammeresch:*

- Urlaub vum Péitrus v. Rob. Clees

*Recken/Mess:*

- D'Gléck um Schléiwenhaff v. E. Devaquet

*Réiden/Ateri:*

- Zeréckuetesch v. Batty Weber

*Réimech:*

- Den Horrbock v. René Weimerskirch



*Reisduerf:*

- Mir kréien en Auto v. E. Bernard
- Jonggesellekëscht v. A. Atten

*Réiser:*

- De Bummesse Johny v. Josy Christen

*Rëmmerchen:*

- d'Faaschtenzäit

*Rëmeléng:*

- Besuch um Wudderhaff v. Tit Schroeder

*Rippweiler:*

- Eng verweckelt Ierfschaft

*Rolléngergronn:*

- E Papp vu Knuప్పeg v. Josy Christen

*Rued/Syr:*

- D'Pöltches Famill v. Tit Schroeder

*Sandweiler:*

- En Engel am Bett

*Schëffleng:*

- De Maulkuerf v. Josy Christen
- Nët jalous gin v. Ed. Devaquet
- Besuch um Wudderhaff v. Tit Schroeder

*Schiren:*

- En drolegen Apdikter

*Schuller:*

- De Schraufstack v. Josy Christen

*Schweechedall:*

- Den Hausfrënd v. Josy Christen
- Wien et trifft
- All Jor eemool
- De Bopi gët verkaaft v. Henri Regenwetter

*Sëll:*

- Vill Zodi ëm d'l.Éift v. Ch. Berger

*Stéisel:*

- De Këpperchesbaacher Mathes v. Josy Christen

*Stroossen:*

- D'Gléck um Schléiwcnhaff v. E. Devaquet

*Sir:*

- Starken Tubak
- De Maulkuerf v. Josy Christen

*Suessem:*

- De Scholdschäin v. Dicks
- D'Mumm Séis v. Dicks

*Téiteng:*

- De Schëllegen v. René Weimerskirch
- Schudder! Schudder!
- De Pantoufflard v. R. Clees

*Tënten:*

- E Karakrekapp gesicht v. R. Clees

*Tratten:*

- Den Här Professor as presséiert v. Siggy (Lucien Koenig)
- Den Tünnes als Fotograf v. Metty Dahm

*Uespelt:*

- Zäitgeméiss v. Tony Hurst
- Duurch d'Gebiet vun der Mamm v. Metty Dahm

*Uesweiler:*

- E gudden Dokter v. J.+F. Hermes

*Vüchten:*

- Den Här Professor as presséiert v. Siggy (Lucien Koenig)
- De Jim an de Bim v. J. Fohrmann
- Oho Misch v. René Weimerskirch

*Wal:*

- D'Jonggesellesteier v. J. Hermes
- De Knéckjhang v. J. P. Hoffmann

*Waldbeilég:*

- Den dueble Maurice v. Henri Regenwetter

*Walfer:*

- Der Däiwe! beim Päerdsmetzler v. Josy Christen

*Welfréng:*

- Mir si vum Viz v. Josy Braun
- 600 Mann zéien an d'Manöver

*Wélwerwolz:*

- D'Jonggesellesteier v. J. Hermes

*Wëntger:*

- De Rossbayard v. J. P. Hoffmann

*Wilwerdang:*

- Tata Liss vu Vallauris v. R. Clees

*Wolz:*

- Staarken Tubak
- De Maulkuerf v. Josy Christen

*Wuelëssen:*

- Kolter-Molter v. Edm. Jos. Klein

*Wuermeldéng:*

- De Maulkuerf v. Josy Christen

*Zéisséng:*

- D'Schweessdrépsen v. H. Trauffer
- Tante Louis XIV.

I. Walter

P. S. Bei en etlech Stécker feelt den Autor, kann een eis soen, wien et as? Red.

## Theaterstécker

*Christen, Josy:*

*En as gelueden.* Koméidi. 1 Akt. (fräi aus dem Franséischen) – Pers.: 2m/3w. – 20 Minutten.


*Draizéng um Dësch.* Koméidi an 1 Akt. Pers.: 4m/3w. 35 Minutten.

*Fofzeg Kilo wäiss Furf.* 3 Akten. (fräi no russeschem Original) Pers.: 5m/3w. – 21/2 Stonnen.

*Op der Däiwelsbuerg.* 3 Deler. Pers.: 5m/3w. Kriminalstéck – 1 Stonn. (Kannertheater)


*Helminger, Nico:*

zwee männer um schëff. – zettreppelt dauwe laude stuerm. – entlarvung oder e schéinen owend bei schmitts a säi wiirlechen zweck. – ausflig. – schrou. – ollomimischmulli. – d'spill vun de patriarchen. – so wéi as dat ... mat der léift. – rosch oder déi lescht rees. – nodenken iwwert d'diskussioun no der opféierung vun engem stéck dat nach nët geschriwwen as.



- I Däreldéier  
 II Eenzock  
 III Laangt Lach am Buedem  
 IV Eng Linn, oder eng Rëtsch  
 V Nët selen  
 VI En Humpe fëllen  
 VII Flueden  
 VIII Eng Zort Päerd

- 1 Entree fir ënnert d'Haus  
 2 Wat ganz ënne läit  
 3 Reez (Bor) vum Land  
 4 Südamerika Stad (Kuurzform)  
 5 Waasservull  
 6 Lännereie mat Gras  
 7 Trëppelen  
 8 Fënneft Rad um Won



- I Steemeessel  
 II Nout (Musek);  
 Lidechs  
 III Fraënnumm (Kuurzform)  
 IV Eng Zéierei;  
 Partiën  
 V Nët bestued, fräi  
 VI E Lach dréien  
 VII Verdauungsorgan  
 VIII Béis;

Virstad vu Lëtzebuerg

- 1 Mëttel fir d'Lieder ze gierwen;  
 Konstruktioun aus Steen  
 2 Wiirzmëttel  
 3 Bettstat  
 4 Den Éischten am Plotton (engl.)  
 5 Floss a Russland;  
 Mann vun der Duechter  
 6 Pënnen (Verb)  
 7 Vum saure Wäin gemaacht;  
 Reflexivpronomen (fr.)  
 8 Konjunktioun;  
 Deel vum Mount (Zäit)

D'Vokalen hu keen Accent oder Trema.  
 ÄÄ = AE - CH = 1 Buchstaf

(opgesat vum R. Lugen)



# Rieden op lëtzebuergesch

## eng nei Kollektioun mat Texter op lëtzebuergesch

Den éischte Band bréngt Rieden vum Adrien Ries, Dirckter bei der EG-Kommissioun zu Bréissel, as am Dezember 1981 crauskomm.

En zwete Band as fir d'Ouschteren 1982 um Programm, mat Texter vum Victor Abens, Europa-Deputéierten a laangjäerege Buurgermeeschter vu Vclanen. Weider Bänn kommen d'Päischten a Krëschtdag 1982 raus.

Et geet drëm, Texter ze bréngen iwwer allerhand Sujetën aus dem dagdeegleche Liewen; sou behandelt den éischte Band esou verschidden Themen ewéi:

- d'Nordstad
- d'Zoukonft vum Lëtzebuerg an Europa
- d'Fra an der Ökonomie
- d'Krisejoer 1975
- Lëtzebuerg an Europa
- d'Chance vun der Lëtzeburger Landwirtschaft an der EG
- Wéi ee vill schaffen an dach eppes vum Liewen hù kann

Dës Riede goufen an dene leschten zéng Joër e wéineg iwwerall am Land gehalten: zu Dikrech, zu Réimech, zu Bounceweg, zu Ettelbréck oder um UKW, Kanal 18, bei RTLëtzebuerg. Deen, dee lëtzebuergesch kann, ma och deen dee lëtzebuergesch léiert, jiddferce soll eppes doranner fannen, wat hien uspricht.

Fir dëst Buch ze bestellen, kann een d'Zomm vun 300 Frang op de Postscheck 12-12 vun der Sankt-Paulus-Dréckerei iwwerweisen. Och all Bichergeschäft hëlt gär Är Commande un.



**Actioun Lëtzebuergesch**, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg  
Téléfon 470612 – Bredewee 21 (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg  
Postscheck 6644-48 – Kont Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4 – Kont Interbank 4-100/9748

Präsident: Lex Roth, Lëtzeburger-Strooss 68, L-3360 Leideléng

1. Vizepräsident: Heng Rinnen, Bësch-Strooss 32 (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg-Zéisséng

2. Vizepräsident: Emil Schmit, Feld-Strooss 46, L-7218 Helsen/Walfer

Sekretär: Laure Wolter, Barriär-Strooss 69 (rue de la Barrière), L-1215 Lëtzebuerg-Märel

Caissier: René Faber, Barriär-Strooss 14 (rue de la Barrière), L-1215 Lëtzebuerg-Märel

Membre vum Comité: John Arend, Charel Malané, Georges Neuen, Roby Philippart, Robert Philippe, Pol Rassel, Robert Siuda

Redaktioun: H. Rinnen, Bësch-Strooss 32 (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg, Tél. 486137

Redaktiounskommissioun: H. Rinnen, Laure Wolter, Robert Siuda, Emil Schmit

Verlag: AL, Bredewee 21, L-1917 Lëtzebuerg

Drock: Kremer-Muller & Cie, Gaarde-Strooss 56, L-4151 Esch-Uelzecht, Tél. 52185 / 540640

Cotisation: op d'manst 200 Frang; Kollektivmembren: 300 Frang; Studenten: 100 Frang

**Well d'Post déi Lëtzeburger Nimm vun eise Stroossen nët all kennt,  
as et gutt, wann een dee franséischen derbäi schreift**

*Wat an den Article steet a gesot gët muss nët onbedéngt d'Menong vum Comité a vun der Redaktioun sin.*

**de  
kremer-muller  
as elo och  
an der  
stad**

imprimerie **kremer-muller&cie**

Luxembourg  
22, rue Adolphe  
Tél. 448634

Esch-sur-Alzette  
56, rue des Jardins  
Tél. 52185 et 540640